n°7/2024









# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 4.10.2024

# maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Roby Goergen,
conseiller LSAP



Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP



Diogo Costa,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng



Marc Meyer,
conseiller DP



Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR



Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Rita Schmit & Christiane Colbett / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°7 / 2024 - Parution: décembre 2024 - Imprimé sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE


Rapport sommaire en français 05

Assermentation de Monsieur Diogo Costa comme nouveau conseiller communal de la fraction du parti politique « LSAP » 09

**1. CORRESPONDANCE** 10

**2. TABLEAU DE PRÉSÉANCE** 11

**3. CIRCULATION** 11
Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion du marché de Noël 2024

**4. FINANCES** 12
4.1. Modification du chapitre IV – Chancellerie – du règlement-taxes général
4.2. Approbation du devis remanié relatif aux travaux de remise en état des cuves gauche et droite du réservoir d'eau potable « Roudebierg »
4.3. Approbation de la convention relative aux aides à la pierre conclue avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg relative à la construction de logements destinés à la location abordable sis 218, rue des Champs
4.4. Acquisition d'emprises – approbation d'actes de vente
4.4.1. Époux Marco Paul Kowa et Nicole Birchen, terrain sis rue du Mont St Jean
4.4.2. Époux Semir Babacic et Selma Aliagic, terrain sis rue Schiller
4.4.3. Époux Candido Miguel Teixeira et Maria da Piedade Costa Teixeira, terrains sis rue Jean Friedrich
4.4.4. Madame Margareta Magdalena Schleck, terrain sis rue Edison
4.5. Approbation de l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2023
4.6. Approbation des relevé et rôle de la taxe sur les chiens de l'exercice 2024
4.7. Approbation de la déclaration de recettes non-réglementées pour l'exercice budgétaire 2023
4.8. Fixation du taux de l'impôt commercial pour l'année 2025
4.9. Fixation des taux communaux en matière d'impôt foncier pour l'année 2025
4.10. Allocation de subsides ordinaires aux clubs et associations locales

**5. STRATÉGIE GÉNÉRATION SANS TABAC** 27
Approbation de la convention avec la Fondation Cancer Luxembourg dans le cadre de la stratégie Génération Sans Tabac

**6. PROJET « MOL NACH EMOL »** 29
Motion DP – participation de la Ville de Dudelange au projet « Mol nach emol » - intervention du STEP

**7. PRÉVENTION RELATIVE AU SYNDROME D'ALCOOLISATION FOETALE (SAF)** 30
Motion DP – adhésion à la charte sur la campagne de prévention relative au syndrome d'alcoolisation foetale (SAF) – ARCUS et « Quai 57 »

**8. URBANISME** 32
8.1. Approbation de la modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « Nouveau quartier » (PAP NQ) « NeiSchmelz-Centre » concernant des fonds sis à Dudelange au quartier « NeiSchmelz » présenté par le bureau Christian Bauer Associés Architectes S.A. pour le compte du Fonds du Logement
8.2. Approbation de la modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « Nouveau quartier » (PAP NQ) « NeiSchmelz-Sud » concernant des fonds sis à Dudelange au quartier « NeiSchmelz » présenté par le bureau Christian Bauer Associés Architectes S.A. pour le compte du Fonds du Logement

8.3. Approbation d'un projet de lotissement/morcellement d'une parcelle cadastrale longeant la route de Noertzange en 4 parcelles cadastrales
8.4. Approbation d'un projet de lotissement/morcellement d'une parcelle cadastrale longeant la rue Fany Schumacher en 2 parcelles cadastrales

**9. NOMINATION D'UN REPRÉSENTANT AU COMITÉ DE PILOTAGE NATURA 2000 « MINETTER DAGEBAUGEBIDDER »** 39

**10. REMPLACEMENT D'UN DÉLÉGUÉ DANS LE SYNDICAT DE COMMUNES MINETT-KOMPOST** 39

**11. REMPLACEMENT D'UN DÉLÉGUÉ DANS LE SYNDICAT DE COMMUNES TICE** 39

**12. REMPLACEMENT DU DÉLÉGUÉ EFFECTIF AUPRÈS DE « KLIMABÜNDNIS LËTZEBUERG – KLIMABÜNDNIS LUXEMBURG – ALLIANCE POUR LE CLIMAT, LUXEMBOURG »** 39

**13. APPROBATION DES CHANGEMENTS AU SEIN DE LA COMPOSITION DE COMMISSIONS CONSULTATIVES** 39

**14. PERSONNEL** 45
14.1. Conversion d'un poste d'employé communal, groupe d'indemnité C1, éducatif et psycho-social en poste d'employé communal, groupe d'indemnité B1, éducatif et psycho (service éducation et accueil)
14.2. Conversion d'un poste vacant de fonctionnaire communal à tâche complète, groupe de traitement D1, attributions particulières en poste de fonctionnaire communal à tâche complète, groupe de traitement C1, administratif (fêtes et manifestations)
14.3. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité B1, sous-groupe technique (gestion et maintien du patrimoine – entretien des bâtiments)
14.4. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité A2, sous-groupe scientifique et technique (gestion et maintien du patrimoine – gaz, eau et canalisation)

**15. DISCUSSION AU SUJET DE LA FERMETURE DE L'AGENCE RÉGIONALE DE DUDELANGE DE L'AGENCE POUR LE DÉVELOPPEMENT DE L'EMPLOI ADEM** 46

**16. SOMMET ÉCONOMIQUE** 51

**17. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS** 58

Annexes 61

# RAPPORT SOMMAIRE

**Présents :** Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol (à l'exception des points numéros 14.2 et 14.3 de l'ordre du jour), échevins. Mesdames Semiray Ahmedova (à l'exception du point numéro 14 de l'ordre du jour), Martine Bodry-Kohn ; Monsieur Diogo Costa (à l'exception du point numéro 14.2 de l'ordre du jour) ; Madame Fabienne Dimmer ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen (à l'exception des points numéros 6, 14.3 et 14.4 de l'ordre du jour) ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini, Marc Meyer, Yves Steffen ; Madame Carole Thoma et Monsieur Romain Zuang (à l'exception du point numéro 6 de l'ordre du jour), conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. • **Absente :** Madame Rosella Spagnuolo, conseillère communale, excusée. • **Délégation :** Madame Rosella Spagnuolo, conseillère communale, a conféré une délégation pour voter en son nom et pour son compte à Monsieur Marc Meyer, conseiller communal pour l'ensemble des points de l'ordre du jour.

Début de la séance publique à 08.00 heures. Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les présents. En début de séance, Monsieur le bourgmestre procède à l'assermentation de Monsieur Diogo Costa comme nouveau conseiller communal de la fraction du parti politique « LSAP ». Monsieur Costa prend la relève de Monsieur Alain Clement qui a démissionné du conseil communal avec effet au 15 septembre 2024. Après l'assermentation, Monsieur Costa tient son discours inaugural. Ensuite il est procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

**1 – Correspondance**

Monsieur le bourgmestre porte les informations suivantes à la connaissance du conseil communal :

• le panel du 20e anniversaire de l'ECCAR (European Coalition of Cities Against Racism), qui s'est tenu lors de la Conférence générale de l'ECCAR le 25 septembre 2024 à Heidelberg, a également célébré les lauréats du ECCAR Award de cette année. La Ville de Dudelange, dans la catégorie des villes de moins de 50'000 habitants, a été présélectionnée pour présenter son projet devant l'Assemblée générale à Heidelberg. Le bureau, le conseil scientifique et le conseil d'administration de l'ECCAR ont dès lors récompensé la Ville de Dudelange par le prix pour son projet sur la diversité culturelle intitulé « Mois du respect », qui abordait la question de la communication respectueuse des idées et des sentiments de chacun ;

• le compte provisoire de l'exercice 2023 clôture avec un boni définitif de 10,9 millions d'euros.

**2 – Tableau de préséance**

Le tableau de préséance, fixant l'ordre dans lequel les conseillers remplacent, le cas échéant, les membres du collège des bourgmestre et échevins, comme suite à l'installation de Monsieur Diogo Costa sur son poste de conseiller communal, est arrêté comme suit (conseillers par rang) : Madame Michèle Kayser-Wengler, Monsieur Jean-Paul Gangler, Madame Martine Bodry-Kohn, Monsieur Romain Zuang, Monsieur Claude Martini, Madame Semiray Ahmedova, Madame Françoise Kemp, Monsieur Roby Goergen, Madame Fabienne Dimmer, Monsieur Marc Meyer, Monsieur Yves Steffen, Madame Rosella Spagnuolo, Madame Carole Thoma, Monsieur Diogo Costa.

**3 – Circulation**

Le règlement temporaire de la circulation à l'occasion du marché de Noël 2024 est approuvé à l'unanimité.

**4 – Finances**

Le conseil communal approuve à l'unanimité les dossiers numéros 4.1 à 4.8 suivants :

4.1. la modification du chapitre IV – Chancellerie – du règlement-taxes général. Aux termes de cette décision une taxe unique est due pour tout nouveau raccordement au réseau public d'assainissement des eaux usées et fixée à 50,- € ;

4.2. le devis remanié du 1er juillet 2024, établi par le service de la gestion et du maintien du patrimoine, d'un montant 800'000,- €, toutes taxes comprises, relatif à la remise en état des cuves gauche et droite du réservoir d'eau potable « Roudebierg » ;

4.3. la convention relative aux aides à la pierre conclue avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg relative à la construction de logements destinés à la location abordable sis 218, rue des Champs ;

4.4. les actes de vente suivants relatifs à l'acquisition d'emprises : époux Marco Paul Kowa et Nicole Birchen, terrain sis rue du Mont St Jean ; époux Semir Babacic et Selma Aliagic, terrain sis rue Schiller ; époux Candido Miguel Teixeira et Maria da Piedade Costa Teixeira, terrains sis rue Jean Friedrich, et Madame Margareta Magdalena Schleck, terrain sis rue Edison ;

4.5. l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2023, tel que résumé dans le tableau ci-dessous :

| | | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|---|
| Total des restants à poursuivre | 746'579,92- € | 744'483,66- € | 2'096,26- € |
| Total des décharges proposées | 107'769,02- € | 107'769,02- € | |
| Total des arrérages | 854'348,94- € | 852'252,68- € | 2'096,26- € |

4.6. les relevé et rôle de la taxe sur les chiens de l'exercice 2024 s'élevant au montant de 57'890,- €, ce qui équivaut à 1'654 chiens soumis à une taxe individuelle de 35,- € ;

4.7. la déclaration des recettes non-réglementées pour l'exercice budgétaire 2023 d'un montant de 175'880,58- € ;

4.8. la fixation du taux de l'impôt commercial pour l'année 2025 à 350 %.

4.9. Avec 18 voix oui et 1 abstention, sont fixés les taux communaux en matière d'impôt foncier pour l'année 2025 comme suit : a) la catégorie A (propriétés agricoles et forestières) 500 %; b) la catégorie B1 (constructions industrielles ou commerciales) 750 % c) la catégorie B2 (constructions à usage mixte) 500 %; d) la catégorie B3 (constructions à autre usage) 250 %; e) la catégorie B4 (maisons unifamiliales, maisons de rapport) 250 %; f) la catégorie B5 (immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation) 500 %; g) la catégorie B6 (terrains à bâtir à des fins d'habitation) 1400 %.

4.10. avec 15 voix oui et 4 abstentions, sont approuvés les subsides ordinaires pour l'année 2023 aux clubs et associations locales.

**5 – Convention avec la Fondation Cancer Luxembourg dans le cadre de la stratégie « Génération Sans Tabac »**

L'initiative « Génération Sans Tabac » de la Fondation Cancer vise à proposer un monde sans fumée en promouvant toute une série d'actions depuis l'année 2023 et pour les années à venir. Pour atteindre son but, la Fondation Cancer cherche à mettre en place des partenariats qui visent à transformer un maximum de lieux fréquentés par un grand nombre d'enfants et de jeunes en environnements sans tabac pour protéger la santé et l'environnement.

Le conseil communal de la Ville de Dudelange approuve parfaitement la stratégie « Génération Sans Tabac » et il échet dès lors de conclure un partenariat avec la Fondation Cancer afin de la soutenir (1) à promouvoir une Génération Sans Tabac à l'horizon 2040, (2) à contribuer à la communication des messages de la stratégie et (3) à donner un maximum de visibilité de la stratégie en l'intégrant dans les propres actions de la Ville.

Finalement, le conseil communal marque son accord unanime à la convention de partenariat, conclue entre la Fondation Cancer et le collège des bourgmestre et échevins en date du 20 juin 2024 respectivement du 18 juillet 2024 dans le cadre de la stratégie « Génération Sans Tabac », ayant pour ambition de permettre aux enfants et aux jeunes d'aujourd'hui de grandir dans un environnement sans tabac, de devenir la première Génération Sans Tabac d'ici 2040 et d'éviter l'exposition de la population au tabagisme et d'atteindre moins de 5 % de fumeurs d'ici 2040.

**6 – Motion soumise par la fraction « DP » – participation de la Ville de Dudelange au projet « Mol nach emol » – intervention du STEP**

Le conseil communal constate qu'un nouveau projet intitulé « Mol nach emol » a été initié par le Syndicat Intercommunal à Vocation ECologique (SIVEC), la Superdréckskëscht Académie, la Fondation Kräizbierg et l'Emweltberodung Lëtzebuerg (EBL) et que ce projet est soutenu par l'OEuvre nationale de secours Grande-Duchesse Charlotte. Le but du projet est de collecter toute sorte de matériel scolaire, de le faire reconditionner dans les ateliers du Kräizbierg en vue de mettre le matériel à la disposition d'élèves, plus particulièrement d'élèves nécessiteux.

Le conseil communal approuve à l'unanimité la motion soumise par la fraction « DP » et invite ainsi le collège des bourgmestre et échevins d'intervenir auprès du syndicat STEP afin d'établir un contact avec les responsables du projet pour y adhérer et d'intervenir auprès du STEP afin d'installer des points de collecte de matériel scolaire dans divers locaux.

**7 – Motion soumise par la fraction « DP » – adhésion à la charte sur la campagne de prévention relative au syndrome d'alcoolisation foetale (SAF) – ARCUS et « Quai 57 »**

Le conseil communal est saisi par une motion soumise par la fraction « DP » invitant le collège des bourgmestre et échevins de signer la charte sur la campagne de prévention relative au syndrome d'alcoolisation foetale (SAF) – ARCUS et « Quai 57 ». Après discussion et échange, le conseil communal approuve unanimement cette motion et charge dès lors le collège des bourgmestre et échevins d'adhérer à ladite charte, laquelle est supportée aussi par la Fondation André Losch et d'envoyer ainsi un signal que la Ville de Dudelange s'engage pour la protection des enfants.

Le collège des bourgmestre et échevins est de même invité à mettre en oeuvre progressivement les points clefs de la charte : informer et sensibiliser sur les engagements de la charte, sur les effets néfastes de la consommation d'alcool pendant la grossesse et d'encourager de manière générale le personnel, la société civile et les partenaires de la Ville de Dudelange à participer à la promotion de la santé.

**8 – Urbanisme**

Toutes les décisions sub point 8 de l'ordre du jour sont prises à l'unanimité.

8.1. approbation de la modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « Nouveau quartier » (PAP NQ) « NeiSchmelz-Centre » concernant des fonds sis à Dudelange au quartier « NeiSchmelz » présenté par le bureau Christian Bauer Associés Architectes S.A. pour le compte du Fonds du Logement ;

8.2. approbation de la modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Particulier « Nouveau quartier » (PAP NQ) « NeiSchmelz-Sud » concernant des fonds sis à Dudelange au quartier « NeiSchmelz » présenté par le bureau Christian Bauer Associés Architectes S.A. pour le compte du Fonds du Logement. Les modifications ponctuelles sub 8.1 et 8.1 sont devenues nécessaires dans le cadre du projet de densification de l'ensemble du site ;

8.3. approbation du projet de lotissement/morcellement d'une parcelle cadastrale longeant la route de Noertzange en 4 parcelles cadastrales.
Ledit projet prévoit la division de la parcelle cadastrale numéro 579/7101 de la section B de Burange longeant la route de Noertzange en 4 parcelles cadastrales en

vue de la construction de 2 immeubles jumelés à 3 appartements ;

8.4. approbation du projet de lotissement/morcellement d'une parcelle cadastrale longeant la rue Fany Schumacher en 2 parcelles cadastrales.
Ledit projet prévoit la division de la parcelle cadastrale numéro 358/4755 de la section B de Burange longeant la rue Fany Schumacher en 2 parcelles cadastrales en vue de la construction de 2 maisons unifamiliales jumelées.

**9 – Comité de pilotage Natura 2000 « Minetter Dagebaugebidder »**

La Ville de Dudelange fait partie de la zone Natura 2000 du Comité de pilotage (COPIL) « anciens sites miniers » qui témoignent aujourd'hui de l'ère de l'extraction du minerai de fer. Constatant que la composition du comité doit être renouvelée dès le mois de juillet 2024, le conseil communal désigne avec toutes les voix, Monsieur Diogo Costa, conseiller communal, comme représentant de la Ville de Dudelange au sein du Comité de pilotage (COPIL) Natura 2000 « Minetter Dagebaugebidder ».

**10 – Syndicat de communes Minett-Kompost**

Monsieur Diogo Costa, conseiller communal, est désigné unanimement comme délégué de la Ville de Dudelange au comité du syndicat intercommunal pour la construction, la gestion, l'exploitation et l'entretien d'un centre de valorisation de déchets organiques dénommé « Syndicat Minett-Kompost » en remplacement de Monsieur Alain Clement, conseiller communal démissionnaire.

**11 – Syndicat de communes TICE**

Madame Fabienne Dimmer, conseillère communale, est désignée unanimement comme déléguée de la Ville de Dudelange au comité du Syndicat des Tramways Intercommunaux du Canton d'Esch TICE en remplacement de Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries.

**12 – Klimabündnis Lëtzebuerg**

Monsieur Diogo Costa, conseiller communal, est désigné unanimement comme délégué effectif de la Ville de Dudelange au « Klimabündnis Lëtzebuerg – Klimabündnis Luxemburg – Alliance pour le Climat, Luxembourg » en remplacement de Monsieur René Manderscheid.

**13 – Commissions consultatives**

Par des votes séparés, le conseil communal, approuve à l'unanimité les changements suivants dans la composition des commissions consultatives communales : Monsieur Félix Bonne, employé communal de la Ville de Dudelange, est nommé observateur dans la commission du vivre ensemble interculturel ; Madame Martine Bodry-Kohn remplace Monsieur Alain Clement en tant que membre de la commission de l'enseignement musical ; Madame Fabienne Dimmer remplace Monsieur Alain Clement en tant que membre de la commission de la circulation et de la mobilité ;
Monsieur Félix Bonne, employé communal de la Ville de Dudelange, est nommé expert dans la commission du jumelage et du tourisme ; Monsieur Gledis Kryeziu remplace Monsieur Tom Streff en tant que membre de la commission des subsides pour études secondaires et post-secondaires ; Monsieur Diogo Costa remplace Monsieur Gledis Kryeziu en tant que membre de la commission de l'environnement, de l'énergie et de la protection de la nature ; Madame Fabienne Dimmer est nommée membre de la commission des jeunes ;
Monsieur Alain Clement remplace Madame Tanja Franssens en tant que membre de la commission de la famille ; Madame Fabienne Dimmer remplace Monsieur Alain Clement en tant que membre du Groupe de travail « Sustainable Urban Mobility Plan (SUMP) » ; Avec 15 voix et 4 abstentions sont ensuite approuvés les changements suivants : Monsieur Diogo Costa remplace Madame Fabienne Dimmer en tant que Président de la commission des jeunes ; Madame Fabienne Dimmer remplace Monsieur Alain Clement en tant que Présidente de la commission de l'égalité des chances et de la non-discrimination.

**14 – Personnel**

Toutes les décisions sub point 14 de l'ordre du jour sont prises à l'unanimité.

14.1. la conversion d'un poste d'employé communal, groupe d'indemnité C1, éducatif et psycho-social en poste d'employé communal, groupe d'indemnité B1, éducatif et psycho-social pour le service éducation et accueil ;

14.2. la conversion d'un poste vacant de fonctionnaire communal à tâche complète, groupe de traitement D1, attributions particulières en poste de fonctionnaire communal à tâche complète, groupe de traitement C1, administratif pour le service des fêtes et des manifestations ;

14.3. la création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité B1, sous-groupe technique pour le service de la gestion et du maintien du patrimoine, entretien des bâtiments ;

14.4. la création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité A2, sous-groupe scientifique et technique pour le service de la gestion et du maintien du patrimoine, service gaz, eau et canalisation.

**15 – Fermeture de l'agence régionale de Dudelange de l'ADEM**

Une discussion générale concerne l'annonce récente du Ministre du Travail de la fermeture de l'antenne régionale de l'Agence pour le développement de l'emploi ADEM de Dudelange. Le Ministre du Travail avait annoncé fin septembre que l'agence fermerait ses portes le 30 novembre 2024 alors que des nouveaux locaux pour l'ADEM à Dudelange n'ont pas été trouvés. La fermeture de l'agence ADEM de Dudelange suscite le mécontentement du conseil communal.

Le collège des bourgmestre et échevins a confirmé avoir assuré son rôle de médiateur dans l'affaire mais regrette fortement la fermeture de l'agence régionale.

**16 – Point mis à l'ordre du jour par les fractions « CSV », « Déi Gréng », « DP », « Déi Lénk » – Sommet économique**

Les fractions ont soumis un point supplé-

mentaire à l'ordre du jour de la séance au sujet du sommet économique qui a eu lieu en date du 24 septembre 2024. Subséquemment, les fractions ont soumis une motion par laquelle elles sollicitent de la part du collège des bourgmestre et échevins d'informer sur la situation économique actuelle et future et les défis des commerces et industries dudelangeoises dans le cadre d'une réunion informelle du conseil communal et d'inviter les conseillers communaux à la prochaine édition de ce sommet.

La motion est rejetée avec 10 voix contre 9 après une discussion argumentée. Il est aussi renvoyé au communiqué de presse à cet effet.

**17 – Questions au collège des bourgmestre et échevins**

Les questions suivantes ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins : fraction « Déi Lénk » – crise du logement et impôt foncier, question à laquelle le collège des bourgmestre et échevins a répondu par écrit en date du 25 octobre 2024 ; fraction « Déi Lénk » – complexe sportif Strutzbierg, question à laquelle il est répondu séance tenante, et fraction « Déi Gréng » – piscine en plein air, question à laquelle le collège des bourgmestre et échevins a répondu par écrit en date du 18 octobre 2024.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.

# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 4. OKTOBER 2024



## D'VEREEDEGUNG VUM HÄR DIOGO COSTA ALS NEIE GEMENGECONSEILLER VUN DER PARTEI «LSAP»

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot a Vertrieder vun der Press, ech géif Iech hei begréissen. Mer wëllen de Gemengerot ufänke mat engem méi feierleche Moment, well mer en neie Gemengerotsmember ophuelen nodeems de Gemengeconseiller Alain Clement d'Decisioun geholl huet, sech aus dem Gemengerot zréckzezéien an eis dat annoncéiert huet, ass et un deem Nächstgewielten un der Rei, dat ass den Diogo Costa vun der LSAP. Nodeems och de Courrier komm ass vum Inneministère huet den Diogo Costa d'Decisioun geholl d'Mandat unzehuelen. Dofir ass och haut d'Vereedegung um Ordre du jour. Den Diogo Costa schafft als Offizéier am CGDIS a gëtt haut an déi grouss Famill vum Diddelenger Gemengerot opgeholl an dofir muss hien en Eed ofleeschten.

Diogo, wann s De haut am Numm vun der LSAP an de Gemengerot opgeholl gëss setz Du dech an an deenen nächste Jore fir d'Interête vun der Stad Diddeleng, natierlech an engem gemeinsamen Dialog tëscht Majoritéit an Oppositioun. Et ass ëmmer wichteg, sachlech a konstruktiv un déi verschidden Themen erunzegoen déi mer eis ginn, fir déi weiderzebréngen. Du weess, Diddeleng ass eng Stad, déi ganz vill Projeten huet. Diddeleng ass eng Stad, déi sech weiderentwéckelt, an dofir ass et och deementspriechend wichteg, am Interêt vun der Stad ze handelen an och iwwert d'Grenzen eraus. Fir dat awer kënnen ze maachen, muss ech am Fong den Eed fir d'éischt virliese wéi e formuléiert gëtt. An da géif ech Dech bieden, déi riets Hand ze hiewen an ze soen „Je jure", an den Eed ass folgenden: „Je jure d'observer la Constitution et les lois et de remplir la fonction avec intégrité, exactitude et impartialité."

DIOGO COSTA (LSAP): Je le jure.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Très bien. Häerzlech wëllkomm.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech proposéieren, dass mer mam Ordre du jour weiderfueren. Wat d'Form ugeet hu mer hei eng Procuratioun virleie vum Rosella Spagnuolo dat haut ofwiesend ass an dat dem Marc Meyer eng Procuratioun ginn huet. Dat ass fir de Gemengerot dovunner a Kenntnis ze setzen. Ech wollt de Gemengerot och a Kenntnis setzen dass mer jo säit dem leschte Gemengerot am Kader vun der Administration transparente allegeurten déi Dokumenter déi um Ordre du jour vum Gemengerot si jo och der Ëffentlechkeet zougänglech maachen. All déi Dokumenter sinn och um Internet-Site vun der Gemeng, vun der Stad Diddeleng, ze fannen. Dat ass den éischte Punkt. An dann och en Novum. Bon, sou en Novum ass et och net, well mer et jo schonn haten, dass d'Gemengerotssitzungen ab haut net nëmmen am Toun mee och am Bild opgeholl ginn. Déi leschte Kéier wou mer dat hate war virum Covid. An ech mengen dass een elo erëm hei op déi al Traditioun kann zréckkommen. Mir hu lo just d'Vereedegung virgeholl vun engem neie Gemengeconseiller, vum Diogo Costa, an et ass och dann Traditioun, dass den nei vereedegte Gemengerotsmember d'Wuert kritt fir säi Maiden speech ze halen. Dofir géif ech dann och dem Diogo Costa hei direkt d'Wuert ginn.

DIOGO COSTA (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Här Buergermeeschter, léif Schäffen, léif Conseilleren, et ass mir eng immens Éier, haut dierfen als jéngste Gemengerotsmember vum Diddelenger Gemengerot vereedegt ze ginn. Ech si kee Stack-Diddelenger, ech sinn och kee Stack-Lëtzebuerger. Ech sinn a Portugal gebuer, a wéi ech 4 Joer al war si meng Elteren en vue vun enger besserer Zukunft op Lëtzebuerg geplënnert. Ugangs hu mir zu dräi an engem Cafészëmmer an der Stad gewunnt. An enger klenger Kummer mat enger Kitchenette an engem gedeelte Buedzëmmer fir all d'Bewunner vum Stack. Kuerz drop, wéi meng Elteren alle béid eng Aarbecht fonnt hunn, si mer an en Appartement an d'Stader Gare geplënnert. Wéi ech sechs Joer al war si mir dunn op Capelle geplënnert, wou mir 5 Joer laang gelieft hunn. An där Zäit hu meng Elteren zu Diddeleng e Café iwwerholl. Deemno louch et op der Hand, iergend eng Kéier op Diddeleng ze plënneren, wat dann och 2003 geschitt ass.

Als jonke prepubertäre Jugendleche war et net einfach, an eng nei Stad ze kommen, matten am 6. Schouljoer ze wiesselen, seng Kolleegen zréckzeloossen a quasi bei Null unzefänken. Mee eppes huet mir d'Ukommen an d'Integratioun vereinfacht. An zwar d'Scouten, déi bis haut mäi Liewe prägen. D'Gréng Scouten hei zu Diddeleng hu mer Wäerter mat op de Wee ginn, déi ech bis haut verënnerlecht hunn: Toleranz, Demokratieverständnes, Laïzitéit an och Solidaritéit. Si hu mir bäibruecht, Verantwortung ze iwwerhuelen a mech ze engagéieren. Vum jonke Scoutechef bis hin zum Chef de groupe vun den Diddelenger grénge Scouten hunn ech mech benevole engagéiert a sou eise Grupp weiderbruecht. Haut sinn ech Member vum Direktiounscomité vun der Scoutsfederatioun FNEL a si Verwaltungsrotsmember am SIL, den Daachverband vun all de Lëtzebuerger Scouten. Mat 18 Joer hunn ech dann och decidéiert, mäi benevolt Engagement weiderze-

féieren a sinn den Diddelenger Pompjeeë bäigetrueden. Ech Schrëtt dee mäi berufflecht awer och mäi politescht Liewe präge sollt. Nom Lycée, deen ech ganz zu Diddeleng gemaach hu krut ech eng Aarbechtsplaz am Diddelenger Asazzenter a hunn esou meng berufflech Karriär bei de Rettungsdéngschter ugefaangen.

No engem beruffsbegleedende Studium am Emergency Management an enger zweejäreger Ausbildung sinn ech haut Offizéier beim CGDIS a responsabel fir d'Formatioun vun eisen neien Offizéier. Iwwert meng Aarbechtsplaz am Diddelenger Asazzenter hat ech d'Méiglechkeet, mat villen interessante Leit zesummenzeschaffen. Dorënner den Alain Becker, den Henri Glesener oder och nach de Roby Goergen, déi allen dräi Diddelenger Conseillere waren oder sinn. Donieft hat ech iwwert d'Pompjeeën de Pleséier, eisen Éierebuergermeeschter, de Mars di Bartolomeo kennenzeléieren, duerch deen ech dann och schlussendlech der LSAP bäigetruede sinn. Mäi Wëlle sech ze engagéieren huet sech schlussendlech och an der Partei weidergefouert.

Vum Comitésmember vun der Diddelenger Sektioun, spéider als Vizepresident an haut als President vun der gréisster LSAP-Lokalsektioun hei am Land, hunn ech d'Éier, eis Sektioun weiderzebréngen a sou eis sozialdemokratesch Wäerter no vir ze bréngen an eis Stad domadder ze moderniséieren a sozial gerecht ze maachen ouni awer d'Erausfuerderunge vu muer ze vergiessen, ganz au contraire. Och do ass de Scoutismus net ganz onschëlleg drun. D'Liewen an a mat der Natur huet mir hir Fragilitéit gewisen. An als Politiker hu mer d'Verantwortung, dës Fragilitéit unzëerkennen a Léisungen ze proposéieren, déi sozial, fair a gerecht si fir eis Welt e bësse hannerloosse wéi mer se virfonnt hunn. Mir mussen d'Leit aus all de Gesellschaftsschichte mat an dee Prozess huelen, nëmme sou kann eis dat geléngen.

No der Demissioun vum Här Alain Clement ass et mir eng grouss Éier a Freed haut vereedegt dierfen ze ginn. Ech soen an deem Kader all de Wieler Merci, déi mer d'lescht Joer hiert Vertraue ginn hunn an ech versprieche hinnen, mech fir Diddeleng anzesetzen.
Här Buergermeeschter, ech wëll mech an dësem Gemengerot asetze fir dass Diddeleng weiderhin déi liewenswäert Stad bleift, déi se ass. Ech wëll mech fir en Diddeleng vu muer asetzen, dat keen op der Streck léisst. Fir en Diddeleng, dat de Jonken eng Plaz gëtt an am géigesäitege Respekt mat all de Generatiounen zesummelieft. Fir en Diddeleng, dat seng Veräiner a Benevoller weiderhin ënnerstëtzt a wäertschätzt. Fir en Diddeleng, wou mir all zesummen an net niewentenee liewen an Integratioun kee Friemwuert ass. Ech wëll mech fir Diddeleng asetze well Diddeleng mir um Häerz läit. Ech soen Iech Merci.

# I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci dem Diogo Costa an och d'Ausriichtung vu sengem Asaz deen e wëll maache fir d'Stad Diddeleng.

Da géif ech ënner Kommunikatioun op zwee Punkte wëllen agoen. Den éischte Punkt ass, dass d'Stad Diddeleng en europäesche Präis wäert kréien. An zwar ass et jo sou, dass mer als Stad Diddeleng säit 2009 Member si vum europäesche Reseau „European Coalition of Cities against Racism". Dat ass eng europäesch Koalitioun, déi 2004 an d'Liewe geruff gouf. Et gëtt och eng international Koalitioun vu Gemenge géint de Rassismus. An um europäesche Plang sinn ëm déi 100 Gemengen, déi an deem Reseau dra sinn. An do gëtt all Joers dann den europäesche Präis attribuéiert an der Kategorie Gemengen iwwert 50.000.- Euro a Gemengen ënnert 50.000.- Euro. Mir falen also an d'Kategorie ënnert 50.000.- Euro, a mir haten do eis Initiativ „Mois du respect" eraginn. Déi ass zréckbehale ginn an dofir wäerten am Joer 2025 dann och Vertrieder vun der European Coalition of Cities against Racism op Diddeleng kommen an enger offizieller Demarche, déi se da maachen, fir eis de Präis ze iwwerreechen. Mee ech wollt dem Gemengerot awer déi Informatioun hei weiderginn. Dat ass mol dat.

Dann, par rapport zu der Kommunikatioun zu de Finanzen, well mer dëse Méindeg jo och d'Finanzkommissioun haten an ech och do an der Finanzkommissioun gesot hunn, wéi mer iwwert de PPF, de Plan pluriannuel de financement, d'Mise à jour gekuckt hunn, do wollt ech nach dem Gemengerot déi lescht Chiffere gi vum Kont 2023. Dir wësst am Initial 2023 hate mer e Boni définitif vun 1,9 Milliounen Euro ausgeschriwwen. Am Budget rectifié 2023 waren et 3 Milliounen Euro an am Kont 2023 sinn et 10,9 Milliounen Euro Boni définitif dee mer maachen. Mir maachen e Boni am Ordinairë vu 14,1 Millioun Euro. Mir maachen e Mali am Extraordinairë mat eisen Investissementer vu 5 Milliounen. Da kënnt nach de Boni vum Kont 2022, also ronn 2 Milliounen Euro. Dat heescht mir hunn do e generelle Boni vu 16 Milliounen Euro an e Mali vun e bësse méi wéi 5 Milliounen Euro, sou dass mer op en definitive Boni komme vun 10,9 Milliounen Euro.

## 2. TABLEAU DE PRÉSÉANCE

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op deen nächste Punkt iwwer. Dat ass d'Approbatioun vum Tableau de préséance. All Kéiers wann en neie Gemengerot gewielt gëtt, respektiv wann en neie Gemengeconseiller vereedegt gëtt changéiert och den Tableau de préséance deen domadder beinhalt engersäits d'Räng um Niveau vum Schäfferot, dann awer och d'Préséance en fonctioun vun der der Date d'entrée en fonction vun de jeeweilege Gemengeréit. Vun alleguerten déi hei sinn ass mat 2005 d'Madame Kayser d'Doyenne vun de Gemengerotsmemberen. An deen neien, deen hei gewielt gëtt ab dem 4. Oktober 2024 ass den Diogo Costa. An do dertëschent sinn alleguer déi aner Kolleeginnen a Kolleegen hei aus dem Gemengerot, déi an dem Joer 2011, 2017, 2021, 2022 an 2023 no de Gemengewalen hei an de Gemengerot komm sinn an da musse mer den Tableau de préséance och hei sou festhalen. Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

## 3. APPROBATIOUN VUM TEMPORÄRE VERKÉIERSREGLEMENT FIR DE CHRËSCHTMAART 2024

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer, dat ass Circulatioun, an do ginn ech dann dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – 4. SCHÄFFIN): Jo Merci. Mir bleiwe beim Feieren. Mir kommen nämlech bei de flotte Chrëschtmaart, deen och dëst Joer natierlech erëm wäert stattfannen, an zwar op der Place Kinnen, op der Place Am Duerf an och hei bei der Gemeng natierlech. A fir datt mer wärend den Opriicht- an och den Ofriichtaarbechten an natierlech och de Visiteure wärend dem Chrëschtmaart déi néideg Sécherheet kënne ginn, musse mer natierlech e Verkéiersreglement wéi mer dat all Joer hei maache stëmmen, fir d'Stroossen ze spären. Fänke mer einfach mol vir un: Méindes, den 2. Dezember ginn an der Niddeschgaass, an zwar tëschent dem Why not an der Place Kinnen op der Kinnen-Plaz a bei der Kierch d'Bude fir d'Veräiner an de Mëttelaltermaart opgeriicht. Et kommen och e puer Buden an d'Niddeschgaass, tëschent der Bijouterie, der Apdikt an dem Café Safe, fir d'Veräiner an d'Privatleit fir eng Verbindung tëschent dem Wantermaart, deen erëm op der Plaz am Duerf wäert stattfannen an dem Mëttelaltermaart op der Place Kinnen ze schafen.

Deen Dag, ech sot et, dat ass den 2. Dezember, ass d'Niddeschgaass do ënnen tëschent der Parfumerie, der Gemengeplaz an der Place Kinnen gespaart, dat wéinst deene villen Transporter tëschent der Gemeng an der Kierch, well do ginn nämlech déi hëlze Chalete fir d'Buden, wat eise Chrëschtmaart eigentlech duerstellt, déi ginn da geliwwert. An dat selwecht gëllt natierlech och fir Dënschdes de 17. Dezember nom



Chrëschtmaart, wann déi ofgeriicht ginn an och erëm ewechgeholl ginn. Vu Freides de 6. Dezember bis Sonndes de 15. Dezember ass d'Niddeschgaass an d'Rue du Commerce am Nomëtten an Owend da fir de Verkéier gespaart, jee no den Ouvertureszäiten natierlech vum Maart. De Bus awer, dee fiert de ganzen Zäit, also vum 5.12. bis de 15.12. duerch d'Rue de l'Etang, genau sou wéi mer dat och d'lescht Joer gemaach hu fir d'Leit net duercherneen ze maachen.

Nei dëst Joer ass, datt mer, dat alles, wat ech elo grad gesot hunn, dat ass net anescht wéi d'lescht Joer, dat Eenzegt wat elo nei ass fir dëst Joer, dat ass datt mer d'Niddeschgaass an d'Place Kinnen schonn donneschdes de 5. Dezember vu 14 Auer un eebe spären, a freides de 6. Dezember vun 11 Auer un. Dat ass fir datt d'Veräiner d'Méiglechkeet hunn, hir Buden a Sécherheet ze dekoréieren, well dat d'lescht Joer eebe vun hinne bemängelt gouf. Dat ass wéi gesot deen eenzegen neie Moment, datt mer de 5. Dezember an den 11. Dezember schonn e bëssen éischter späre wéi dat d'lescht Joer de Fall war. Dat wär et vu menger Säit. An dann hoffe mer, datt mer e ganz flotte Chrëschtmaart hunn a schéinem Wieder. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci dem Claudia Dall'Agnol fir déi doten Erklärungen an Ausféierungen. Si Remarken a Froen dozou? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da géif ech proposéieren, dass mer op de Vott iwwerginn.Ass de Gemengerot mat deem dote Verkéiersreglement averstanen?
***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.



# 4. FINANZEN

### 4.1. Modifikatioun vum Kapitel IV – Chancellerie – vum allgemengen Taxereglement

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da ass um Niveau vun der Chancellerie vun eisem Règlement-taxes eng Ännerung. Dir kënnt Iech erënneren, dass mer eng Remark krute vum Interieur am Kader vun hirem Contrôle, dass mer missten eng Tax stëmmen. Eng Taxe de raccordement un de Réseau d'assainissement fir d'Ofwaasser. Do hate mer jo och de 15. Mäerz hei am Gemengerot eng Prise de position geholl, wou mer gesot hunn dass mer op de Wee géife goe fir eng Tax stëmmen ze loossen. Ech hat och do och an deem Gemengerot gesot, dass mer géife kucken, wéi eng aner Gemenge sou änlech Taxen hätten. Dat hunn och eis Servicer och deementspriechend gemeet. Mir hunn eis och ëmfrot. An dofir proposéiere mer hei, wann e Privaten d'Connectioun un de Reseau mécht, dass eng Taxe de raccordement vu 50.- Euro soll bezuelt ginn.

Eis Servicer hu sech, wéi gesot, ëmfrot, a mir alignéieren eis hei mat deene 50.- Euro un d'Gemenge Käerjeng an och Péiteng, déi grad sou wéi mir och eng Remark kruten am Kader vum Contrôle vum Interieur an déi dann och an déi Richtung gaange sinn, fir dann eng separat Tax stëmmen ze loossen. Dat heescht, mir hunn eis un hinnen orientéiert, fir dat ze maachen. Dofir dann och hei d'Propos fir sou eng Tax anzeféieren, fir deem Rechnung ze droe wat den Interieur eis fir Remark gemeet huet. Dat zu den Erklärungen zu där doter Tax. Ass de Gemengerot mat där Tax averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech och do villmools Merci.

### 4.2. Approbatioun vum Devis remanié fir Travaux de Remise en état vun der lénker an der rietser Cuve vum Drénkwaasserreservoir «Roudebierg»

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. Do hu mer en Devis remanié vun 800.000.- Euro wat der Roudebierg ugeet. Do hu mer zwou Cuven am Waasserreservoir. Do hate mer en Devis estimatif vu 700.000.- Euro. Mir géifen hei en Devis remanié proposéiere vun 800.000.- Euro well sech am Kader vun den Aarbechten erausgestallt huet dass déi Aarbechte fir d'Decouppen ze maache fir déi Cuven effektiv zimmlech komplizéiert waren. De Roudebierg huet eng Capacitéit, déi zwou Cuven zesummen, vun 2500 m$^3$, ass also eise gréisste Waasserreservoir, dee mer hei hunn. Do waren natierlech och Aarbechten ze maachen um Niveau vun den Armaturen, awer och un de Cuven, déi auszeschneide waren, e bësse méi komplizéiert. Dofir hutt Der den Devis och deementspriechend hei virleie mat den Ännerungen, déi hu misse gemeet ginn. Travaux de découpe dans le béton armé, wou méi deier ausgefall sinn. Respektiv och d'Supporten, déi och dobäi waren. Dofir also deen Devis hei vun 800.000.- Euro also 100.000.- Euro méi duerch déi Komplikatioun vun Aarbechten, déi hei hu misste gemeet ginn. Dat zu den Erklärungen zu dësem Devis. Remarken? Froen dozou?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Just ganz kuerz. Also déi Decouppen, déi ware jo virgesinn, egal wéi. Well se ware jo och ursprénglech am Budget virgesinn. A fir mech eng Decoupe, do schneit een an de Bëtong, do mécht een eng Passivatioun vun den Armaturen, egal elo wéi grouss déi gëtt. Also ech verstinn net, wat lo dodru sou komplizéiert ass, dass dee Präis muss ëm 380 Prozent an d'Luucht goen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt mech am Fong un déi Fro ralliéieren. Da bleift mer nach just e Kompliment auszeschwätze fir déi Iwwersiichtlechkeet, déi ech awer erëmfonnt hu bei deem Devis remanié, well dat huet et awer méi einfach gemaach fir ze vergläichen, wou genau de Posten ass wou et méi deier ginn ass.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Also et si berechtegt Froen, déi hunn ech mer nämlech och gestallt. An d'Erklärung vun eise Servicer ass, dass et sech am Fong beim Ausschneiden erwisen huet dass d'Gegeebenheete vum Stol anescht ware wéi als éischt ugeholl. Dofir huet och misse méi grouss ausgeschnidde gi fir kënnen d'Struktur fachmännesch ze verstäerken. Dat sinn déi Erklärungen, déi d'Servicer eis ginn hunn. An déi dozou gefouert hunn, dass hei e Surplus ass vun 100.000.- Euro. Ech hoffen, dass ech domadder op Är Froe konnt äntweren.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt just bemierken, dass an allen Deliberatiounen, déi mer bis elo hunn dee falschen Datum vun der Séance publique steet, nämlech den 3. Oktober.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Bei mir steet Séance publique 4. Oktober an deem Dokument, wat ech hei virleien hunn. Dat ass jo e Projet de délibération. Dann ännere mer dat. De Gemengesekretär seet dass et en informatesche Problem ass. Et ass jo e Projet de délibération an dat huet herno alles seng Richtegkeet. Dofir dass dat heiten och seng Richtegkeet huet musse mer zum Vott iwwergoen. Wien ass mat dësem Devis remanié averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

### 4.3. Approbatioun vun der Konventioun fir d'Aides à la pierre, déi mat dem Staat vum Groussherzogtum Lëtzebuerg ofgeschloss gouf fir de Bau vu Logementer déi fir d'Location abordable bestëmmt sinn op 218, Rue des Champs

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op deen nächste Punkt iwwer. Dat ass d'Kon-

ventioun, déi mer virleien hu mam Logementsministère fir de VEFA-Projet op 218, Rue des Champs. Dee Projet, deen hate mer am Gemengerot den 3. Mee 2024, wou mer de VEFA-Projet gestëmmt hunn. Et sinn 3,9 Milliounen Euro, déi dee Projet eis kascht. Am Juli krute mer och den Aval vum Inneministère par rapport zu deem dote Projet. Ech ginn net nach eng Kéier op de Projet an, well mer e jo en long et en large diskutéiert hunn. Mee just fir nach eng Kéier de Kader ze situéieren. Et si jo 4 Logementer fir 21 Occupanten, déi do kënnen higoen. D'Aarbechte sinn de Moment och am Gaangen. An déi Konventioun, déi mer hei virleien hunn, déi reegelt am Fong dann och den Apport vum Logementsministère par rapport zu deem dote Projet.

An Dir gesitt an der Konventioun, also de Projet kascht eis 3,910 Milliounen an den Apport vum Logementsministère iwwert d'Konventioun ass 2.616.410.- Euro, dat si ronn 67% vun de maximal 75% déi mer do kréien. Ech hat Iech jo och gesot, wann een et e bësse méi ventiléiert kuckt, dass mer um Niveau vun de Konstruktioune selwer bei ronn 74% sinn. Bei den Terraine fält d'Konventioun, respektiv de Subsid vum Ministère e bëssen aneschters aus, wann een e bësse méi am Detail op d'Konventioun ageet. Dat wäert ech dann och elo hei maachen. Et ass am Fong sou, dass et eng Vente en état de futur achèvement ass fir 4 Unitéiten, wéi gesot fir 21 Leit. Dat ass den Apport vum Logementsministère iwwert de Fonds spécial pour le logement abordable, deen 2020 an d'Liewe geruff gouf, dass en iwwert dee Volet finanzéiert gëtt. An dee Fong ass jo do, fir Logement abordable ze ënnerstëtzen.

Mir engagéieren eis natierlech déi 4 Logementer am Logement abordable ze halen. Déi wäerten dann och un eise Service Logement attribuéiert ginn. Mir hunn natierlech och déi Méiglechkeet, eng Sous-Locatioun ze maachen un aner Acteuren. Dat ass de Moment awer net virgesinn. Dass mer do als Bailleur social dat Geld entloossen, mee am Moment si mer nach net op deem Punkt. Wéi gesot, d'Participation financière ass 2,6 Milliounen Euro. Wann iergendeng Cessioun sollt gemeet ginn, da kann dat nëmme mam Accord vum Staat gemeet ginn. An, wann dat gemeet gëtt, dann huet de Staat, sou wéi d'Gesetz et jo och virgesäit, e Virkafsrecht wat dat doten ugeet, wat déi Aide à la pierre ugeet. Wat d'Durée vun dëser Konventioun ugeet, och do ass en Engagement vu 40 Joer wou mer aginn, fir et och an der Abordabilitéit ze halen. Dat par rapport zu dëser Konventioun.

Ech mengen d'Gemengekeess ass frou, wa se déi dote Sue kritt an de leschte Stand vun den Aarbechten, wann der laanschtfuert laanscht d'Rue des Champs, gesäit een dass d'Gebailechkeeten am Gaang sinn ausgehillegt ze ginn. D'Aarbechte kommen deementspriechend och gutt virun, sou dass nieft dem Aushillege vum Fundament dat elo am Gaang ass, deemnächst d'Travaux de démolition wäerten an Ugrëff geholl ginn. Dat e bëssen zu den Ausféierungen zu dëser Konventioun, déi mer hei virleien hu mam Logementsministère. An elo ass natierlech d'Diskussioun op.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. D'leschte Kéier wou mer sou eng Konventioun haten, du war jo d'Diskussioun opkomm mat där Compensation aux Services publics. Do wollt ech och nach eng Kéier Merci soen un den Här Bausch, dass mer dann do de Gesetzesartikel geschéckt kruten. A wann ech dat elo richteg verstanen hunn, dann hu mer jo u sech Recht op déi Couverture de frais d'exploitation, dat wären awer da bis zu 140.- Euro de Mount pro Logement. Dowéinst wollt ech froen: Ass dat sou? A wäerte mer déi dann ufroen? Well dat ass jo och net näischt. An dann zu der Konventioun selwer nach. Mir kréie jo da 67% Remboursement. Do si mer e bësse vun de 75% ewech.

Ech wollt awer elo de Servicer gratuléieren, well dat ass zimmlech genau dat wat och am Devis deemools stoung. Et läit dann eeben dorun, dass den Terrain e bëssen deier war, mee dat ass dann eeben esou. Mir wousste jo, wourop mer eis géingen aloossen, well d'Servicer dat anstänneg recherchéiert haten. An da wollt ech awer just nach eng Kéier kuerz op eis Diskussioun am Mee zréckkommen an ech wollt froen, ob Dir mëttlerweil d'Méiglechkeet hat, dat nozekucken? Op meng Fro krut ech nämlech deemools keng Äntwert, wéi et méiglech war, dass d'LSAP-Fraktioun scho bei der Budgetsried Bescheed wousst, wéi ee Projet géing zréckbehale ginn, obwuel d'Decisioun réischt am Schäfferot am Januar geholl gouf. Ech hunn et och dës Kéier ausgedréckt. Mee et géif mech awer interesséieren, wou deen Hick kann hierkommen an ech krut am Mee do keng Äntwert drop. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Ech hat Iech hei am Gemengerot, wéi mer iwwert d'Konventioun geschwat hunn an Aussiicht gestallt, wat de Montant kéint sinn, dee mer géife kréien, sans Garantie. Ech mengen dass dat virun allem och mat der Implikatioun vun eise Servicer ze dinn huet. Dat hat ech och deemools gesot, eise Mataarbechter, den Här Glesener, deen ëmmer am enke Kontakt ass mam Logementsministère, mat den zoustännege Mataarbechter vum Logementsministère, fir och en fonction vum Cahier de charges, deen de Logementsministère opgestallt huet, dat sou enk wéi méiglech ofzestëmmen, fir och sou vill wéi méiglech Subsiden ze kréien. Dat ass natierlech eng Sisyphusaarbecht, wou vill Kontakter hin- an hiergi fir déi Ofstëmmung ze maachen, mee déi es et dann erméiglecht un de Subside wat d'Konstruktioun ugeet, sou no wéi méiglech ze kommen. Dat ass mol dat Eent.

De Volet mat der Compensation aux Services publics. Ech mengen déi wäerte mer froen, ob et deen dote Montant ass oder méi oder manner. Op alle Fall wäerte mer deen Usproch do geltend maache well d'Gesetz et jo och virgesäit. An dann déi aner Déngen, dat entzitt sech menger Kenntnis. Ech ka mech net drun erënneren, dass ech dat gesot hätt. Ech soen dat hei nach eng Kéier. Dofir kann ech elo dorobber keng Äntwert an deem Sënn ginn. Soss nach Froen? Dat ass net de Fall. Da géif ech virschloen, dass mer zum Vott vun der Konventioun iwwerginn. Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**4.4. Acquisitioun vun Emprisen – Approbatioun vun Actes de venten**

*Bestuete Koppel Marco Paul Kowa an Nicole Birchen, Terrain an der Rue du Mont St Jean, bestuete Koppel Semir Babacic a Selma Aliagic, Terrain an de Rue Schiller, bestuete Koppel Candido Miguel Teixeira a Maria de Piedade Costa Teixeira, Terrainen an der Rue Friedrich, Madame Margareta Magdalena Schleck, Terrain an der Rue Jean Friedrich*

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op deen nächste Punkt iwwer. Dat sinn Acquisitioune vun Emprisen. Dat sinn der 4 Stéck. Ech géif mat der éischter ufänken. Dat ass 19, Rue du Mont St Jean. Do ass de Probrietär den Här Kowa an d'Madame Birchen. Mir kafen deenen 0,14 Ar of. Dir wësst dass mer 700.- Euro den Ar bezuelen, dat ass dann 98.- Euro. Dat ass Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique. Dat ass deen éischten. Dann deen zweeten, dat ass 1, Rue Schiller, dat ass d'Madame Allagic an den Här Babacic, dat sinn 0,30 Ar. Präis den Ar, dat si 700.- Euro a mir bezuelen der 210.- Euro. An dat ass am Kader vun enger Baugeneemegung, wou mer dann e Réaménagement partiel maache vun der Connexion piétonne, an déi kënnt dann och an d'Voirie publique eran. An dann deen nächsten, dat ass d'Madame Costa Teixeira an den Här Miguel Teixeira. Dat sinn 0,16 Ar an 0,06 Ar. Dat si 700.- Euro den Ar, dat sinn 162.- Euro an och do d'Utilité publique, dat ass am Kader vum Reamenagement vun der Rue Jean Friedrich.

Do kann ech Iech soen, just als generell Info, dass am ganzen 32 Cessions d'emprises akzeptéiert goufen. 19 hu mer der bis elo gemeet. 13 bleiwen der nach aus. Dat heescht dass mer nach e puer Gemengeréit hei wäerte verbrénge wou mer déi doten Emprisen da wäerte regulariséieren. Et ass eng gréisser Entreprise fir dat ze maachen, mee et ass eeben néideg. Dat heescht et alles um Wee an de Gemengerot wäert nach méi wéi eng Kéier mat deenen doten Emprisen an där doter Strooss befaasst ginn. Dann, déi nächst Emprise ass an der 17, rue Edison. Dat sinn 0,26 Ar. Och do ass eng Place voirie, d'intégration d'utilité publique. Dat sinn 182.- Euro an 0,26 Ar. Ech mengen da wär ech duerch all déi Emprisë gaangen. War dat fir de Gemengerot kloer?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt just nofroen, déi Emprisen, déi dann de Leit proposéiert ginn, ginn déi ëmmer akzeptéiert? Oder hunn d'Leit och d'Recht, dat ze refuséieren?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Also d'Leit hunn natierlech och d'Recht, ze refuséieren. Mee dann ass dat en Terrain, deen dann awer der Voirie publique geschëlt ass, wou si Proprietär sinn, do hu si och eng gewësse Responsabilitéit. Lo ass et awer sou, et gouf jo eng Zäit, wou mer näischt ugebueden hu fir déi doten Emprisen an d'Voirie publique eranzehuelen. Mir hunn de Proprietären näischt ausbezuelt. Mir hunn dann d'Käschten iwwerholl. Dat maache mer jo och elo. Do hate mer éischter Refusen.

Lo hu mer eis awer e bëssen alignéiert, och elo un de Präisser déi aner Gemenge froen, respektiv de Staat, fir sou Emprisë freet. An do gesi mer wann d'Leit awer fir hir Parzell eppes Klenges kréien, dass se vill méi enclin sinn och ze verkafen. An et berengegt deementspriechend jo och d'Cessioun, well de Prinzip jo dee soll sinn, wa mer Parzellen hunn, déi der Voirie publique zougestouss ginn, dass se dann och a Gemengenhand solle sinn. Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**4.5. Approbatioun vum Etat vun de Restanten déi anzedreiwe si beim Ofschluss vum Exercice 2023**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech proposéieren, dass mer op de Restanten iwwerginn. An da géif och normalerweis eise Receveur zou eis stoussen. Ech géif awer schonn ufänken, eng Rei Ausféierungen ze maachen zum Restanten vum Joer 2023. Dir wësst dass de Restanten Aussiicht gëtt iwwert d'Schëldner vis-à-vis vun der Gemeng, also Rechnungen déi nach opstinn an nach net bezuelt goufen, dat sinn da souwuel Personnes physiques wéi Personnes morales. Et kann een awer soe wann een d'Chiffere kuckt fir d'Joer 2023, den Total vum Restanten, dat sinn 854.348,94.- Euro. De Receveur proposéiert eng Decharge vun 107.769,02.- Euro. Sou dass de Rescht vum Restanten ass, wou se och poursuivéiert ginn 746.579,92.- Euro sinn.

Et ass am Fong dat 4. konsekutiivt Joer wou de Restanten weider ënnert der Millioun ass. Dee geet kontinuéierlech erof. Och do, wann een e bëssen den Historique kuckt, an Dir hutt jo och do déi néideg Zuele kritt. Wann een e bësse sou de Rappell mécht, 2010 hate mer de Peak erreecht vu ronn 2,1 Milliounen Euro, wou mer Restanten haten. Deen ass du kontinuéierlech erofgaangen an am Joer 2020 si mer knapp ënnert der Hürd vun 1 Millioun Euro, a vun do un ass e kontinuéierlech erofgaangen. Wat elo hei wichteg ass, dat ass dass de Gemengerot gréng Luucht gëtt fir dass de Receveur an och de Schäfferot gréng Luucht kritt fir dass mer déi Suen do kënne weider andreiwen. Wann een e Bléck werft op de Restante vum Joer 2023, do gesäit een natierlech och dass virun allem alles wat Waasser an Ofwaasser ugeet, dass dat de Gros vun de Schëldner ausmécht. Dat sinn am Fong Prestatiounen, Déngschtleeschtungen, déi d'Stad Diddeleng mécht. Awer och de ganzen Déchets ménagers, de ganzen Offall. Et mierkt een awer dass och de Volet vun de Structures d'accueil, deen déi Jore virdrun e bësse méi ausgepräägt war, dass deen erofgeet. Et mierkt een och dass de Restante vun deene Jore virdrun, dass dee Stock och kontinuéierlech erofgeet. Natierlech och nei Schëldner bäikommen, och wann insgesamt d'Zuel erofgeet. Mee dat weist awer och dass et an der Stad Diddeleng sécherlech Haushalter ginn, déi et e bësse méi schwiereg hunn. Mir wëssen dass et engersäits Leit ginn déi bewosst net bezuelen an do entaméiere mer och Prozeduren. Ech wäert herno kuerz drop agoen.

Mir hunn awer och Schëldner deenen et finanziell vläicht net sou gutt geet, et ass natierlech och e bëssen e Spigelbild vun der Kafkraaft vun enger Rei Diddelenger Biergerinnen a Bierger, déi natierlech och a Kon-

takt trieden engersäits mat eisem Receveur fir e Plan d'échelonnement ze kréien, fir dass een dat e bësse méi kann opdeelen awer effektiv och Kontakt hu mam Office social. An ech menge wann déi Kontakter sinn, da kann een de Leit deementspriechend och entgéintkomme fir déi Schold déi se hu progressiv ofzebauen.
Par rapport zu deenen, déi dann effektiv net wëlle bezuelen, do musse mer dann aner Demarchen entaméieren. An dat sinn dann éischter Poursuitten, déi mer deementspriechend wäerte maachen. Just fir Iech do awer e bëssen en Ordre de grandeur ze ginn.

An de Poursuitte sinn am ganzen 327, déi am Gaang sinn. International Poursuitte sinn der 112. Ech mengen dat ass alles a Preparatioun. Mir hunn Ordonnances de paiement, déi en cours sinn, wou Poursuitte schonn engagéiert sinn, 251. Dossieren, déi beim Huissier de justice leien, 65. Saisie-arrêten déi prononcéiert goufen och iwwert d'Geriicht, dat sinn der 30. Faillitten, wou mer éischter en attente sinn, déi net clôturéiert sinn, dat sinn der 26. Do si mer éischter da bei de Personnes morales. Dat weist dass mer am Ganzen ëm déi 866 Dossieren hunn, wou mer Demarchen entaméiert hunn, wou eis Servicer ganz aktiv sinn, wou mer eis och Demarchë ginn hunn iwwert déi lescht Joren. Dat heescht, hei ass mengen ech d'Maschinerie déi rullt. Wéi gesot, mat deem Equiliber, dee mer versichen ze kréien, engersäits déi Leit, déi net bezuele kënnen, déi sech awer wëllen hëllefe loossen an déi, déi wierklech e bësse méi haartnäckeg sinn. A wéi gesot, vun eise Servicer, vun den „Déngschtleeschtungen" vun der Stad Diddeleng profitéieren oder an Usproch huelen, mee se am Fong net da wëllen deementspriechend honoréieren, wéi gesot där ginn et der och.

Dir hutt de ganzen Dossier virleie vun eisem Receveur, deen de ganze Listing gemeet huet vun de Personnes physiques an de Personnes morales. Wat ech Io just hei ka soe par rapport zu engersäits de Restanten, deen aussteet, just als Informatioun, ech wëll den Numm net soen, mee dat ass eng gréisser Entreprise, déi hei um Territoire ass vun der Stad Diddeleng, déi entretemps hiren Impôt foncier bezuelt huet. Deen ass zwar hei nach dran, mee dee fält am Fong eraus. Dat ass e bëssen en Update, deen ech hei wëll maachen, dat heescht, dat gëtt e bëssen en anert Bild.
An natierlech, dat wëll ech Iech elo net virenthalen, an der Decharge déi mer hei gi vun 107.769,02.- Euro ass och eng Faillite dran, wou mer natierlech eis Rechter geltend gemeet hunn, mee déi awer clôturéiert ass, wou mer näischt méi kréien, dat ass OUNI, d'Kooperativ. An dat mécht e Montant vun 41.923.- Euro aus, déi kréie mer net méi, dofir gi mer se an d'Decharge.
Dat sinn awer zwou Informatiounen, déi ech hei och wollt ginn. D'Geschicht vun OUNI, déi kennt Dir, déi hate mer scho méi wéi eng Kéier hei am Gemengerot beschwat. Dat e bëssen zu den Ausféierunge par rapport zum Restanten. Dir kënnt elo natierlech Stellung dozou huelen an eise Receveur, de Gilbert Loos, wäert sécherlech och nach eng Rei Ausféierunge kënne ginn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Merci och erëm fir déi ganz detailléiert Opléschtung. Dat ass ëmmer flott, da kann ee sech awer e bëssen en Aperçu maache wourunner et läit, dass mer awer ëmmer nach e Restanten-Etat hunn, deen awer schonn héich ass. Mee mir sinn immens frou wa mer d'Evolutioun kucken. Här Buergermeeschter, Dir hutt et elo grad gesot, mir haten an der Zäit e Restanten-Etat vun 2 Milliounen. Ech ka mech nach erënneren, viru Joren, do si mer erofgaangen, do huet de Buergermeeschter Bodry gesot: Wa mer eng Kéier ënner 1 Millioun sinn, da si mer gutt. An do si mer jo lo och ukomm. An ech menge mir haten eis jo och als Gemengerot hei d'Moyene ginn, fir eeben och Leit anzestellen, fir eeben och do de Suivi méi konsequent ze maachen.

Den Här Buergermeeschter huet et och gesot, wat wichteg ass, ass eeben doduerch och de private Kontakt, de perséinleche Kontakt mat eise Schëldner. Dass een eeben och kann hëllefen, hir Situatioun ze verstoen. Well et ass wéi Dir sot, et sinn der vill déi einfach an enger Situatioun sinn, wou se d'Enner net zesummekréien an eebe vläicht och de Wee scheie fir bei den Office social ze goen, de Wee scheie fir ze soen, hei lauschter, et geet mir net sou gutt. Vläicht och an enger perséinlecher Situatioun sinn, wou se Depressiounen hunn oder och einfach net méi à même si fir eng Demarche ze maachen. An ech denken do ass et wichteg, dass dann och e perséinleche Kontakt ass tëschent eise Leit vum Service an deene Leit, déi Hëllef brauchen.

An et ass awer och wéi Dir sot, dat fanne mer och ëmmer e bëssen traureg, dass eebe vill Leit et einfach drop ukomme loossen an einfach keng Skrupel hu fir einfach ze denken, iergendwann eng Kéier geet et eng Kéier. Och wann ee kuckt, mir froe jo hei lo och eng Decharge vu Rechnungen, déi mer wierklech net méi kënnen andreiwe vun Dûen, déi mer net méi kënnen andreiwen. Dir hutt gesot, 26 Faillitte sinn en cours. Do si mir warscheinlech déi Allerlescht hannen an der Rei fir iergendeppes ze kréien. Da gesinn ech da bei deenen, wou mer Decharge froen och den Décès. Ech mengen dat ass dann eeben och Pech domm gaange souzesoen. Do kënne mer dann näischt méi huele wann näischt méi ze huelen ass. An da sinn der awer och déi ausgewandert sinn. An dat war nämlech eng Fro déi ech hat. Mee Dir hutt gesot, et sinn 112 Procédures internationales, déi awer och gräifen. Dat fannen ech och ganz wichteg, dass een do awer och nohake geet, well déi Leit kréie warscheinlech awer och eng gutt Situatioun am Ausland, dass se awer och zur Rechenschaft gezu ginn an eis och bezuelen. Och dass 324 Poursuitten am Gaange si plus nach déi 65 beim Huissier, déi Saisien a sou weider, Ordonnance de paiementen. Ech mengen dat weist awer dass mer net noloossen, dass mer derhannert bleiwen, dass mer wierklech probéieren, déi Sue sou gutt wéi méiglech anzedreiwen.

Well et ass jo net aus Spaass an der Freud wou mer dat maachen, mee dat si Suen, déi feelen eis am Budget, déi feelen eis fir aner Projeten ze maachen. An ënnen ass ganz flott opgedeelt, wéi vill am Fong de Restanten-Etat ausmécht, wéi vill och pro Awunner vun Diddeleng. Dat sinn awer 34.- Euro pro Awunner vun Diddeleng déi feelen. Dat sinn am Fong déi Leit, déi

beklauen eis, sief et elo bei Verschiddenen ongewollt, mee bei Verschiddenen awer och bewosst. Déi klauen den Diddelenger Bierger Suen, déi ee kéint anerwäerts an Diddeleng investéieren.

Ech wollt awer just eng Fro stellen. Wat mech e bëssen och erstaunt huet, dat ass mat de Structure d'accueillen, dass dat awer nach ëmmer en impressionnante Montant ass. An do hu mer och Saachen, déi mer bei der Decharge proposéieren. Do steet dann als Argumentatioun: Problème de renouvellement de la carte chèque-service. Mir haten d'lescht Joer am Gemengerot jo och e Punkt um Ordre du jour, wou mer och d'Ännerung vun den Taxe vun de Kannerbetreiungsariichtungen, d'Taxereglementer geännert hunn, an do hat et och geheescht gehat, dass effektiv mat méi Rigueur géif dohannert gebliwwe si fir dass déi Leit awer hir Chéque-servicen erneieren. Dat hei si lo meeschtens Chèque-service Fäll vun 2015 bis 2020 hunn ech gesinn, déi mer hei zur Decharge ginn.

Meng Fro ass: Mierkt der awer elo dass dat besser klappt? Dass d'Leit et awer ronn kréie fir hire Chèque-service ze erneieren? Dee muss all Joer erneiert ginn oder hu mer vläicht och e Laissez-faire-aller deen awer weidergeet, aus där Ursaach vläicht, wat awer och ugeklonge war, dass mer jo lo 20 Stonne gratis hunn, dass d'Leit oft menge gratis ass gratis. Mee et ass net gratis gratis. Well an de Vakanze mussen d'Leit awer d'Prise en charge vun hire Kanner bezuelen. An ech denken dass dat awer och oft eppes ass, wat d'Leit selwer net wëssen. Si soen ëmmer, ma jo, et ass alles fir näischt. Vläicht kënnt Der eis do nach Explikatioune ginn, wéi et momentan leeft.

Also wéi gesot, Merci der ganzer Ekipp ronderëm de Receveur. Mir sti voll a ganz hannert all Ären Demarchen, déi Dir maacht fir Suen nach anzedreiwen, déi mer nach zegutt hunn. Mir gi kengem eppes klauen, mir hätte gär déi Suen, déi mir zegutt hunn. A mir begréisse virun allem och Är sozial Approche an Är differenzéiert Approche fir all Fall eenzel ze kucken an och Hëllef unzebidden déi mer jo och hei um Terrain ganz gutt hunn, sief et iwwer den Office social an och aner Servicer, déi do kënnen eng Hand mat upaken. Also wéi gesot, mir si voll a ganz zefridden dass d'total Zomm och weider erofgeet a ganz optimistesch hoffe mer, dass et och sou weidergeet. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert an och mir schléissen eis dann och den Danksagungen un de Service vum Här Loos un an och Merci fir déi Opléschtung, déi ass ganz detailléiert. Ech war mer perséinlech net bewosst, dass mer eng Kéier bei 2 Millioune ware bis ech bei eis Lokalsektioun komm sinn, déi gesot huet: Oh Mamm, dat doten, dat waren eng Kéier 2 Millionen. Effektiv, dat weist einfach, dass eng gutt Aarbecht gemaach gëtt, dass do e konsequente Suivi ass. An d'Madame Kayser huet et och elo grad gesot, dee perséinleche Kontakt tëschent Service a Leit, deen ass ginn, soss hätt een net déi Evolutioun do. Eng kleng Fro ass mer awer nach bliwwen no all deenen Äntwerten, déi ech kritt hat. Wou ech den Detail e bësse gekuckt hunn, do tauche jo awer relativ oft Firmen, Cafetieren a sou weider op an deene Scholden, déi da bleiwen. Do wollt ech einfach froen, wéi et mat der Preventioun ass op deem doten Element. Ech erkläre mech.

Ganz oft geet et jo drëms, de Buergermeeschter hat et grad gesot, alles wat Waasser an Offall a sou weider, dat si Saachen, do kann een d'Käschte reduzéiere schonn am Virfeld, wann een am Virfeld vläicht mat enger méi grénger Strategie drugeet, wou ee seet, mir kucken iergendwéi Waasser spueren, Energie spueren. Ob et do iergend e Programm gëtt fir déi dote Leit vu virera schonn ze ënnerstëtze wa se hire Betrib opmaachen, fir op e Wee ze goe wou déi lafend Käschten einfach duerch Opklärung kënne vläicht reduzéiert ginn? Dat ass lo vläicht net onbedéngt de Service vum Här Loos deen dat mécht, mee et ass eng allgemeng Fro fir d'Gemeng, ob dat net eng Strategie wier fir deene Leit, déi vläicht eppes wëllen opmaachen, déi eng Grënnung maache vun enger Entreprise, fir deene vläicht vu vireran ze soen: Voilà, hei sinn e puer Energiespartipps oder Lafend-Käschte-Spuertipps, wou ee vläicht och verschidde Scholden einfach vu virera kéint minimiséieren. Ech soe Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. An och vu menger Säit e Merci, ech mengen deen hate mer jo och schonn d'lescht Joer gesot, fir déi wierklech detailléiert Opléschtung. Well een do wierklech awer en Iwwerbléck kritt. Mir haten och d'lescht Joer gesot, dass et schued ass, dass een d'Leit net kann direkt a Kontakt bréngen zum Beispill mam Office social, wou een d'Gefill huet dass et schwiereg ass, aus Dateschutzgrënn. Mee mir sinn awer frou dass do probéiert gëtt, de perséinleche Kontakt hierzestellen, well dat immens wichteg ass. Well een do awer ka vläicht verschiddene Leit hëllefen. Et ass och scho gesot ginn, dass de Restant ëmmer liicht erofgeet. Mir ass et opgefall dass et dëst Joer wierklech vill méi Dechargë sinn, an wann ech dat richteg gesinn hunn, sinn dat virun allem d'Chèque-servicen, déi sech iwwer Joren ugesammelt hunn a wou lo warscheinlech decidéiert ginn ass, do eng Decharge ze ginn. Vläicht kann een do nach eng Kéier Explikatioune kréien.

An dann hat ech nach eng Fro. Mir haten d'lescht Joer vill iwwert d'Residencë geschwat, wat och e gréissere Problem war. An do war gesot ginn et géing vläicht probéiert ginn, déi wierklech eenzel unzeschreiwen an ze kucken. Ech weess awer, dass dat immens vill Aarbecht ass. Ech weess net, ob der dozou komm sidd. Mee wa jo, ass et besser ginn? Huet et eppes bruecht? Ech hu gesinn, et sinn der ëmmer erëm relativ vill dran, e puer sinn der elo ewechgefall. An dann hunn ech mer just nach eng Fro gestallt, virun allem bei eenzel Leit, mee net nëmmen, sinn heiansdo Restanten, wou just d'Joer 2011 oder just 2014 an 2015 betreffen, wou ech mech zum enge gefrot hunn, wéi dat méiglech ass, mee virun allem: Verjäert sou eppes? Oder besteet do nach d'Méiglechkeet, dann d'Hoffnung, dass mer Restante vun 2011 nach eng Kéier erëmkréien? Villmools Merci.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech wollt just nach eng Kéier Merci soe fir déi Detailer an natierlech och eisem Receveur a senger

Ekipp fir déi gutt Aarbecht, déi si ronnbruecht hu fir dee Montant vun deene Restanten erofzedrécken. An ech si ganz sécher, dass deen an deenen nächste Joren och nach e bësse méi kleng wäert ginn. Et ass natierlech och schued dass verschidde Persounen alles dru leeë fir net wëllen ze bezuelen. Et ass awer natierlech och traureg, dass effektiv och Bierger hei zu Diddeleng sinn, déi eventuell net kënne bezuelen, well se d'Moyenen net hunn. Do musse mer natierlech och kucken, dass déi Hëllefen, wou d'Gemeng de Bierger ubitt, dass déi Leit och Informatiounen dozou kréien, wat hinnen alles zousteet a wat se och kënne kréie fir hiert Liewe finanziell besser kënnen ze meeschteren. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt mech just vun eiser Fraktioun aus och deene Mercien uschléissen un de Service vum Här Loos. Well jiddwereen huet dat mengen an Uecht geholl, dat ass ganz ganz vill Aarbecht, déi do derhannert stécht. A wat mir och begréissen, dat ass, dass hei net sou mam Kamp driwwer geschuer gëtt, mee datt eeben hei och d'Fäll an d'Situatiounen eenzel gekuckt ginn. Dat war eis ëmmer ganz wichteg. Well et ass jo schonn e puer Mol hei ugeklong, déi eng déi kënnen net bezuelen an déi aner, déi wëllen net bezuelen. An et muss een déi zwee eebe gutt trennen. An déi, déi net kënne bezuelen, ech menge mir hunn hei e ganz performant Netz u soziale Moossnamen hei zu Diddeleng. An et louch eis eeben um Häerz fir eeben och dat Netz spillen ze loossen. Ech erwänen hei just d'Allocation de vie chère. Et si Saachen do, fir de Leit ze hëllefen, mee mir wëssen, et ass net ëmmer sou einfach. Déi eng, déi scheie sech, ass elo grad ugeklong. Mee déi eng, déi wëssen och net datt et sou eng Allocatioun gëtt.

An eis, der Majoritéit, ass dat ëmmer ganz wichteg gewiescht, déi sozial Mesuren, déi awer do sinn, datt déi och zougänglech gemaach gi fir datt déi Leit eeben dovunner profitéiere kënnen. Wat déi aner Zort vu Leit ubelaangt, do si mer mengen ech ganz konsequent. An dat soll och net ënnert den Dësch falen, well soss gëtt dat mengen ech dee falsche Message. An déi, déi eeben net kënne bezuelen, déi solle gehollef kréien an déi aner, deene musse mer e bëssen nohëllefen. An dofir nach eng Kéier en décke Merci un de ganze Service, well do stécht ganz vill Sisyphusaarbecht dohanner. A weiderhi gudde Courage a Merci am viraus.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Madame Kohn fir Är Stellungnam. Ech mengen dann hätte mer den Tour gemeet. Et waren eng ganz Rei Froen. An da ginn ech ganz gären d'Wuert weider un eise Receveur, de Gilbert Loos.

GILBERT LOOS – GEMENGERECEVEUR: Villmools Merci fir déi Wierder. Ech kann elo op e puer Saachen agoen. Ech wëll just elo am Virfeld mol soen, wann ech d'Sue muss andreiwen, dann ass schonn alles geschitt. Dat heescht, ech sinn um Enn vun der Ketten. A ganz oft weess ech mol net onbedéngt ëmmer ëm wat et geet. Iwwert d'Chèque-servicen. Do muss ech soen, éischtens hu mer jo och schonn d'lescht Joer gesot, hei am Gemengerot hat Dir gefrot fir déi al Dossieren ze liquidéieren. Ech hunn och elo dovu profitéiert. Well dat do sinn nach Dossieren, am Service Accueil, do waren nach aner Leit, do war de Kontakt tëschent der Recette an dem Service Accueil nach net deen, deen et elo ass. Ech muss soen elo, ech mengen ech hat dat och d'lescht Joer scho gesot, lo leeft dee Kontakt vill, vill, vill besser. Mir gi vill éischter gewuer. Besonnesch mir, ech hat dann heiansdo 6 Méint, no 6 Méint hu mir réischt bemierkt, dass déi Kaarten ofgelaf sinn – finanziell. Well mir hu jo näischt mat de Kaarten ze dinn.

Dofir ass et och schwéier, vun der Recette dann do déi néideg Prozeduren ëmmer richteg ze hunn. Dann ass Ausso géint Ausso, a mir sëtzen ëmmer um Schluss. Dofir hunn ech profitéiert fir déi Rechnunge vu virun 2020, dass mer do Decharge ginn. Wat d'Residencen ugeet, do hate mer nach net déi Zäit, fir do sou hannendrun ze goen, mee d'Zil ass do. Den Här Steffen huet gefrot Preventioun. Effektiv, ech sinn um Schluss, an ech gi ganz oft mol net gewuer wann en neie Café opgeet oder sou. An da réischt no 5, 6 Méint gesinn ech, deen huet elo scho rëm 4.000.- Euro oder 5.000.- Euro opstoen. Preventiv misst eppes gemaach ginn, mee dat ass net bei mir, do kann ech näischt dogéint maachen. An déi ganz al Rechnungen, 2011 oder sou, déi do lo nach drastinn, do si Prozeduren drop. Op deene ganzen ale si Prozeduren, well soss stéinge se net méi am Restanten, géif ech se net weider poursuivéieren.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – 2. SCHÄFFIN): Jo villmools Merci. Einfach zu de Chèque-servicen. Et ass effektiv sou, datt mer an deene leschte Joren eng ganz aner Prozedur hunn. Ech menge mir hu jo och eng Responsabel lo do ënne sëtzen, déi dat och kontrolléiert. D'Leit kréie schonn iwwert d'Rechnung gesot, dir musst äre Chèque-Service erneieren. D'leschtJoer huet ee gemierkt, datt d'Leit dat nach sou e bëssi Larifari geholl hunn. Ech muss awer soen, dat huet sech extrem geännert. D'Leit wëssen elo, datt hire Chèque-Service muss erneiert ginn, dat leeft och elo vill méi konsequent.

Nach huet ee Leit, déi d'Suen net hunn. Déi kréien awer da gehollef, déi kréien och gesot: Gitt bei den Office social. Ech mengen dat ass alles eppes wat klappt. An da wëll ech awer nach eppes soen. Et ka jo mol sinn, datt ee sech iert. Mee mir hunn nëmmen nach d'Méiglechkeet, eng Refacturatioun ze maachen. Mir kënnen net méi wéi 1 Refacturatioun maachen. Da mussen d'Leit an de saueren Apel bäissen an och d'Strukture bezuelen. An et ass net alles fir näischt. Mee déi meescht déi wëssen, datt wa se an eng privat Structure d'accueil musse goen, datt se do 60 Stonne bezuelen. Also wéi gesot, mir sinn nach ganz gutt do als Gemeng a mir maachen do e ganz gudden Job mëttlerweil.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci dem Josiane Di Bartholomeo-Ries. Ech wollt nach op dee Punkt agoe vum Här Steffen par rapport zu der Preventioun. Also wann ee gäre gutt Rotschléi hätt, ech mengen dee weess, dass e bei eisem Service écologique déi néideg Informatioune fënnt. Wa mer Campagnë maachen au sens large, da viséiere mer souwuel d'Personnes physiques wéi och d'Personnes morales, déi um Territoire vun der Stad Diddeleng sinn.

Mee ech menge wann eng Personne morale, e Café oder egal, e Café da méi spezifesch, Rechnunge vun der Gemeng net bezuele kann, da muss ee sech jo och d'Fro stelle wéi insgesamt d'Positioun ass par rapport zu anere Produiten, déi se kréien, an ech denken do un d'Fournisseuren.

Also et ass net gedoe mat enger Preventioun um Niveau, wéi kann ech aneschters konsuméieren, mee et ass ëmmer e ganze Rateschwanz och hannendrun, dee sech net nëmmen dorobber limitéiert. Et ass e bësse méi komplex wéi nëmmen dat, wat hei ausgefouert gouf par rapport zu de gudde Rotschléi par rapport zu der Consommatioun. Ech mengen dat ass eng Saach vun engem Businessplang deen een huet oder net huet, ausféiert, net ausféiert. Ech mengen dass et méi domadder ze dinn huet an dass et sécherlech och aner Instanze ginn, déi engem kënne soen, wéi een och dann als Personne morale a sengem Betrib och besser kann haushalten. Ech géif et mol sou formuléieren. Dëst gesot, géif ech proposéieren, zum Vott iwwerzegoen. Ass de Gemengerot domadder averstanen, oder gëtt en dem Schäfferot den Accord, deen dann och den Optrag dem Gemengereceveur gëtt fir mat den Dechargen, déi och ausgeholl ginn de Montant vu 746.579,92.- Euro kënne weider anzedreiwen? Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soe mir lech villmools Merci. An och dem Gilbert Loos Merci fir seng Presenz a fir seng Erklärungen. An hien hëlt dat mat an de Service a mir schaffen dorunner weider.

### 4.6. Approbatioun vum Relevé a Rôle vun der Hondstax vum Exercice 2024

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn. Dat ass d'Hondstax fir d'Joer 2024. Dat ass mol den 1. Rôle. Den 2. Rôle kënnt am Laf vum Joer no. De Relevé ass am Fong vum Joer 2024, e Montant vu 57.890.- Euro. Dat mécht um Rôle principal eng Unzuel vun 1.654 Hënn. D'Tax ass jo bei 35.- Euro. Ass de Gemengerot mat där Tax averstanen?
***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

### 4.7. Approbation vun der Déclaration de recettes non-réglementées fir den Exercice budgétaire 2023

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer op den nächste Punkt riwwer. Dat sinn d'Recettes non-réglementées. Dat sinn am Fong déi Recetten, déi mer am Laf vum Joer kréien am ordinaire Beräich, déi net am Budget initial virgesi waren. Dat ass e Montant vun 175.880,58.- Euro. Just fir e puer Elementer erauszehiewen: E Montant vu 26.659,64.- Euro Remboursement de frais pour dégât causés par des tiers. Dat sinn haaptsächlech Saachen, déi op der Voie publique futti gemeet ginn oder duerch Accidenter a wou mer dann duerch d'Assurance rembourséiert ginn. Recetten iwwer Vente d'électricité. Eis Photovoltaikanlagen 35.207,23.- Euro.

Dann Vente de ferrailles fir recycléiert ze ginn 16.382.- Euro. An dann e Montant vun 39.000.- Euro fir de Sponsoring vun eise kulturelle Manifestatiounen, déi mer deementspriechend hunn. An dann och nach um Strutzbierg D, do ass am Kader vum Service de l'éducation différenciée, do maache mir Aarbechte fir de Staat an duerno rembourséiert de Staat eis déi Fraise virun allem vu Saachen déi vun eise Servicer gemeet ginn, wou virun allem gebotzt gëtt. Dat gëtt dann herno rëm un eis zréck verrechent, well mir dann eng Charge fir de Staat, respektiv eng Déngschtleeschtung fir de Staat en charge huelen. Dofir mécht dat herno de Gesamtmontant aus vun 175.880,58.- Euro. Dat sinn d'Erklärungen zu de Recetten. Froen dozou?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech hu just eng kuerz Verständnisfro. Well mir haten dee Punkt jo och d'lescht Joer. A wann ee vergläicht, et si plus ou moins gréisstendeels déi selwecht Positiounen. An du hunn ech mech einfach gefrot, firwat déi net reglementéiert ginn an am Budget virgesi ginn? Da kéint ee sech dee Punkt spueren. Oder geet dat net?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Recettes non-réglementées sinn eebe Recetten, déi mer net kënne virgesinn. Déi sinn eeben net virgesinn. Dat heescht zum Beispill wann elo „Remboursement de frais de publication enquête commodo incommodo", dat strecke mir ëmmer vir déi Fraisen, oder wa Publikatioune gemeet ginn och am Kader vun engem PAP zum Beispill. An herno gi mer dofir rembourséiert. Dat kann een net ëmmer genau rechnen. Dofir sinn et Recettes non-réglementées. Sponsoring. Dat hänkt jo dann och zum Beispill ëmmer dovunner of, wéi vill Sponsoring dass mer och kréien. En fonctioun mir schreiwe mol Leit u fir eng Manifestation culturelle a kréie Sponsoring. Zum Beispill d'Frais de publication vu PAPen d'selwecht. Dat kann een alles net virgesinn. D'Recettë fir d'Toilette sinn heiansdo méi mol manner. Dat kann een alles net virgesinn. Dofir gëtt dat iwwert deen heite Wee regulariséiert als Recette, déi dann herno och an de Budget rectifié deementspriechend afléisst. Dat ass eeben en cours de route.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Och wann ee weess, do komme Suen? Mee wann een net déi richteg Zomm kennt, kann ee se net registréieren?

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Hei sinn déi richteg Zommen, déi genau Zommen, dofir gi se hei duerch de Gemengerot. Dat sinn déi genau richteg Zommen déi mer dann och kréien. Dat anert wär dann éischter eng Estimatioun. A wéi gesot, dat heite si Saachen, déi net virgesi waren. Oder ech soe mol einfach, et weess e jo ni wa Saache futti gemeet ginn duerch Accidenter op der Voirie publique. Dat ka variéiere vu Joer zu Joer. Dat weess ee jo net. A wat vun den Assurancen da rembourséiert gëtt. Ass de Gemengerot mat deem Montant do averstanen, dass mer dee kréien? ***Dat ass unanime.*** Villmools Merci. An d'Gemengekeess seet dann och sécherlech Merci.

### 4.8. Fixatioun vum Impôt commercial fir d'Joer 2025

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op deen nächste Punkt iwwert. Dat ass den Impôt commercial. Ech mengen Dir wësst, dass mer all Joers deen hei duerch de Gemengerot musse goen. Also am Fong de Gewerbesteiersaz fir d'Jo-

er 2025 festleeën. Mir fixéieren ëmmer am Joer n-1, dat heescht mir louchen do ëmmer beim Maximum, bei 350%. Dir wësst dass d'Gesetz virgesäit e Minimum vun 225 bis 350. Mir sinn hei um Maximum. Mir hate jo och e Méinden an der Finanzkommissioun, also de Méinden, den 30. September, doriwwer diskutéiert. Wéi gesot, dass mer hei um Maximum vun de Forschett sinn. Dir wësst natierlech, an dat gesäit een och ëmmer um Niveau vun dem Budget an de Kreditter déi mer aschreiwen, dass natierlech d'Gewerbesteier, den Impôt commercial immens volatil ass well en sech orientéiert um Gewënn, deen e Betrib hei um Territoire vun der Stad Diddeleng mécht.

Dat wat mir kréien ass jo dann eng Participation directe vu 35%, déi mer direkt kënnen halen, déi mer dann och an de Budget aschreiwen. Dat gesitt Der jo och am Kader vun de Circulairen. Wéi gesot, hei ass dann d'Propos, dass mer bei 350 bleiwen. Bon, wann een natierlech vergläicht den Impôt commercial hei zu Diddeleng mat anere Gemengen, fält en zimmlech nüchtern aus. Mee bon, dat huet och domat ze dinn, dass mer hei zu Diddeleng virun allem Industriebetriber hunn. D'Industrie ass klassesch net déi, déi gréisser Gewënner ausschëtt par rapport zu de Services financiers, déi éischter sech dann an anere méi gréissere Gemengen, an enger grousser Gemeng, usidelen, dofir fält dat hei méi kleng aus. Mee wéi gesot, hei d'Propos mir bleiwen um Maximum a sinn och frou dann déi Recette ze hunn, déi awer net onwichteg fir d'Gemeng ass.Dat zu den Erklärungen zum Impôt commercial. D'Diskussioun ass op.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Also mir ënnerstëtzen als Déi Lénk natierlech dass deen Taux um Maximum bleift. Ech hunn och do just eng Fro well ech an der Deliberatioun gesinn hunn dass de Crédit estimé awer e gutt Stéck méi niddreg ausgesäit fir 2025 wéi fir 2024, ongeféier 30% manner. Ech weess, dass e volatil ass. Ech hu mech just gefrot, op wéi enger Basis déi Estimatioun do gemaach gouf? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Déi doten Estimatioun gëtt gemeet unhand vun der leschter Circulaire déi mer kruten. Dat kann natierlech nach variéieren. Mir krute jo déi lescht Circulaire a mir waarde lo op d'Circulaire déi mer kréien am Kader vun der Opstellung vum Budget 2025. Déi misst an deenen nächste Woche kommen. An da gesi mer do, ob dat sech orientéiert un där leschter Circulaire, ob do Variatioune sinn. Mee éischt Vermuddungen insgesamt um nationale Plang, ech mengen et ass och dat, wat ee vun Echoe kritt an zoustännege Kommissiounen, dat ass dass et national fir den Impôt commercial net schlecht sollt ausgesinn, wat natierlech lo géif heeschen, dass vläicht och do nach déi eng oder déi aner Variatioun dran ass am positive Sënn. Ech hoffen dat mol fir eis Gemengkeess. Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Ass de Gemengerot hei mat deem Gewerbesteiersaz vun 350% averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

**4.9. Festsetze vun dem Gemengentaux fir den Impôt foncier fir d'Joer 2025**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op den nächste Punkt iwwer. An dat ass d'Festsetze vum Impôt foncier, also vun der Grondsteier. Och hei spillt et fir d'Joer 2025. Ech mengen Dir wësst och an der Deliberatioun, déi Dir virleien hutt, dass mer do verschidde Kategorien och hunn. Ech gi se eng Kéier duerch. D'Kategorie A, dat sinn d'Propriétaires agricoles et forestiers, dat si 500%. D'Kategorie B1, dat sinn d'Constructions industrielles et commerciales 750%. D'Kategorie B2, Constructions à usage mixte 500%. D'Kategorie B3, Constructions à autre usage 250%. D'Kategorie B4, Maisons unifamiliales, wat de Gros ausmécht 250%, d'Maisons de rapport. D'Kategorie B5, Immeuble non bâtis 250%. An d'Kategorie B6 Terrains à bâtir à des fins d'habitation, do ass am Fong hei d'Propos, dass mer do op 1400% eropginn.

Mir hate jo och eng Diskussioun an der Finanzkommissioun, an de leschten Taux dee mer do hate war 1200%, an hei d'Propos dass mer op 1400% eropginn. Just fir nach eng Kéier de Kader ze skizzéieren: 2020 louche mer bei 600%, 2021 bei 800%, 2022 bei 1000%, 2023 bei, wéi gesot, 1200% an elo, 2024 et spillt jo dann ëmmer dat Joer duerno, fir d'Joer 2025 géife mer da 1400% proposéieren. Also hei mengen ech kontinuéierlech eng Steigerung all Kéiers vun 200%. Wéi gesot, et ass mengen ech just do, wou mer eng Ännerung wéilte virhuele an e bësse gekuckt, wéi déi Situatioun elo ass, wou deen neie Saz nach net fixéiert gouf, do leie mer och mat deenen 1200% am B6 zimmlech vir am Peloton am Verglach mat deenen anere Gemengen. Mee ech mengen hei déi Diskussiounen, déi mer och haten, d'Volontéit, kontinuéierlech den Drock héich ze halen an och progressiv eng Erhéijung ze maachen. An dofir och hei d'Propos beim Rescht vum Impôt foncier bei deene Chifferen ze bleiwen a beim B6, also bei de Bauterrainen, déi broochleien, déi bebaubar sinn, mee net bebaut ginn, do da vun 1200 op 1400 eropzegoen. Dat zu den Ausféierungen zum Impôt foncier. D'Diskussioun ass op.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Et ass wéineg iwwerraschend, mee ech kann natierlech net näischt zu deem Punkt soen. Ech wäert mech awer dës Kéier kuerz hale well mer hu jo e puer Mol schonn déi Diskussioun hei gehat. Och säit ech elo hei sinn hate mer déi Diskussioun schonn e puer Mol. Mee ech muss awer widderhuelen dass fir déi Lénk den Impôt foncier ee vun de wéinegen Instrumenter vun der Gemeng ass fir d'Spekulatioun ze bekämpfen. Virun allem geet et jo ëm de B6 op eidelem Bauland dat kéint viabiliséiert ginn, mee et awer net gëtt.

Eiser Meenung no kann d'Gemeng net just drop hoffen dass d'Regierung do handelt mee muss och déi Instrumenter an d'Hand huelen, déi se selwer huet. Eng Alternativ zum Impôt foncier wär natierlech eng Mobiliséierungssteier, mee doriwwer hu mer och schonn e puer Mol diskutéiert an do schéngt de politesche Wëllen net do ze sinn. Et ass natierlech elo sou dass effektiv säit 2020 de B6 Impôt foncier op Initiativ vun déi Lénk aus järlech erhéicht gëtt. Wann och wéineg,

mee ëmmerhi gëtt en erhéicht. Dat fanne mer natierlech eng gutt Saach. Mee mir fannen et nach ëmmer schued, dass awer de politesche Wëlle feelt, fir eng seriö Erhéijung ze maachen, wouduerch eiser Meenung no d'Gemeng an de Schäfferot an de Gemengerot géingen och eng Symbolkraaft weisen a weisen no baussen dass se wëllen de Problem vun der Spekulatioun op eidelem Bauland ugoen.

Jo, et ass gesot ginn, effektiv, den Taux ass, verglach mat den Nopeschgemengen ausser elo Schëffleng ass et deen héchsten. Mee vläicht hunn déi aner Gemengen net dee Problem mat Spekulatioun um Bauland, dat weess ech net, mee fir Diddeleng ass et op jidde Fall wëssenschaftlech ënnersicht, a mir wëssen, dass mer zu Diddeleng e Problem hunn an dowéinst mengen ech dass mer do och missten e bësse méi ambitiéis virgoen. Mee wéi gesot, well mer ëmmer schwätzen an och ech e bëssen d'Gefill hu géint Wandmillen hei unzekämpfen, hunn ech dës Kéier einfach mol eng Fro gestallt un de Schäfferot fir ze verstoen, wat d'politesch Iwwerleeungen an d'Strategie vum Schäfferot sinn an dëser Fro an ech sinn da ganz gespaant op d'Äntwerten. A mir wäerten eis als déi Lénk op alle Fall enthalen, well mir natierlech mat deenen Tauxe B1 bis B5 d'accord sinn, a mir sinn natierlech och domadder d'accord dass de B6 erhéicht gëtt. Mee et gëtt fir eis net genuch erhéicht. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Jo, d'lescht Joer ëm dës Zäit do souze mer och hei an du hu mer och doriwwer diskutéiert. An dëst Joer wéi och d'lescht Joer muss ech feststellen dass d'Diddelenger Gemeng hei awer dann eng anstänneg Augmentatioun vun deem Prozentsaz mécht, well wann een de Prozenttaux kuckt, dann ass dat net ze negligéieren. Mir wëssen alleguer och dass op nationaler Basis zu deem Sujet eppes ausgeschafft gëtt. An d'lescht Joer hu mer festgestallt, dass déi Gemeng, déi d'lescht Joer deen Taux enormst an d'Luucht gedréckt hat, dat war zu deem Zäitpunkt mengen ech Dikrech wann ech mech net ieren, vun de Bierger ugeklot gi war an d'Bierger kruten deemools och Recht. A mir stelle jo awer hei fest, an d'Madame Thoma huet dat jo och richteg gesot, dass mir vun de Gemengen, déi hei an der Géigend sinn, déi sinn, déi den héchsten Taux huet. An ech fannen dass mer domat ganz gutt dostinn. Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Effektiv, mir haten an der Finanzkommissioun schonn driwwer geschwat, mir wäerten dat dote matstëmmen, well mer effektiv, ech mengen et ass grad gesot ginn, kontinuéierlech eropginn. Dass mer och effektiv am Verglach zu den Nopeschgemenge scho relativ vir leie wann ee Schëffleng dann ausklammert. Mee mir haten awer och an der Finanzkommissioun d'Iddi opbruecht an och nach eng Kéier an der Lokalsektioun no der Finanzkommissioun driwwer diskutéiert, ab wéini et vläicht de Moment ass, fir nach e politescht Zeechen ze setzen a fir ze soen, déi 200er Schrëtt, soll een net vläicht op en 300er Schrëtt goen, 350er Schrëtt goen? Ab wéini dee Moment da vläicht kënnt fir dat nach eng Kéier op de Leescht ze huele fir vläicht e Kompromëss ze fannen, fir eng Kéier en Zeechen ze setze fir déi Spekulatioun um Bauland nach eng Kéier duerzestellen an awer déi Previsibilitéit ze garantéieren, wou grad ugeschwat ginn ass, déi sou eng kontinuéierlech Augmentatioun awer mat sech bréngt. Dass een net op ee Coup massiivst eropgeet mee seet, voilà, mir sinn elo laang mat 200 eropgaangen, mee mir iwwerdenken awer nach eng Kéier dee Montant an Zukunft. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech wëll och vun der LSAP-Sektioun nach e puer Remarken hei maachen. Also natierlech wäerte mer dat hei matstëmmen, well mir als Majoritéit mir hunn ëmmer gesot, mir gi léiwer a klenge Schrëtt an déi richteg Richtung an awer konsequent all Kéiers 200% dobäizeleeën, dat war eis wichteg vun Ufank un. Et ass och schonn ugeklong, an dat hu mer och vun Ufank u betount, datt dee Wee, wéi déi Dikrecher Gemeng gaangen ass an eisen Ae riskéiert war. An dat huet jo och d'Resultat vum Prozess gewisen. Well, an do besteet och elo eng Jurisprudenz, dat heescht et mécht och elo kee Sënn fir nach eng Kéier viru Geriicht ze goen, well do festgehale ginn ass datt déi Mesure onverhältnesméisseg war. Dat heescht dat bréngt näischt. An dat weist jo dann och datt déi Schrëtt, wat op där enger Säit als Symbol duergestallt gëtt, an der Jurisprudenz net als dat gesi gëtt mee einfach als onverhältnesméisseg an dofir zum Scheitere verurteelt ass. Dat bréngt also näischt.

Fir eis ass et awer och wichteg drop hinzeweisen, datt duerch déi nei Circulaire jo och d'Situatioun liicht besser ginn ass lo an der Finanzkommissioun. Mee ech wëll awer nach eng Kéier bei der Gewerbesteier bleiwen, entschëllegt. Well et ass, an dat hu mer och ëmmer betount, d'Léisung läit net hei zu Diddeleng. D'Léisung muss am ganze Land bruecht ginn. Dat heescht et ass net Waarden op eng national Léisung, mee et ass tatsächlech dat Effikasst wat ee ka maachen. An do ass jo en neit Gesetz um Wee. An dat neit Gesetz dat ass net vun dëser Regierung, mee dat ass schonn op de Wee bruecht gi vun der leschter Regierung, vun deem leschten Inneminister oder Inneministerin war do maassgeeblech bedeelegt dorunner. An do geet et drëms fir eebe per Gesetz déi Grondsteier total nei ze berechnen. An nëmme sou mengen ech gëtt et och effikass.

An zudeem gëtt och eng Mobiliséierungssteier agefouert. Eng national Steier, déi natierlech dann an de Staatsbudget afléisst, eenheetlech iwwert d'ganzt Land, an dann erëm sou verdeelt gëtt. Ech menge mir kënnen och nëmme sou där Spekulatioun op de Fong goen. An ech kann och nëmme soe vun eiser Säit aus gesi mer mat Satisfaktioun, datt och dës Regierung muss gesinn, datt dat dat effikasst Mëttel war, wou ee kann doru erugoen an deementspriechend och dat Gesetz weiderféiert an och duerch den Instanzewee bréngt. An dofir kann ech dat nëmme begréissen.

Dofir gesi mir éier mat Positivitéit oder mat Hoffnung op dat Gesetz, op déi Mesuren. Well wa mir hei u kleng Schrauwen dréien hei zu Diddeleng, da gi rëm Schlupflöcher fonnt an dat bréngt an Zuele jo och eisem Budget net ganz vill. Sou datt mer denken datt deen neie

Berechnungsmodus eis als Diddelenger Gemeng och do vill méi effikass an deem Sënn hëlleft. Nach eng Kéier kuerz op d'Finanzkommissioun, do begréisse mer dann natierlech déi positiv iwwerhaapt Finanzsituatioun, déi sech do erginn huet. An datt eis do trotzdeem am Fonds de dotation général am Joer 2025 bis 2027 all Joer 3 Millioune méi zur Verfügung stinn. Ech mengen dat ass och eppes, wat eis éier positiv stëmmt, an déi och gäre wëllkomm sinn. Dofir gesi mir dat hei elo als eng konsequent Weiderféierung vun eisen Initiative fir konsequent an d'Luucht ze goen a fir sou Drock opzebauen. Mee mir gesinn awer och mat Freed op dat neit Gesetz wat do kënnt well ech mengen, datt dat déi effikasst Léisung duerstellt. Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci villmools. Et ass scho wierklech Villes gesot ginn. Ech war lo grad am Gaang, den Tri vu mengen Notten ze maachen. Mee et sinn nach zwou Saachen déi mer um Häerz leien. Mir schwätzen ëmmer vun enger Augmentatioun. A wann een dat sou dobausse seet kënnt et natierlech net gutt un, well jidderee bleift gäre bei sengem Status quo stoen an eng Augmentatioun heescht natierlech ëmmer datt ee muss méi bezuelen. Mee wat ee vergëësst, dat ass einfach datt d'Basis gekuckt vun enger Grondsteier wierklech ganz, ganz, ganz laang net ausgerechent gouf. Dofir ass et wichteg, dass mer justement dans l'ère du temps bleiwen an ëmmer um leschte Stand an trotzdeem kënne Saache sou facturéieren. Mee et soll een awer och net vergiessen datt déi Steiergelder vun der Grondsteier och eng Äntwert sinn op de Wuesstem. Et heescht déi gi geholl fir einfach de Wuesstem kënne weider ze finanzéieren, ze entwéckelen. Mir brauche jo weider Infrastrukturen an déi Sue ginn éischter dofir gebraucht. Dat ass eng Hëllef an eng sécher Hëllef mat de Suen, fir dat Ganzt weider ze entwéckelen, fir ëffentlech Servicer wéi gesot an Infrastrukturen.

An dann ass et awer och en Outil fir iergendwou eng sozial Gerechtegkeet ze hunn. Leit déi wierklech vill Terrainen hunn, vill Terrainen hunn déi broochleien, déi einfach nëmmen op Spekulatioun waarden, déi sollen domadder effektiv méi besteiert ginn. Meeschtens, ech wëll lo kee Cliché maachen, mee Leit déi an der Gesellschaft méi schwaach sinn, déi wunnen an engem Appartement an dofir wäert déi Grondsteier och net sou vill ausmaache wéi fir verschiddener, déi sou vill Grondstécker a Bauland hunn. An dat hëlleft natierlech dozou, fir exklusiv Immobiliëspekulatiounen ze bremsen, ze decouragéieren an och dee Moment effikass a gerecht Notzung vum Bauland ze fërderen. Merci fir d'Nolauschteren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter. Et ass effektiv alles gesot ginn. Mir wollte just als CSV och nach soen, dass mir dat absolut alles an der Rei fanne mat deene Schrëtt vun deenen 200%. Dass déi ganz national Neiwäertegkeet vun den Terrainen iwwerschaffe keng einfach Geschicht ass, dat gesi mer. Dass jo méi wéi een Inneminister, et ass jo virdru schonn ugeklong, Inneministesch dee sech do e bëssen d'Zänn ausbäisst. Well et ass ëmmer d'Saach vun der Befindlechkeet vun de Wieler, dat ass sou eng Saach, déi een ëmmer muss e bëssen am A hunn. Mee heiansdo muss een awer och einfach mol eng Decisioun huelen. An ech hoffen dass et dann eeben an dëser Legislaturperiod vläicht och souwäit kënnt, well ech denken, de Jemp Gangler huet mer lo grad nach gesot, eis Wäertegkeet vun den Terrainen, déi ass zréckgefouert op 1941. Dat musse mer mol eng Kéier soen. An dat ass awer och eppes wou ee sech och iergend eng Kéier däerf trauen drunzegoen. An ech gesi jo och an anere Parteien hire Walprogrammer, net nëmmen an deene vun de Regierungsparteien, war jo dësen Thema och ugeklongen.

Dass mer do vläicht eng Kéier e Konsens fannen och an der Chamber, dass mer dat doten einfach no vir bréngen. Och wann dat da vläicht net populär ass, mee, d'Madame Ahmedova huet et och gesot gehat, et ass jo awer eng sozial gerecht Mesure, a mir waarden dann dorobber. A bis dohinner fannen ech, déi kleng Schrauf, déi mir dréien, déi huet awer och en Zeechen no baussen, dass mer eebe fannen dass do muss eppes geschéien. An ech fannen dat ass och de But dovun. Et kann ee soen, déi 200% méi, déi deet deenen, déi et betrëfft net wéi. Mee dat ass eis egal. Et ass awer en Zeeche gesat. An da musse se eeben e puer Su méi bezuelen, well et si keng Millioune wou mer doduercher méi kréien. Mee mir stinn absolut do derhannert. A méi en héije Sprong, et ass gesot ginn, Dikrech ass verklot ginn, dat brauche mer och net. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt och nach eng Kéier dat sou an deem Sënn resuméieren a mech mengen dräi Virriednerinnen do ralliéieren. Effektiv, et ass nëmmen e klengt Zeechen, mee et ass awer gutt, dass mer et setzen. Et huet e soziale Pendant. A wann ee bedenkt, do gëtt et eng Etüd vum Här Tiago Flores, déi gewisen huet, wéi d'Grondbesëtzverhältnisser hei zu Diddeleng sinn. Diddeleng ass bei deenen doten Terrainen an der Hand vu 5 grousse Familljen. An ech géif bal mech woen ze soen, dass dat deenen och net schrecklech wéi deet wat mir hei maachen. Mee ech mengen et ass awer en Zeeche wat mer hei setzen an et ass virun allem awer eng Ënnerstëtzung fir déi sozial méi Schwaach.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Soss nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Gutt, da géif ech drop reagéieren. Ech menge mir sinn eis hei iwwert d'Parteien eens, dass de B6 méi besteiert soll ginn. Just de Wee fir dohinner vun der Méi-Besteierung, ech mengen dass do eng Differenz um Niveau vum Usaz ass. Mir si jo, an dat ass jo och hei ugeklongen, an enger Situatioun, wou mer Terrainen hunn deenen hir Valeur op 1941 baséiert. An ech mengen dass dat den Ausgangspunkt ass, dass natierlech d'Terrainen och eng aner Valeur kritt hu säit 1941 an dofir war jo och deen Exercice, dass d'Gemenge sech en neie PAG ginn, dozou gehéiert jo och d'Stad Diddeleng.

Dass doropshin och déi Initiativen, déi op der Regierungssäit geholl goufe fir Terraine méi ze besteieren, der Mobiliséierungssteier, dass déi sech op déi nei Valeur vun den Terraine calquéiere fir och deen neie Saz deementspriechend ze definéieren. Dat ass e bëssen den Ausgangspunkt, sief dat vun der viregter Regierung oder vun der aktueller Regierung, fir an déi dote

Richtung weiderzeschaffen. An ech mengen, et ass och gutt, wéi et och ugeklongen ass, dass alleguerten d'Parteie wëllen an déi Richtung goen.

An natierlech dat Eent ass dat Politescht, a wann dat och nach wëssenschaftlech gedroe gëtt, an do sinn effektiv déi Aarbechte vum LISER ganz wäertvoll an do gëtt jo Diddeleng oft als Beispill zitéiert. An nieft deene 5 Famille ginn et och nach aner Leit, déi net zu deene 5 Familien oder Dynastië gehéieren, déi déi meeschten Terrainen hei zu Diddeleng hunn, déi awer och deementspriechend de B6 hunn. Mee insgesamt wëll ech awer soen, och wa mer eis hei eens sinn, dass mer méi solle besteieren, geet et net drëms, eng Course ze maachen, wien deen héchsten Taux huet. Ech weess dass déi Lénk d'leschte Kéier bei 15000 waren, dass mer an déi dote Richtung sollte goen. Lo ass déi 15000 vun Dikrech gekippt ginn, an d'Madame Kohn ass drop agaangen, duerch den Arrêt vun der Cour administrative. An ech kann et jidderengem nëmme recommandéieren, wann Der dat gemeet hutt tant mieux, wann Der et net gemeet hutt, deen Arrêt ze liesen, well dee gëtt och Opschloss par rapport zu där Demande dass mer eis dann un deem aneren Extrem sollen orientéieren. Schëffleng mat 4000%.

Dir sidd Iech jo bewosst, wat an deem Arrêt steet, Madame Thoma? Dir hutt och de Prinzip vun der Proportionalitéit, vu dass et jo Jurisprudenz ass. Wa mir natierlech d'Proportionalitéit hei a Consideratioun huelen, an deen Arrêt ass en vigueur, wéi gesot et ass Jurisprudenz, dann, wa mer Proportionalitéit walte loossen, da si mer an där Approche, dass mer déi 200% lo hei dropsetzen. Vun 1200 op 1400 si mer am Prinzip vun der Proportionalitéit a wahren déi och. An ech sinn och net der Meenung, wéi den Här Steffen gesot huet, dass et Zäit wär, Zeechen ze setzen. Wann ech kucken dass mer 2020 den Taux bei 600 fixéiert hunn an dass mer lo hei eng Propos virleien hu fir den Taux bei 1400 ze hunn, dann hu mer ganz kloer iwwert déi lescht 4 Joer Zeeche par rapport zum B6 gesat. Wat jo och gutt ass. Wou déi eng matgedroen hunn, déi aner sech enthalen hunn.

A wéi gesot, d'Iddi ass jo och, dass mer dat hei weiderféieren. Et hält jo net bei 1400% op. Dofir mengen ech dass mer hei ganz kloer a konsequent déi Montanten eropgesat hunn. Mais ce n'est pas la panacée. Dat wësse mer och an der Proportionalitéit déi mer hei hunn. Mir brauchen éischter en amont eng Ännerung déi stattfënnt wat d'Valeure vum Terrain ugeet fir dann och eng aner Recette kënnen ze kréien als Gemeng par rapport zum Impôt foncier, par rapport zum B6, par rapport zu deenen Terrainen, déi fräi stinn a bebaubar sinn. Ech menge wa mer haut mat enger grousser Majoritéit géif ech mol soen, hei den Imôt foncier stëmmen an notamment déi Erhéijung um Niveau vum B6, dass mer an der Kontinuitéit bleiwe vun enger Erhéijung proportionell, graduell weider en Zeeche setzen an eis och net verschléissen, d'nächst Joer och weider Zeechen ze setzen.

Mee, wéi gesot, mir sinn e komplett neie Moment. D'lescht Joer hei am Gemengerot hate mer nach keng Jurisprudenz. Haut hu mer se ganz kloer. An et ass och wichteg, där Rechnung ze droen, well et wichteg ass, dass mer eis och mat enger gewëssener Rechtsstaatlechkeet orientéieren.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Just ganz kuerz well lo vun all de Fraktioune vun Dikrech geschwat ginn ass. An effektiv, wou Dikrech dee Schrëtt gemaach huet, fir op 15000% dat ze maachen, du hu mir als déi Lénk dat e couragéise Schrëtt fonnt a mir hunn dat och gefrot fir hei zu Diddeleng. Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, dass et eng LSAP-Majoritéit war, déi déi doten Decisioun geholl huet. Bon mëttlerweil gesäit et effektiv sou aus, wéi wann dat net enger Proportionalitéit géif entspriechen. Mee dowéinst hu mer jo awer och schonn d'lescht Joer eng Motioun eragereecht, wou mer net méi déi 15000% gefrot hunn, well mer dann agesinn, dass dat de falsche Wee fir Diddeleng ass. An du hu mer gefrot, dass mer op 4000% ginn.

Do schwätze mer awer vun enger anerer Gréisstenuerdnung, an dovun huet elo haut kee geschwat. An dat gëtt et schonn an enger Gemeng an dat gëtt do och net ugefecht. D'LSAP an anere Gemenge wëll och op deen dote Wee goen. Dat heescht ech mengen et muss een awer elo e bëssen Äppel mat Äppel vergläichen. An da gëtt jo ëmmer gesot: Jo, mir erhéijen déi Steiere jo. Dat gesäit prozentual no immens vill aus wéi mer do erhéijen, mee wann ee gesäit, wat dat fir de Budget ausmécht vun der Gemeng, da gesi mer schonn, dat si Peanuts. An da muss een dat erofrechnen op déi eenzel Leit, déi jo do besteiert ginn, Personnes morales oder Personnes physiques, wien och ëmmer. Dat mécht näischt aus fir déi Leit. Déi spieren dat kaum. An dowéinst wär et eebe wierklech net dramatesch, wann een eng Kéier géif e bëssen e méi staarkt Symbol weisen. Mee wéi gesot, do si mer dann e bëssen eleng als déi Lénk mee dat ass OK. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Ech kann Ärer Logik awer elo net ganz folgen, well Dir hutt gesot, dat mécht fir déi Leit, déi do musse bezuele jo näischt aus. Dat ass jo genau dat wat mer wëllen erreeche mat där Steier. Mir wëlle jo datt et hinne wéi deet, datt Drock opgebaut gëtt. Dat heescht, wa mer da lo awer festhale mussen, datt dat elo hinnen net vill ausmécht, jo dann ass dee Symbol do jo och hifälleg. Oder hunn ech Iech elo falsch verstanen? Dir hutt gesot, déi Leit, déi dat da musse bezuelen, deenen eenzele Leit, deenen deet dat net wéi? Ma dass jo awer genau dat, wat mer wëllen erreechen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Dowéinst schwätze mer jo vun enger politescher Symbolkraaft, déi mer wëllen duerchsetzen. Mir sinn eis alleguerten eens dass mer mam Impôt foncier net wäerten d'Spekulatiounskris hei am Land bekämpfen. Ech mengen do si mer eis alleguerten eens. Mee et geet eeben ëm dat politescht Symbol zumindest.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci der Madame Thoma. Ech hunn elo gesot, mat deene 15000 %, dass dat net sou ausgesäit. Et gesäit sou aus, well d'Cour administrative huet ganz kloer eng Decisioun geholl. An et ass Jurisprudenz, an dat ass rechtskräfteg an ech mengen do orientéiert ee

sech kloer drun. An den Argumentaire vun der Cour administrative war ganz kloer deen, dass de Prinzip vun der Proportionalitéit, dass een deem soll Rechnung droen. An déi Erhéijung déi mer maachen, déi orientéiert sech un dem Prinzip vun der Proportionalitéit, sans plus ni moins. Da géif ech proposéieren, dass mer hei zum Vott iwwerginn. Wien ass mat alleguerten den Tauxen – mir féiere jo hei eng Diskussioun iwwert de B6, mee et gi jo nach aner Tauxen – mat alleguerten den Tauxen averstanen? Ass jidderee mat den Tauxen averstanen déi hei proposéiert goufen? ***Dat sinn d'Stëmme vun Déi Gréng, LSAP, CSV an DP. Jo, Dir hutt jo d'Procuratioun. Den ADR ass net do, mee Dir hutt jo d'Procuratioun. Den ADR mat dann. Wien enthält sech? Dat ass d'Madame Thoma.*** Gutt. Da soen ech Iech villmools Merci fir déi doten Diskussioun.

**4.10. Allocatioun vun extraordinäre Subsiden fir Clibb a lokal Veräiner**

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert, léif Kolleeginnen aus dem Schäffen- a Gemengerot, well deen een oder deen aneren nach méi frësch hei an deem Gremium ass rappeléieren ech nach e bëssen déi ganz Prozedur. Mir hunn an eisem Budgetsdokument eng gewëssen Zomm festgeluecht, déi un eis Veräiner iwwert deen heite Wee sollt verdeelt ginn. Elo ass et sou, dass mer opgrond vun enger Formel, déi viru Joren ausgeschafft gouf op dëser Basis, déi Gelder hei verdeelen. Dir gesitt, mir hunn d'Veräiner an d'Associatiounen opgedeelt an Divers, Sports, Scoutism, Soziales/Educatioun/Memoire, Arts & Culture, Nature & Environnement oder awer och nach Loisirs. Mir hunn déi alleguerten ugeschriwwen. 3 Veräiner hu sech säit dem leschte Joer opgeléist, dat sinn d'Amitié française, Fraen a jonk Mammen, Alas. Déi dräi fënnt een dofir net méi hei rëm an och zwee Veräiner Natur Ëmwelt Diddeleng bezéiungsweis d'Diddelenger Theaterfrënn, déi hunn net geäntwert, dofir sinn déi och an deem Listing net opgeläscht.

An dann d'Verdeelung. Mir hunn engersäits e Subside de base, sou wéi Dir och an deenen Explikatioune gesitt, festgeluecht an anerwäerts awer och e gewëssene Plaffong fir iergendwéi dat Ganzt an engem gewëssene Kader ze halen. Wéi sinn déi Suen da verdeelt ginn? Ma et ass gekuckt ginn, wéi vill aktiv Memberen haten déi verschidden Associatiounen a Veräiner, wéi vill Lizenzen oder Memberen ënner 18 Joer, d'Encadranten, d'Unzuel vun den Encadranten ass gekuckt ginn. D'Participatioun um Cortège vum Nationalfeierdag an och soss, ob se Fester a Manifestatiounen organiséieren. An dann hu mer nach sou e bëssen eppes dropgesat viru Joren, dass mer de Rapport zu deem leschte Subside ordinaire vum leschte Joer eng Differenz vun 20% och do géife limitéieren, fir dass d'Veräiner, d'Associatiounen awer eng gewësse Sécherheet hunn dass se plus ou moins wësse wat vun der Gemeng am Ordinairen op si duerkënnt.

An dann hu mer nach eng ganz Rei vun Associatiounen, déi mer mat engem Montant fixe ënnerstëtzen an deem Kader vun den ordinäre Subsiden, ouni dass déi mussen duerch déi Mille vun där Formel do fléissen. Dat hate mer och hei am Gemengerot sou festgeluecht. Ech wëll Iech och net virenthalen dass d'Subsiden ee vu ville Voleten ass, wou mer als Gemeng eis Veräiner ënnerstëtzen a grosso modo kann ee soen, déi meescht vun Iech si jo och bei de Generalversammlungen ënnerwee, dass déi Subsiden och sou verstanen an akzeptéiert si vun deene Veräiner vun deene mer hei schwätzen. Voilà, dat zur Presentatioun. An da géif ech d'Ronn opmaache fir d'Diskussioun.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ma ja, wou ech deen hei Punkt de Méinde gekuckt hunn, do war mer am Fong Villes net ganz kloer an ech sinn a menger Recherche och net ganz schlësseg ginn, wéi déi Subside verdeelt géife ginn. Ech hunn dunn erausfonnt, dass et 2012 Krittäre gi sinn an du 2021, wann ech mech net ieren, sou en interfraktionelle Grupp sech iergendwéi ëm deen Tableau gekëmmert huet, ëm dee Schlëssel fir ze diskutéieren. Du koum gëschter Moien dee Mail, iwwert dee war ech ganz frou well effektiv do d'Plaffonge relativ gutt erkläert sinn an och déi Kategorien, d'Multi-Calcullen a sou weider. Dofir Merci op alle Fall fir deen Tableau deen nogereecht ginn ass, well ech mengen dass deen eng ganz flott Diskussiounsbasis ka bidden an och hëlleft, deen Tableau einfach stéckweis besser ze verstoen.

Ech mengen dann elo och verstanen ze hunn, wisou ronderëm déi dräi Scouten, beispillsweis do huet een da sou „Les amis de" d'Frënn vun de Scouten, dass déi verschidde Montante kréien, einfach well dat verschidden Effektiver sinn. Well déi e gewëssene Subside de base kréien an dann, jee nodeems wéi vill Memberen... OK. Dat heescht, do géinge mer dann am Fong just zwou kleng Froe bleiwen. Den Här Spina hat elo just gesot, dass et deen eng Partie Jore géing ginn. Vu wéini ass deen doten Tableau? Einfach fir eng Kéier eng Notioun ze hunn. A gëtt et do iergend e Gremium, wou dat do reevaluéiert gëtt deen Tableau? Ob dat reegelméisseg gekuckt gëtt? Well do war lo grad gesot ginn, do sinn Upassunge komm.

Wat ech och eng gutt Upassung fannen, dass d'Clibb einfach déi Previsibilitéit kënne behalen, dass se wëssen, OK ech kréie lo 20% maximal plus oder minus.
Wou gëtt dat diskutéiert, respektiv wéi gëtt dat festgeluecht? Mir stëmmen op jidde Fall dës Subside mat a mir wéilten och am Numm vun Déi Gréng de Clibb op dëser Plaz Merci soe fir den Engagement dee si leeschten. Well si eeben e groussen Deel och ausmaache vun deem, wat Diddeleng ass. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter. Et wäert net erstaunen, dass ech alt erëm eng Kéier hei d'Wuert ergräife well mir eeben e bëssen anerer Meenung sinn. Natierlech fanne mir dat flott, dass d'Veräiner ënnerstëtzt ginn, d'Veräiner si wichteg fir d'Liewen hei zu Diddeleng, si wichteg fir d'Vie communautaire, d'Vie sociale, e wichtege Facteur vun der Kohesioun, Integratioun an och Mateneen. Ech mengen den Diogo huet och erzielt wéi zum Beispill fir hien d'Scouten och eppes ganz Wichteges war, eng gutt Hëllef war fir hei zu Diddeleng sech ze integréieren. Mir sinn och ganz frou, dass d'Veräiner nieft hire Subsiden och soss ganz vill ënnert d'Äerm

gegraff kréien. Mat der Logistik a vill Versteesdemech kënnt de Gemengerot oder och de Schäfferot de Scouten an och deenen anere Veräiner entgéint.

Mee, wat eis ëmmer e bësse gestéiert huet zanter all deene Joren, dat ass dass awer eng gewëssen Intransparenz beim Verdeelungsschlëssel ass. Den Här Steffen huet elo gefrot, vu wéini ass deen Tableau hei. Ma dat ass deen Tableau, dee krute mir 2021 an där informeller Reunioun deemools virgestallt. An an där Diskussioun déi deemools interfraktionell gefouert ginn ass, do waren awer effektiv och scho Saachen, déi e bësse Froen opgeworf hunn. Zum Beispill ass et sou, dat ass zum Beispill eppes wat lo hei feelt, dee Pabeier, also déi Demande, dee Formulaire deen d'Veräiner kréie fir hire Subsid unzefroen. Do ass och elo eng Fro, ass dat een aneren Tableau wéi deemools 2021, wou mer driwwer geschwat hunn? Oder ass dat nach ëmmer dee selwechten? Well, wat huet eis do gestéiert? Do steet zum Beispill explizitt drop, dass ee bei den Encadranten och effektiv soll uginn, ob en Encadrant diplômé oder breveté ass, Niveau 1, Niveau 2.

An do war do bei där informeller Reunioun och déi Diskussioun, ma jo, firwat gëtt dat dann net och en consideratioun gezunn, wéi eng Formatiounen déi Encadranten hunn, zum Beispill vun de Sportsveräiner oder bei de Scouten? Gëtt dat net eng Plus-value? An du huet dat geheescht, ma dat ass ze vill komplizéiert fir dat auszerechnen, mee et muss een och soe bei de Subside vum Staat do ass et jo och eng kloer Denominatioun vun de Formateuren am Sport ginn nom Reglement vun der Inops, an dofir, dat ass sécher net sou komplizéiert. An dann äntweren ech Iech och am Fong schonn op Är Fro. Wou gëtt dann déi Bewäertung, gëtt déi an iergendengem Gremium diskutéiert? Ma jo neen. Dat geschitt am Fong just hannert zouenen Dieren am Schäfferot mat wiem och ëmmer. Mee mir haten och do scho säit Jore gefrot, ma komm mir maachen dat an enger ëffentlecher Sitzung oder an enger interfraktioneller Sitzung dass mer déi Dossieren op de Leescht huelen.

Mir hunn ëmmer erëm gefrot, ma komm mir maachen dat entweeder an der Subsidekommissioun, dat ass déi Kommissioun, déi sech ëm d'Subside vun de Studente këmmert, déi gesi sech zweemol am Joer, déi hätte sécher nach Zäit, déi 64 Dossieren hei och eng Kéier auserneenzehuelen an eng Kéier ze bewäerten.
Dat ass awer vum Schäfferot refuséiert ginn. An ech ka just soen, am Ufank wéi déi berüümte Formel déi sou hei och vum Här Spina an d'Gespréich bruecht ginn ass, déi Formel, déi viru Joren ausgeschafft gouf an applizéiert gëtt. Do hat eise Kolleeg, de Jean-Paul Gangler, sech ganz vill Aarbecht gemaach, do war en Excel-Tableau ausgeschafft gi mat der Wäertegkeet, mat de Memberen, mat de jonke Memberen ënner 18 Joer, mat den Encadranten, Participation Fête nationale a sou weider.

An herno war awer d'Quintessenz vun der Enddiskussioun: Ah neen, sou kënne mir dat awer net uwenden. A wéi gesot, d'Transparenz vum Verdeelungsschlëssel, déi ass an eisen Aen absolut net ginn. A bis dat iergendwann eng Kéier vläicht awer geschitt, dass mer dat reegelméisseg och an enger interfraktioneller oder an enger Subsidekommissioun diskutéieren, wat wéi ee Veräin firwat kritt, si mir net ganz frou an doduercher enthale mir eis. Awer wéi gesot, mir sinn absolut frou dass eis vill Veräiner awer zu Diddeleng weider aktiv sinn. Wat mech awer och op eng Fro bréngt. Wann ech kucken, mir hunn de Listing kritt vun den enregistréierte Veräiner vun Diddeleng. Dat kréie mer ëmmer Nationalfeierdag, well do geet et drëm bei der Opstellung vum Cortège wéi d'Veräiner sech sollen dohinner stellen.

Do sinn 200 Veräiner opgezielt. An et sinn awer just 64 Veräiner déi eng Demande maache fir e Subsid.
An do och nach eng Kéier meng Fro: Dat ginn der ëmmer manner. Wann ech kucken, mer haten der 74 2022, mir haten der 65 2023 an elo hu mer der 64. Bon, den Här Spina huet gesot gehat firwat verschiddener net méi dobäi sinn. Mee et sinn awer guer keng nei dobäi. Mir hunn awer nei Veräiner déi sech gebilt hunn. Eng Fro: Wéi gitt Dir un d'Veräiner erun? Wéi kontaktéiert Dir se? A vläicht misst een do och nach eng Kéier e bësse méi proaktiv sinn. Ech hat bei verschidde Veräiner nogefrot an déi hu gesot: Ah sou, kann een do e Subsid ufroen? Wéi mécht een dat dann? Bon, wéi gesot, do ass net ëmmer alles sou ganz kloer. A mir wëllen eis Veräiner jo ënnerstëtzen. Mir wëlle jo och e kleng Geste maachen. Fir verschidde Veräiner sinn déi 200 oder 300 Euro déi se kréien och ganz ganz wichteg.

Da wollt ech awer och nach eppes nofroen. Et gesäit een awer och eng gewëssen Diskrepanz an der Gesamtzomm vum Budget dee verdeelt gëtt. Wann ech kucken, an eisem Budgetsdokument si fir all déi Posten déi hei opgezielt sinn Associations locales, Divers, Sports, Scoutisme, Social/Education/Mémoire, Arts & Culture, Nature & Environnement, Loisirs ass et Budget virgesi vun 73.500.- Euro a mir verdeelen hei awer „just“ 57.970.- Euro. Dat ass wierklech ënner Anführungszeichen. Ech fannen déi Zomm ganz gutt. Mee wat geschitt mat deene rechtleche 15.500.- Euro? Ech hu mer du nach eng Kéier de Budget duerchgekuckt. Do ass och e Chiffer deen och ënnert dëse Grupp fält, e Plan d'action local de soutien du bénévolat – 10.000.- Euro. Dat ass och e Budgetsposten deen 2023 sou war, an dat ass net de Prix du bénévolat. Dee steet extra do mat 6.000.- Euro.

Do ass dann natierlech och meng Fro: Wat heescht dat, dee Plan d'action local de soutien du bénévolat? Wéi gëtt deen ausgedeelt? Firwat ass dee geduecht? Oder kann een do och nach zum Beispill eng Demande maache wann een effektiv e Soutien brauch als Veräin? Well Dir wësst an de Veräiner de Benevolat ass d'Quintessenz firwat e Veräin besteet. Dat ass well vill Leit sech benevole engagéieren. Also wéi gesot, mir si ganz frou, dass eis Veräiner eng Hëllef kréien. Mee mir fannen et awer net ganz flott wéi intransparent dee Verdeelungsschlëssel opgebaut gëtt. A wéi gesot mir enthalen eis wéi all Joer. Mee vläicht ännert dat sech eng Kéier. Vläicht kënne mer och eng Kéier dee Posten hei och matstëmmen. Merci.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci fir d'Wuert. Eng vun den Ursaachen, déi d'Madame Kayser elo ugeschwat huet ass warscheinlech och den Trend, deen och landeswäit am Benevolat zréckgeet, dodrop hinzeféieren. An ech mengen dës Subside sinn e wichtege Facteur mat deene mir de Leit eng Unerkennung ginn, déi sech iwwert d'ganzt Joer benevole engagéieren an och fir dass déi Veräiner an Associatioune kënne fonctionéieren an och zu eiser sozialer Kohesioun kënne bäidroen. Wéi gesot, den Här Spina hat et schonn ugeschwat, déi Subside sinn nëmmen en Deel vun der Ënnerstëtzung.

Mir als Gemeng ënnerstëtzen och eis Veräiner andeem mir Infrastrukturen zur Verfügung stellen. An hei probéieren och eis Servicer ëmmer jidderengem d'Méiglechkeet ze ginn, fir hiren Aktivitéiten ënner optimale Konditioune kënnen nozegoen. Wat natierlech bei deene sëllege Veräiner an Associatiounen, déi mer hei an eiser Gemeng hunn, net ëmmer einfach ass. Des weidere stelle mir hinnen Depoten zur Verfügung fir hiert Material ënnerzebréngen. Respektiv bei verschiddene gréisseren Organisatiounen ënnerstëtze mer se och duerch Manpower vun der Gemeng. Voilà, ech soen Iech Merci fir d'Wuert. Ech mengen et ass wichteg, nach eng Kéier, dass mer de Benevolat ënnerstëtzen, well den Trend geet no ënnen a mir musse kucken, dass mer deen erëm a Richtung uewe kréien. Ech soen Iech Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, ech hat nach eppes vergiess. Wéi gesot, deen Tableau dee mer kritt hunn, dat ass deen, dee mer och schonn 2021 kritt hunn. Do ass awer e klenge Feeler dee sech ageschlach huet bei der Domaine Musique. Do ass d'Harmonie municipale déi kritt 18.700.- Euro an d'Harmonie Forge du Sud, déi kritt net 12.000.- Euro wéi 2021, mee laut Budget kréien déi 15.000.- Euro. Do hätt ech eeben och nach eng Fro. Do ass och nach en Imprevu bei de Quartiere virgesinn. Beim Syndicat a sou weider. Et sinn nach eng Kéier 960.- Euro am Budget virgesi „pour imprévus". Do ass d'Fro, ob een awer och do nach eng Demande ka maache fir iergendwéi awer un déi Suen ze kommen. Oder wat huet de Schäfferot sech geduecht mat deem Imprevu, firwat dee soll geholl ginn? Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt déi immens engagéiert Diskussioun hei iwwert dee Punkt e bëssen oplackeren duerch eng Iwwerleeung. 57.970.- Euro, dat ass op 80.- Euro près de Montant vun der Hondssteier. Dat heescht mir si frou dass et vill Hënn gëtt, well d'Hondsbesëtzer bezuelen de Veräiner hir Subsiden.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Jo Merci fir d'Wuert. A fir dass eis Veräiner net op den Hond kommen, ënner anerem dofir hu mer sou Subsiden an d'Welt geruff. An och wéi den Här Goergen gesot huet ass dat jo nëmmen een Deel vun der Ënnerstëtzung déi mer ginn an ech mengen dat ass och op deenen anere Bänken ugeklongen. A wat och flott ass, mir sinn eis wierklech eens, dass mer houfreg sinn op eis Veräinswelt hei zu Diddeleng, dat ass eng ganz aktiv, eng ganz villfälteg. A mir als Gemeng probéiere se op verschidden Niveauen ze ënnerstëtzen. Ech mengen dat vereent eis och alleguer heibannen an dat ass och schéin, well dat brauche mer fir kënne lieweg an dynamesch ze bleiwen.

Jo déi Formel, déi ass 2014/2015 vun deem Aarbechtsgrupp ofgeschloss ginn, wou mer ganz vill hin an hir gedoktert hunn a probéiert hunn eppes ze fannen, wat an deem Sënn d'Strooss hält, dass et och vivabel ass, dass et net ze vill kompliléiert ass, dass net ze vill Dossieren a Stonnen investéiert misste gi fir kënnen dat ze analyséiere fir déi Montante auszebezuelen. D'Montanten, wéi gesot, déi si relativ. Deem enge Veräin hëllefe se definitiv méi wéi deem aneren an deementspriechend sinn d'Veräiner och do zefridden. Nach hu mer net déi honnertprozenteg Formel fonnt, wou mer all déi verschidde Konstellatiounen zefriddestelle kënnen. Dir kënnt Iech denken dass e Sportsveräin aner Demanden a Besoinen huet wéi vläicht e Scoutsgrupp. A beim Scoutsgrupp selwer, wéi den Här Steffen och gesot huet, Amis a Frënn vu Scouten, déi schaffen erëm anescht an déi brauchen och aner Ënnerstëtzung. Jee, déi Formel, dat alles mateneen ënnert een Hutt ze bréngen, war eeben net sou einfach. Nichtsdestotrotz hu mer hei awer ganz kloer Krittären.

Also d'Matrix déi Dir do ausgedeelt kritt hutt, déi steet, déi ass nozevollzéien, déi ass transparent. Wann ee kuckt, wat mer consideréieren a wat dann herno als Montant erauskënnt, da kann een dat awer ganz kloer novollzéien, an dat mécht och am Alldag Sënn. Dofir verstinn ech net ganz déi Kritik vun der Madame Kayser, déi seet et wär lo net transparent an et géif an iergendengem däischtere Gemauschels decidéiert ginn. Dat ass net esou. Et ass net esou, dass d'Leit zesummekommen an do no Lust und Laune dat verdeelen. Mee do ass d'Sekretariat wat déi Donnéeën asammelt. All Veräiner ginn ugeschriwwen, déi kréien dee Formulaire, an da sinn et ëmmer erëm déi selwecht, déi äntweren. Bezéiungsweis wa se net äntweren, da kréie se nach ee Rappell an da gëtt dat wat mer do gesammelt hunn an der Comptabilitéit duerch déi Formel gespillt an da kommen déi Zuelen eraus déi do erauskommen. Dat ass also ganz kloer nozevollzéien an dat kann een och unhand vun deenen Explikatiounen déi mir Iech nogereecht hu selwer ausrechnen. De Montant ass da mat deene fixen Associatiounskäschten a Subsiden, déi mir hei virgesinn hunn, do kënnt een op dee Montant, dee mer och ursprénglech am Budget virgesinn hunn, dee muss een do nach do dobäirechnen.

De Benevolat, dee gëtt effektiv éischter vun eise Servicer genotzt, fir mol Bänken ze kafen, fir mol eng Anlag ze kafen, fir mol Zelter ze kafen, fir dann de Veräiner bei hiren Eventer zur Verfügung ze stellen. Dofir ass am Fong geholl dee Budget geduecht am Kader vum Benevolat. Mir haten 2021 effektiv nach déi Ännerung mat deenen 20% virgeschloen. Eebe fir dass d'Veräiner déi Sécherheet kréien. Well mer festgestallt hunn, wann ee just d'Formel telle quelle hëlt, dass et dann zu relativ gréisseren Ënnerscheeder kéint kommen. An dass deen een oder anere Veräin, haaptsächlech déi méi kleng Veräiner, dann awer an d'Struewele geroden,

an dofir hu mer déi Sécherheet do eebe proposéiert gehat, an de Schäfferot huet dat dann och hei dem Gemengerot proposéiert an deementspriechend ass se säitdeem aktiv. Ech mengen dass mer den Tour gemaach hu vun de Stellungnamen, och wa mer eis net honnertprozenteg eens sinn, mengen ech si mer eis awer eens, dass mer d'Veräiner brauchen. De Benevolat sou gutt wéi méiglech vun eiser Säit aus ënnerstëtzen. Mir probéieren, mir all zesummen, en oppent Ouer ze hu fir all eis Associatiounen a Veräiner. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ma dann hunn ech eng ganz konstruktiv Propos. Dir sot, déi Subside ginn no ganz klore Krittäre verdeelt, et ass eng Matrix do, déi ass transparent. Ma firwat gitt Der eis dann net déi Ënnerlage mat an d'Dokumentatioun vun der Preparatioun vun dësem Gemengerot? Mir hunn 307 Säite kritt vum Restanten-Etat an allen Detailer. Da kéinte mer jo dann awer och déi 64 Säite vun de Subsiden déi d'Veräiner ufroe vun deene Formulairen och kréien, da kënne mer dat novollzéien an da bräicht ech mech net all Joer hei ze echaufféieren a mer de Mond fiseleg schwätze fir Saachen, déi awer da sou transparent sinn. Dofir meng Propos: Wär dat net eng Iddi fir d'nächst Joer eis och déi Dokumenter einfach an eis Dossieren ze maachen?

Hautzedaags mat eisem Intranet misst dat jo méiglech sinn. Ech hunn awer eng ganz konkret Fro. Eeben dat kënnt Der da lo vläicht séier nokucken, erstaunt ass den HBD, déi soss ëmmer och de Maximum kréie vun de Sportsveräiner, 3.200.- Euro. An den Handball kritt dëst Joer nëmmen 2.855.- Euro an ech hat do nogefrot a si wësse guer net, firwat se do déi puer Su manner kréien. Mee Dir hutt jo lo warscheinlech Är Dossiere prett do leien, da kënnt Dir eis dat da soen. A wéi gesot, et wär flott, wa mir dat dann d'nächst Joer am Detail kéinte selwer nokucken an da wäre mer bestëmmt och ganz ganz frou a géifen ni méi eppes soen iwwer Intransparenz vum Verdeelungsschlëssel. Merci. Ni méi! Also wa mer d'Ënnerlage kréien dann ass et jo transparent. Dat ass jo d'Fro.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Bei sou enger Motivatioun do schmëlze mer alle véier oder fënnef déi mer hei uewe sëtzen. Do musse mer just kucken, ech hat de Patrick lo gefrot, dem RGPTR ob mer do wierklech kënnen alles zur Verfügung stellen. Ech gesi lo weider kee gréissere Problem. Deen een oder deen anere vun den Conseillere seet, et wär mol vill ze liesen am Virfeld vu sou engem Gemengerot. Mee wann dat doten, wann dat Iech hëlleft déi Transparenz, déi mir jo natierlech alleguerten zesummen ustriewen, da kann een dat dote gäre mat noreechen. Well da kommen déi Zuelen eraus. A beim Handball, dat seet mer eppes, HBD, jo dat seet mer eppes. Do ass et eebe sou, dass déi Formel dat erausgespaut huet. Si haten dann eebe verschidde Kategorië manner Memberen an da kënnt dat dobäi raus wat dann eeben déi Formel erausgëtt.
A well et eeben objektiv ass an transparent an déi Matrix dat eeben erausgëtt, da kréie se dee Montant, deen do virgesinn ass. An do geet kee méi dru fréckelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Just eng kleng Parenthèse. Dat ass jo interessant, well och dee Posten ass vun Evenementer. Déi maache jo Youth Cup, déi ginn international spillen. Dofir war et hinnen net ganz kloer. Du hu se gemengt, ma déi Punkte kréie mer jo scho méi. Mat de Memberen, dat weess ech elo net ob si manner Memberen hu wéi anerer, well et jo och plafonéiert ass. Mee wann Dir sot, dat ass transparent, da soen ech Iech villmools Merci lo schonn dass mer d'nächst Joer, oder vläicht kréie mer dat och nach nogereecht, dat wier nach méi cool, wéi de Verdeelungsschlëssel dës Kéier appliziéiert ass. An ech soen och bestëmmt d'nächste Kéier guer näischt méi.

LORIS SPINA (LSAP – 1. SCHÄFFEN): Just fir déi Manifestatiounen. Déi si jo an der Formel consideréiert. Dat steet jo dran. Dat heescht do kréie se schonn déi Ënnerstëtzung an deem heite Kader. Mee déi aner extraordinär Elementer, d'Coupe d'Europe, dat geet jo och ëmmer duerch de Gemengerot, dat heescht do kréie se och nach Subsides extraordinaires. Dat heescht dat Eent huet elo net direkt eppes mat deem Aneren ze dinn. Mee wann d'Dossiere bis am Dossier leien, da komme sou Froe bestëmmt net méi op.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. Da géif ech proposéieren dass mer zum Vott iwwergi wat hei d'Subsiden ugeet. Wien ass mat deem Montant vu 57.770.- Euro averstanen, dass mer deen un d'Veräiner ausbezuelen? ***Dat sinn d'Stëmme vun deene Gréngen, d'LSAP, d'DP an déi Lénk. Wien enthält sech? Dat ass d'CSV.*** OK, villmools Merci.

# 5. APPROBATIOUN VUN DER KONVENTIOUN MAT DER FONDATION CANCER LUXEMBOURG AM KADER VUN DER STRATEGIE GÉNÉRATION SANS TABAC



DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: DA gi mer op den nächste Punkt iwwer, dat ass d'Konventioun mat der Fondation Cancer am Kader vun der Strategie Génération Sans Tabac. Där géif sech de René Manderscheid unhuelen.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Deelweis, jo. Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Ech wëll just ganz kuerz als Einleitung soen dass dës Konventioun hei d'Resultat ass vun eiser éischter Entrevue déi mer als Schäfferot haten, mat der Fondatioun, mat hirer Directrice am Juni dëst Joer. A mir hate jo och hei am Juli dëst Joer vun deene Gréngen eng Fro zu deem Thema, wou och schonn e puer Prezisiounen, déi an dëser Konventioun elo erëm zréckkommen, wou ech hinne scho beäntwert hunn. A mir waren och als Schäfferot der Meenung, wa mer op de Wee gi vun där Konventioun, fir déi och an der Praxis ëmzesetzen, dass mer do géife Gesond Diddeleng mat an d'Boot huelen. An de Roby Goergen, dee jo och hei am Gemengerot ass, als Responsabele vu Gesond Diddeleng, ass dann do dobäi gewiescht. An ech géif et him dann och d'Wuert iwwerloosse fir déi Konventioun eng Kéier kuerz virzestellen. An duerno hutt Dir dann d'Wuert fir kënnen doriwwer ze diskutéieren.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci fir d'Wuert. Also wéi gesot, ech fannen et de richtege Wee als Gemeng dës Partnerschaft mat der Fondation Cancer am Kader vum Projet Génération Sans Tabac anzegoen. D'Fondation Cancer huet de Projet Génération Sans Tabac entwéckelt mam Zil, d'Kanner an d'Jugend vun haut an engem fëmmfräien Ëmfeld opwuessen ze loossen, fir datt si bis 2040, dass d'Joer 2040 déi éischt Generatioun wär, déi ouni Fëmmen opwiisst. En zousätzlecht Zil ass, datt manner wéi 5% vun eiser Bevëlkerung bis 2040 fëmmen, net dem passive Fëmmen ausgesat gëtt an de Kontakt mat den Tubaksproduite limitéiert ass. Domat schütze mir eis Kanner an eis Jugend virun de schiedleche Konsequenze vu Tubak an erlaben hinnen, an engem gesonden a propperen Ëmfeld opzewuessen. D'Reduzéiere vum Fëmmen huet awer och nach eng aner Rei vun Effekter. Fir sech selwer positiv Auswierkungen op d'Gesondheet, de Kierper an de Geescht, Onofhängegkeet. Fir säin Ëmfeld: ongewollt si mir all der Zigarett ausgesat duerch den Damp dee fräigelooss gëtt, an awer och op eist Ëmfeld. D'Ophale mat Fëmme géing och hëllefen d'Loftverschmotzung ze reduzéieren.

Aktuell sinn et 7 Gemengen, déi un dësem Projet bedeelegt sinn a weider 6 Gemeng sti kuerz virdrun, sech unzeschléissen. Dëse Projet kann och nëmmen duerch eng breet Ënnerstëtzung vu villen Acteuren, national ëmgesat ginn. Duerch Bedeelegung un dësem Projet kënne mir eis als „Commune sans tabac" ausginn. Jee no dem Engagement besteet d'Méiglechkeet, verschidde Labelen ze kréien. Dat heescht, Bronz, Sëlwer wéi och Gold. Hei muss Verschiddenes dann awer ëmgesat ginn, wéi zum Beispill d'Koordinatioun an d'Sensibiliséierung vun der Bevëlkerung, d'Aféiere vun Anti-Tubak-Zonen oder och nach d'Kooperatioun mat lokalen Associatiounen an och Sportveräiner. Fir der just e puer ze nennen. Et ass eng Unerkennung fir Gemengen, déi sech fir d'Recht vun de Kanner a Jugendlechen asetze fir an engem fëmmfräien Ëmfeld opzewuessen. Dës Partnerschaft wäert eis hëllefen, d'Ëffentlechkeet iwwert d'Gefore vum Fëmmen ze sensibiliséieren an d'Bewosstsinn ze schafen, wéi wichteg et ass, gemeinsam eppes ze veränneren. Mir als Gemeng kënnen hei mam gudde Beispill virgoe wat de Wee an eng méi gesond Zukunft ugeet. Mir empfannen dës Konventioun als e wichtege Schratt am Kader vun eiser Gesondheet, an ech hoffen op eng positiv Ënnerstëtzung fir dëse wichtege Schrëtt offiziell ze maachen. Ech soen Iech Merci.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Ma mir begréissen ausdrécklech, dass d'Gemeng Diddeleng dës Konventioun mat der Fondation Cancer ënnerschriwwen huet. Mir haten et jo am Gemengerot ugeschwat, den 12. Juli Froen zu deem Thema gestalt a mir haten am Fong schonn alles prett, wat de politeschen Arsenal u Motioun an allem géing mat sech bréngen. An du ware mer awer frou dass de Schäfferot déi selwecht gutt Iddi hat wéi mir an dat kënne mir just ënnerstëtzen. Effektiv, d'Fro déi sech gestallt huet, a mir krute wou mer gefrot haten ob mat Bronz oder Gold ze rechne wier, dass et keng olympesch Spiller wieren. Dat sinn et definitiv net. Fir bei de Gold-Status ze rennen, wann een déi 6 Schrëtt kuckt, déi si do proposéieren, do sinn effektiv och Saachen dran: Augmenter significativement et annuellement le prix du tabac et ses produits associés. Do leie verschidde Saachen och net an der Hand vun der Gemeng.

Dofir fannen ech de Wee och relativ flott, dee gewielt ginn ass, fir Gesond Diddeleng do mat anzebanne fir eeben déi ganz preventiv Aarbecht ze maachen. An dann awer och déi zum Deel méi restriktiv Aarbecht déi och do gemaach gëtt fir d'Populatioun virun dem passive Fëmmen ze schützen. Den Här Goergen huet grad dovu geschwat fir verschidde „Keng-Fëmm-Zonen" ze definéieren. Ech fannen dat relativ gutt, dass Gesond Diddeleng do mat agebonne gëtt an dass dat e Prozess gëtt, wou ee sech zu méi ka Gedanke maa-

chen, wéi dat konkret soll ausgesinn. Dofir wäert et Iech net iwwerraschen, dass mir dat dote mat wäerte stëmmen. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Selbstverständlech begréisse mir och d'Ënnerschreiwe vun däser Konventioun. Den Här Goergen ass och op de Punkt vun der Ëmwelt agaange wéinst der Loftverschmotzung. Mir hunn awer virun allem gesi bei der Grousser Botz, déi mer viru kuerzem am Quartier Italien gemaach hunn, dass virun allem déi ganz Zigarettestëmp déi ronderëm trëlle Misär maachen, besonnesch bei de Parkingen, wou dann awer Leit do sinn, déi da sans gêne hir Äschebecheren do auskippen. An dëst gëllt et op alle Fall am A ze halen, dass dat zukünfteg net méi virkënnt. An, selbstverständlech begréisse mir et dann och, dass Gesond Diddeleng hei mat agebonne gouf. Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Ech si da wierklech gespaant, wéi Dir Iech do uleet fir ze verhënneren dass zukünfteg d'Äschebecheren eidel gemaach ginn op de Parkingen. Mee natierlech ënnerstëtze mir och als déi Lénk dës Konventioun. Mir fannen dat wierklech eng ganz gutt Initiativ. Et ass lo vill ëm Ëmweltschutz gaangen an effektiv ass dat jo eng Risesauerei déi  ganz Zigarettestëmp. Mee an éischter Stell geet et natierlech ëm d'Gesondheet. D'Leit vergiessen och ëmmer dass Passivfëmmen awer nach ëmmer e Riseproblem ass an et ass jo hei zu Lëtzebuerg scho vill gemaach gi fir dat anzeschränken. Ob mer lo vu Schoulhaff a Spillplaze schwätze wou net däerf gefëmmt gi wéi natierlech a Restauranten a sou. Zu Lëtzebuerg däerf och keng Reklamm gemaach gi fir Tubak. Wou ech an Däitschland studéiere gaange sinn, do hunn ech bal e Kulturschock kritt, well nieft menger Wunneng do war eng riseg Reklammentafel fir Tubak. An ech hu geduecht, dat gëtt et jo net. Ech mengen als Lëtzebuerg hu mer do schonn e wäite Schrëtt gemaach. Dat heiten ass wierklech eng ganz gutt Initiativ. Ech hu mech gefrot, deen éischt Krittär, deen ee muss erfëllen, dat ass jo „dédier une personne responsable de la coordination de la stratégie" an do wollt einfach froe wien dat ass. Ass dat den Här Goergen? Ma dann ass dat eng gutt Saach, dann hu mer den éischte Punkt jo schonn ofgehaakt. A wéi gesot, da sinn ech emol gespaant wéi séier mer duerch déi verschidde Punkte kommen a mir wäerten dat heiten dann ënnerstëtzen. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci fir d'Wuert. Dir wäert Iech net wonneren, als Kannerdokter begréisse mer dat hei natierlech explizitt. An et wär natierlech immens cool, wa lo wierklech déi éischt Generatioun géif hei opwuessen, déi da wierklech ouni Tubak kéint liewen. Et ass scho vill geschitt, dat ass dat wat d'Madame Thoma elo grad gesot huet, den tubakfräien Ambiente. Ech menge souguer all Elteren déi Eltere ginn, dat kann ech aus menger Praxis awer och soen, déi si sech bewosst dass et net gutt ass wa Kanner an engem Tubaksraum oder a Kontakt mat Tubak sinn. Dach ass et awer nach net ëmmer evident. Sécher gëtt net méi am Auto gefëmmt. Ech mengen Dir kënnt iech nach all erënneren, Är Elteren hunn nach all am Auto gefëmmt, och wann et Iech herno schlecht war. Ech mengen dat war egal. Am Haus ass gefëmmt ginn, am Büro ass gefëmmt ginn, am Restaurant. Ech muss soen Éisträich, do hat ech och e Kulturschock wéi ech virun e puer Joer nach an Éisträich am Restaurant war, déi haten nach sou Zonen, wou ee konnt fëmmen. Dann hate se sou eng Plastiksbaatsch an do ass gefëmmt ginn an niewendrun hues de dann däi Schnitzel giess.

Do war Lëtzebuerg awer relativ schnell um Wee fir awer en tubakfräien Ambiente ze schafen. Generatioun ouni Tubak, ech denke bei den Erwuessene ronderëm do ass e Bewosstsinn do. Mir mierken et och an der Gesondheet, dass effektiv d'Zuel vun de Mort subitte vun de Kindbettstod drastesch erofgaangen ass. An dat huet ënner anerem och domadder ze dinn, dass effektiv an den Haiser net méi gefëmmt gëtt. Mir mierken dass d'Hospitalisatioun fir Kanner mat schwéiere Bronchitte, déi lo net allergesch oder virusbedingt sinn duerch Passivfëmmen immens erofgaangen ass. Just als Anekdot, wa mer Kanner hei haten zu Diddeleng, wéi mer nach eise Kannerstack haten, dann hu mir d'Kanner opgeholl mat enger Bronchite, déi hu sou no Tubak gestonk, do hu mer gesot, komm mer loossen déi mol einfach 5 Deeg hei, obwuel et vläicht medezinesch net indizéiert war, mee dass déi mol an engem proppere Raum schlofe kënnen, wou net gefëmmt gëtt. Wou net herno d'Kanner dann no Tubak riechen a wou hir Bronchen dann net infizéiert si mat Tubak. Just la petite Parenthèse.

De Problem gesinn ech éischter – bei de Kanner, d'Preventioun dat leeft, ech mengen dat hunn d'Elteren, dat hunn déi Erwuessen al verstanen – ech gesinn de Problem éischter bei der Jugend. Ech mengen dat wësst Der alleguerten. Wou gesi mer Jonker fëmmen? Ronderëm d'Schoulen. Och bei de Veräiner, dat ass dann awer e bësse méi cool. Do muss nach vill geschéien. An ech mengen do ass sech d'Fondation Cancer däers awer och bewosst. Si hunn och ëmmer een Dag, wou déi tabakreie Schule promouvéiert gëtt, wou och Klassen aus dem ganze Land ëmmer matmaachen an och d'Promesse maachen, dass si eng Klass si wou net gefëmmt gëtt. Déi kréien dann och e Präis. Wat och sécher ganz ganz wichteg ass.

Wat ech lo hei an der Konventioun – ech wollt och déi Fro stellen, wien déi Personne responsable ass, Roby Goergen, flott, dass Dir dat unhuelt. Ech fannen et e bësse komesch, am Partenariat Bronz do steet haaptsächlech: d'Populatioun gëtt informéiert, „mettre en place une alternative pour garantir l'interdiction de fumer devant l'entrée principale du bâtiment municipal" an och „proposer des consultations de cessation de tabac pour les salariés communaux". A réischt am zweete Schrëtt, also am Partenariat Sëlwer wat een ustrieft, do ginn d'Associatioune mat an d'Boot geholl an – cocasse – mir hunn eis dat och nach gefrot „sensibiliser des clubs de sport". Ma ech denke wann ee Sportler ass soll ee jo souwisou net fëmmen. Also dofir dass déi explizitt hei drastinn ass dat schonn e bësse cocasse. Mee mer wësse wéi d'Realitéit ass. Effektiv. An dann och dass mer d'Leit sou wäit wéi méiglech mat an d'Boot huelen. An ech denken d'Veräiner géi-

fen, fannen ech souguer schonn am éischte Punkt mat drageheieren.

Dann hunn ech awer eng ganz pragmatesch a praktesch Fro: Wat maache mer da lo mat deene Äschebecheren? D'steet do, déi soll een da wechstellen. Soss komme mer dann op dee Punkt wou den Här Meyer gesot huet, da leie d'Stëmp nach méi ronderëm. Fëmmen ass eng Sucht, an du kriss net all Sucht mat guddem Wëlle bekämpft. An ech denken d'Opklärung ass effektiv ganz ganz wichteg, mee mer mussen awer och ganz pragmatesch un d'Saach erugoen. Mir hunn eeben nunn eemol och Fëmmerten an eiser Populatioun. A wéi denkt Dir lech dat da konkret? Zum Beispill wa mer soen, mir huelen d'Äschebecheren ewech, wéi wëllt Der dat maachen? Heiansdo gesäit ee jo sou flott kleng Äschebecheren an der Place publique, wou ee ka sou eng Ëmfro maachen. Wou's de kanns däi Stëmmelchen ageheien an da steet zum Beispill, wat weess ech: Sidd Der fir de Shared Space oder géint de Shared Space? Da kanns de däi Stëmmelche bei de Jo oder bei den Neen maachen. Just als Beispill.

Do ginn et ganz flott Initiative fir d'Leit ze initiéieren, hiren Äschebecher net op d'Strooss ze maachen an awer vläicht, mer beweege se net dozou, dass se manner fëmmen, mee wéi hat Dir lech dat ugeduecht? Zum Beispill bei de Caféë wou iwwerall awer Äschebechere stinn, wat maache mer do? Voilà. Dat sinn zwou konkret Froen. Natierlech begréisse mer dat hei explizitt. Mee wéi gesot, dat ass e Prozess warscheinlech, wou ee vill muss driwwer nodenken a wéi eng Richtung dass een dann awer geet. Merci villmools. A bon courage. A mir fannen dat do eng gutt Saach.

ROBY GOERGEN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Bon, ech mengen, wa mer lo mol haut déi Konventioun ënnerschreiwen, da fänke mer un, richteg ze schaffen. Am Hannergrond ginn et vill Méiglechkeeten, wéi een déi verschidde Problematike ka léisen. Als éischt musse mer mol detektéieren, wou musse mer reagéieren? Wou kënne mer direkt reagéieren? Ech mengen dat sinn alles Froen déi mer eis musse stellen. Do ginn et jo och Saachen, wou een direkt ka reagéieren, ouni vill groussen Opwand. Et ginn awer och Saache wou mer vläicht musse Projete maachen oder sou. Dat sinn alles Aufgaben, déi lo op eise Grupp duerkommen, wou mer eis déi Gedanke sécherlech wäerte maachen.

Ech mengen et ass elo nach vläicht ze fréi fir lo scho konkret Mesuren ze soen. D'Fondation Cancer ass un eis erugetrueden. Bis dohinner hate mer eis nach net allze vill Gedanke sou gemeet. Also mir hunn eis scho Gedanken zu deem Thema gemeet, mee ech mengen net zu där Konventioun. Zu där anerer Fro mat de Labelen. Jo kloer, de Bronzelabel, dat ass jo deen éischten dee mer kënne kréien, wou mer och probéieren ëmzesetzen. Dat heescht awer net, dass mer scho Mesurë vun deenen anere Labelen och elo scho kënnen ëmsetzen. Also et ass net dass mer d'Konventioun huelen an Zeil fir Zeil probéieren ëmzesetzen. Ech menge mir mussen do kucken: Wat kréie mer am séiersten ëmgesat? Wou si Projeten? An dann denken ech dass mer an eng gutt Richtung wäerte kommen. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Gutt, wann da keng weider Stellungname sinn, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dëser Konventioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

## 6. MOTIOUN VUN DER DP – PARTICIPATIOUN VUN DER STAD DIDDELENG UM PROJET «MOL NACH EMOL» INTERVENTIOUN VUM STEP

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An da gi mer op den nächste Punkt iwwer, dat ass eng Motioun vun der DP, déi war am viregte Gemengerot, do hate mer gesot, dass mer se géife vertagen op dëse Gemengerot. An do geet et ëm de Projet «Mol nach emol». René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Jo dat ass richteg wat den Här Buergermeeschter gesot huet. Mir haten déi am leschte Gemengerot hei, mir hunn déi an de Suspens gesat well et de Wonsch war vum ganze Gemengerot, dass amplaz dass de Sidec do eleng sou e Projet initiéiert, dass et och en Iddi gewiescht war dass eise Syndikat, de STEP och kéint op dee Wee goen. A wéi gesot, am Juli dëst Joer hat ech dat mat an de Bureau geholl an do war och ganz kloer unanime d'Meenung, dass mer ganz kloer sollen op dee Wee goen. Mir hunn dunn och effektiv Kontakt mam Sidec opgeholl, respektiv mat all deenen anere Partner, déi dee Projet do ënnerstëtzen an dreiwen. A mir sinn eis och eens ginn, dass mir dat alles ëmsetzen. Doropshin hu mir schonn am Juli ugefaangen op eisen zwee Ressourcenzenteren Diddeleng, respektiv Kiel/Téiteng ugefaangen, dat Material schonn ze sammelen.

Mir hunn och ugefaangen, eis Gedanken ze maachen, wéi et kéint weidergoen, a mir si prett fir ab November weider Sammelstellen an deene 5 Gemengen ze maachen. Dat heescht hei zu Diddeleng konkret am Gemengenhaus, respektiv an eise Schoule gi Sammelkëschten opgestallt, an da gëtt och gekuckt, wéi mer an Zukunft weiderfueren. Ob mer nach op aner Plaze Sammelkëschte maachen. An dann, wéi gesot, setze mir als STEP dee Projet do 1:1 ëm, sou wéi e vum Sidec lancéiert ginn ass. A wéi gesot, déi 5 Gemenge maachen do mat an da bleift just nach dee Wee. Déi

Motioun déi mer proposéiert kritt hu vun der DP, déi hunn ech mer erlaabt, e ganz bëssen ëmzeswitchen. Et sinn awer kosmetesch Ännerungen. Dat do ass déi offiziell Stellungnam vum STEP, déi hunn ech lech an den Dossier geluecht gehat, déi wollt ech awer hei net virliesen, well Dir hutt se jo do leien.

Ganz kuerz hunn ech se eng Kéier erëmgeholl mat den Datume vun de Sammelkëschten a sou weider. Mee wat déi Motioun vun der DP ugeet, do hunn ech mer erlaabt, liicht ëmzeswitchen. An Dir gesitt, de 4. Tiret, deen hunn ech ganz erausgeholl, deen deet a menge Aen näischt zur Saach. Do steet geschriwwen „invitéiert de Schäfferot" – an du hunn ech mer dann erlaabt, dat bäizesetzen dass de STEP de Kontakt mam Zoustännege vum Projet ophëlt an dann och d'Demarchë fir Member vum Projet ze gi géif maachen. An dann hunn ech och nach beim Punkt 2 geschriwwen dass de STEP d'Sammelpunkten an der Gemeng Diddeleng installéiert wou d'Bierger se dann och kënnen ofginn. Dat sinn déi Punkte wou ech mer erlaabt hunn, se ze modifizéieren. A wann Dir Här Meyer mat där Propos d'accord sidd, da kënne mer déi Motioun, sou wéi se do ass zur Ofstëmmung bréngen.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Als éischt wëll ech dem Här Manderscheid e grousse Merci ausschwätze fir déi Beméiungen, déi hien op sech geholl huet. An natierlech och am STEP sech dofir agesat huet, fir dass mer dat da sou kéinten ëmsetzen. Ech hunn och déi Stellungnam vum STEP gelies gehat. Ech hunn déi Ännerunge lo gekuckt. Also fir mech schwätzt näischt dogéint. An als Initiator vun där Motioun freeën ech mech, dass mer dann hoffentlech alleguerten zesummen dat heite sou wäerten unhuelen. E grousse Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Mir hunn eis einfach eng Fro gestallt. De ganze Projet ass natierlech ganz interessant, mir ënnerstëtzen dat Ganzt natierlech och, mee oft ass bei Ännerungen op sou Sitten, déi Prozedur vu Kommodo-Incommodo néideg, a mir hunn eis einfach gefrot, wann een de Projet hei duerchféiert, ob sou eng Prozedur néideg wier? Wësst Dir dat? A wa jo, oder neen, wie sech drëms këmmert? Neen. Dat ass gutt, well mir hu gefaart falls, da géif dat Ganzt sech natierlech vill méi an d'Längt zéie wat schued wier. Mee wann d'Äntwert Neen ass, da si mer jo nach méi frou, dass mer dat séier kënnen ëmsetzen. Merci.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – 3. SCHÄFFEN): Mir kënnen dee ganze Projet sou onbürokratesch an ouni vill Opwand op deene Sitten duerchsetzen. Kee Problem.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Voilà, deemno steet näischt méi am Wee, déi ofgeännert Motioun zum Vott ze stellen. Wien ass mat der ofgeännerter Motioun averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soe mer lech villmools Merci.

# 7. MOTIOUN VUN DER DP – ADHESIOUN ZUR CHARTE VUN DER PREVENTIOUNSCAMPAGNE IWWERT DE „SYNDROME D'ALCOOLISATION FOETALE (SAF) – ARCUS A «QUAI 57»

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da gi mer op deen nächste Punkt iwwer, dat war och eng Motioun vun der DP. Dat war Preventioun vum Alkoholkonsum wärend der Schwangerschaft. Am leschte Gemengerot hate mer eis och engagéiert, dass mer se hei de 4. Oktober op de Ordre du jour setzen, well déi Charta vum «Quai 57» Preventioun vum Alkoholkonsum wärend der Schwangerschaft, wéi mer hei d'Diskussioun am Gemengerot haten, déi Charta 4 Punkten hat. An der Diskussioun och mam Auteur, mam Här Meyer, huet sech erausgestallt dass par rapport zu de Punkte vun där Charta sech eng ganz Rei Froe gestallt hunn, op déi Dir selwer och keng Äntwert hat am Kader vun der Presentatioun vun der Charte, sou dass mer hu missen higoen an eng Entrevue organiséiere mat deene Responsable vum «Quai 57» fir dann och déi néideg Informatiounen ze kréien, fir iwwerhaapt iwwert den Inhalt vun dëser Charte méi am Detail kënnen ze schwätze well dat jo ausschlaggeebend ass.

Dofir sinn ech higaangen an ech hunn och eng Reunioun organiséiert mam «Quai 57» fir déi néideg Informatiounen ze kréien, déi mer am viregte Gemengerot net virleien haten, fir dann och kënnen déi néideg Explikatiounen dem Gemengerot ze ënnerbreeden, fir dann och de Vott vun dëser Charte kënne virzehuelen a fir dann och am Gemengerot déi néideg Erklärunge kënnen ze ginn, op wat mer eis hei engagéieren. Well dat war am leschte Gemengerot säitens vum Auteur och net de Fall, an ech mengen alleguerten d'Parteien hei hu sech eng ganz Rei Froe gestallt wat déi 4 Tireten ugeet vun der Charte an a wéi eng Richtung dass et do géif goen, wann een hei en Engagement hëlt, vu dass déi Prezisiounen absolut guer net virlouchen.

An deem Gespréich – an ech muss soen ech hat eng ganz gutt an eng ganz interessant Entrevue mat deene Responsabele vum «Quai 57» iwwert hir Entrevue. Wat jo net gewosst war wéi d'Motioun hei presentéiert gouf, mee dat huet sech dann duerch d'Entrevue erausgestallt, dass dës Charta sech aschreift an de PALMA, de „Plan d'Action luxembourgeois contre le mésusage d'alcool". Dat ass en nationale Plang vum Gesondheetsministère, deen eng ganz Rei Elementer wat de Mésusage vum Alkohol ugeet artikuléiert. An een Element dovun ass d'Preventioun vum Alkoholkonsum wärend der Schwangerschaft, wou de «Quai 57» respektiv hei d'Suchtpreventioun sech där Saach och ugeholl huet. Also wéi gesot en nationale Plang dee sech da rofdeklinéiert op eng Rei Moossnamen. Ech mengen dat ass emol dat Éischt, dass een och mol weess, a wéi ee Kader sech déi Charta aschreift. Well och dat steet tel quel an der Charta net dran, dass en sech un der PALMA orientéiert. Dat ass awer keen

onwichtegt Element. Déi Charta ass sou opgestallt gi wéi se opgestallt gouf an dofir mengen ech war déi Entrevue net onwichteg mat deene Responsabele vum «Quai 57». Et huet sech och erausgestallt dass den 1. Tiret: «Sensibiliser ses collaborateurs ou la société civile en tout ou en partie concernant les méfaits d'une consommation d'alcool pendant la grossesse », dass dat zimmlech wäit ausgeluecht ass an ech mengen dass mer dee Krittär jo och schonn erfëllt hu well de «Quai 57», déi ware jo op der Matinée Santé present, dofir ass deen dote Volet jo schonn deementspriechend och ofgedeckt.

«Diffuser les outils d'information et de sensibilisation délivrés par les experts soutenus et reconnus par les autorités publiques.» Ech mengen dat ass dat Informatiounsmaterial dat de «Quai 57» eis zur Verfügung stellt. Dat ass Material dat och mam Gesondheetsministère ofgeschwat ass a vum Gesondheetsministère validéiert gouf, ob dat lo Pediatere sinn, Gynekologe sinn oder Hiewanne sinn, dat ass an deem Register, wou dat sech ofspillt. Dat sinn d'Informatiounen an och d'Material dat mer kritt hunn, dat mer zur Verfügung gestallt kréien an dat mer da kënnen huelen als Informatioun a Sensibilisatioun. Dann, «Communiquer à l'ensemble des parties prenantes de l'institution les engagements pris.» Dat sinn am Fong generell déi Sensibilisatiouns- an Informatiounsaarbechten déi mer maachen duerch d'Informatiounsmaterial dat mer zur Verfügung gestallt kréien. De Punkt 3 huet also mam Punkt 2 ze dinn. Dat hu mer och gemaach am Kader vun der Matinée Santé, mee dat kann een och wéi gesot auswäiten. A mir hate jo och schonn Initiative geholl säitens vun eisem Gemengepersonal. Dat kann een auswäiten och an Zesummenaarbecht mat Gesond Diddeleng.

«Encourager l'ensemble des partenaires à également oeuvrer en faveur de la promotion de la santé publique sur ce sujet.» Dat heescht dass och do, mat alleguerten deenen Acteure mat deene mer am Gesondheetsberäich sinn, mat deene mer Kontakt hunn, dass mer dat och do weider distribuéieren. Also et huet sech erausgestallt dass déi heite Charta zimmlech breet ass an zimmlech imprécis ass, mee op där anere Säit eis dann eng gewësse Latitüd gëtt, dat sou ze artikuléieren, wéi mer et dann och deementspriechend wëllen. Och dat ass am Gespréich erauskomm. Ech wollt lech déi hei Prezisiounen awer nach ginn. Am Virfeld war et jo net sou, dofir konnt dat duerch déi Entrevue awer gekläert ginn a wéi eng Richtung dass mer eis hei beginn, wa mer iwwer déi 4 Punkten hei aus der Charta wëllen ofstëmmen an déi och unhuelen. An dofir awer och d'Propos par rapport zu der Motioun vun der DP och eng kleng Ëmformulatioun ze maachen. Also d'Considerante sinn OK. Dann invitéiert de Schäfferot, d'Charte vu «Quai 57», Suchtberodung, déi och vun der André-Losch-Fondatioun ënnerstëtzt gëtt ze ënnerschreiwen an domadder en Zeechen ze setzen dass d'Gemeng Diddeleng fir de Schutz vun eise Kanner steet. Ech mengen deen Tiret hale mer bäi.

An da war den 2. Punkt, den 2. Invite, deen iwwerhëlt natierlech déi ganz Elementer vun der Charta. Dat ass natierlech, ech war lo nach eng Kéier op d'Punkten agaangen, eng Redite, dat ass redondant. Dofir mengen ech hei d'Ëmformulatioun am 2. Punkt, déi 4 Tireten aus der Charta progressiv ëmzesetzen. De Patrick Bausch blennt dat an. Dat heescht: Informatioun a Sensibiliséierung iwwer déi schiedlech Auswierkung vum Alkoholkonsum wärend der Schwangerschaft, d'Engagementer vun der Charte an e generellt Encouragement sech un der Gesondheetsférderung an dësem Beräich ze bedeelegen un d'Personal, d'Zivilgesellschaft an d'Partner vun der Stad Diddeleng weiderzeginn. Dat resuméiert am Fong déi Elementer déi an der Charta sinn. Dat zu den Ausféierunge vun dëser Motioun awer och zum Inhalt vun der Charta, dass mer och wëssen, ob wat mer eis aloossen. Villmools Merci fir d'Nolauschteren an d'Diskussioun ass natierlech op.



MARC MEYER (DP): Nach eng Kéier Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Och hei e grousse Merci fir déi Beméiungen déi Dir ënnerholl hutt an och fir déi weider Explikatiounen, déi eebe mat der Entrevue mat «Quai 57» do rauskomm sinn. Well ech wousst effektiv och nach net dass dat Ganzt sech do an de PALMA aschreift. Dat ass effektiv eng wichteg Informatioun.
Déi Ëmännerunge wéi Dir se virgeholl hutt, déi si verständlech a fir mech ganz OK. An och hei hoffen ech dann natierlech op all déi aner Kolleegen déi hei sëtzen, dass mer dat sou zesumme kënnen unhuelen. E grousse Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech proposéieren dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat der ëmgeännerter Motioun, respektiv dann och implizitt mat der Charta, déi mer hei aginn an och ënnerschreiwe wäerte mat hinnen, averstanen?
***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.



# 8. URBANISMUS

**8.1. Approbatioun vun der Modification ponctuelle vum PAP «Nouveau Quartier» (PAP-NQ) «Neischmelz-Centre» déi Fongen zu Diddeleng am Quartier «NeiSchmelz» betrëfft, presentéiert vum Bureau Christian Bauer Associés Architectes S.A., fir de Fonds du Logement**

**8.2. Approbatioun vun der Modification poncutelle vum PAP «Nouveau Quartier» (PAP-NQ) Quartier «NeiSchmelz-Sud» dee Fongen am Quartier «NeiSchmelz» betrëfft, presentéiert vum Bureau Christian Bauer Associés Architectes S.A., fir de Fonds du Logement**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer op den nächste Punkt iwwer. An dat ass den Urbanismus. Do geet et virop mol ëm Ofännerunge vu PAPe ronderëm NeiSchmelz. Dat ass NeiSchmelz Zentrum, also NeiSchmelz Süden. An an deem Kontext wëll ech hei begréissen d'Madame Vit an den Här Gira vum Fonds du Logement a vun eisem Service Architecture et Domaines d'Madame Gottschalk an den Här Carreira, déi jo och hei si fir déi néideg Erklärungen ze ginn. Generell de Kontext wou mer dës Ännerunge vun de PAP virhuele schreift sech an an déi méi breet Diskussioun, déi mer ronderëm NeiSchmelz hate wat d'Densificatioun ugeet vum Site, fir och méi Logement abordabel kënnen um Site ze schafen, respektiv dem Fonds du Logement d'Méiglechkeet ze ginn, méi abordabele Logement ze schafen. Den 3. Punkt, well dat direkt dëse PAP concernéiert, fir och d'Aarbechte ronderëm d'Logementer deemnächst kënnen unzefänken.
Well Dir wësst, da kann een och d'Geleeënheet notze fir e klenge Stand ze maache vun den aktuellen Aarbechten um Site. Dat Ganzt reit sech mengen ech dann och an an déi Diskussiounen déi d'Stad Diddeleng mat de jeeweilege Ministèren hat, wat d'Verdichtung ugeet, déi herno dann op 1575 Unitéite wäert eropgoen.

Dat heescht, wat mer lo hei virhuelen dat ass d'Ëmännerung vum PAP Zentrum a Süden. An ech mengen Dir wësst jo dat hei sinn d'PAPen an déi nächst Schrëtt vun de PAPe sinn d'Conventions d'exécution. Hei ass et am Kader vum Gesetz wou mer eis beweegen. Dir wësst och, ech maachen dat e bëssen als Aleedung zu deenen heiten 2 Modifikatiounen, déi mer dann och virstellen, dass de PAP Zentrum, dass mer do, an do huet de Gemengerot jo scho säi Feu vert gi virun net all ze laanger Zäit. Dat war de leschte Gemengerot dee mer haten. Den 12. Juli hate mer eng Modification ponctuelle gemaach vum PAG. Dat war jo de Prealabel heivunner, dat war jo och am Avis deen Der virleien hutt vum Interieur erauskomm, dass mer, fir de PAP ze änneren, musse mer eng Modification ponctuelle vum PAG maachen. Dat war de Preambel am Fong fir de Moment vun haut. Dat hu mer gemeet, sou dass mer och hei d'Modifikatioun vum PAP fir den Zentrum kënne virhuele fir där Densifikatioun kënne Rechnung ze droen. Dat ass fir de PAP Zentrum a fir de PAP Süden.

An der ganze Prozedur déi mer bis elo haten, an der PAP-Prozedur hei, do hu mer natierlech eng Enquête publique gemeet, et loung alles aus, et sinn och weider keng Reklamatioune komm am Kader vun där doter Prozedur sou wéi och an der Modification ponctuelle vum PAG keng Reklamatioune komm sinn. Och hei bei der Modification ponctuelle vum PAP Zentrum leien och keng Objektioune vir. A wat de PAP Süden ugeet, do hu mer jo keng Modifikatioun brauchen ze maache vum PAG, dat ass deementspriechend am Bestand. An och do kommen an der Prozedur déi mer lancéiert hu ronderëm de PAP och keng Objektiounen deementspriechend eran, sou dass den Dossier och prett ass fir Iech dann och hei kënne virgestallt ze ginn an dass mer de Vott kënne virhuelen. Mee fir Iech awer e bëssen den Topo ze maachen, e bësse sou de Zoom eran an déi zwee PAPen, souwuel Zentrum a Süden, géif ech ganz gären den Madame Vit an dem Här Gira d'Wuert gi fir Iech d'Presentatioun hei ze maachen. Si hunn déi och opbereet en vue vun haut a si géifen haut dann och deementspriechend drop agoen. Dir hutt d'Wuert. Merci.

MICHEL GIRA, FONDS DU LOGEMENT: Merci Här Buergermeeschter dass mer hei kënne presentéieren. Normalerweis sollte mer dat a Presenz vun eisem Urbanismusbüro maachen. Do sinn déi leider kuerzfristeg haut verhënnert, dofir maache mir dat haut eleng.
D'Madame Vit wäert dann an d'Detailer agoe vun deenen 2 Modifikatiounen, engersäits vum PAP Zentrum, deen éischten, wou mer nei Logementer wäerten developpéieren an dann och vum PAP Süden, wou d'Ännerungen haaptsächlech en lien mat den Energieinfrastrukture sinn, virstellen.
Da ginn ech der Madame Vit d'Wuert.

AUDREY VIT, FONDS DU LOGEMENT: Nous avons dans le cas de la modification ponctuelle identifié des lots du PAP-Centre en démarrant sur ce sujet-ci, identifié la zone qui était le coeur-site à développer pour pouvoir tisser l'urbanisation et la connexion entre les quartier Schmelz et Italie. C'est la raison pour laquelle on a porté notre focus sur une première modification située à cet endroit-ci qui est donc le coeur du PAP-Centre en matière de développement de logements.
Evidemment, comme cela a déjà été soulevé, cette modification n'apporte pas de façon considérable une modification substantielle de ce PAP. On est sur une intervention modérée et on viendra ultérieurement opérer la densification généralisée sur le PAP-Centre.
Et effectivement, nous sommes à PAG constant dans cette intervention.

On visualise ici la situation que proposent aujourd'hui les PAP, tels qu'ils sont validés à l'heure actuelle. Et on visualise sur la photo de droite l'intervention qui est faite. Alors pour être tout à fait précise, on agit sans étendre les superficies de construction. Mais par contre on rehausse d'un niveau les bâtiments résidentiels qui sont sur les axes structurants que nous allons créer pour développer le PAP-Centre. Donc le cours des hauts-fourneaux et les nouvelles routes qui vont être créées au droit du PAP-Centre.

Sur le slide suivant on zoome sur la constructibilité et sur les documents qui seront approuvés, à savoir la partie graphique que vous avez sous les yeux. Et là, en partie blanche, vous visualisez ce qui est actuellement en cours. Et les interventions, on va dire conséquentes, portent sur la transformation de maisons bi-familiales sur le futur Cours des Hauts-Fourneaux en bâtiments résidentiels. Et on a été vigilant à ce que l'aspect esthétique et urbanistique soit maintenu et que la diversité de produits locatifs futur logement reste toujours garantie par cette intervention. C'est-à-dire qu'on avait l'intention d'avoir sur le Cours des Hauts-Fourneaux des fonctionnements de duplex, des maisons bi-familiales fonctionnant comme des duplex.
Et cette fonction-là est respectée dans ce que nous proposons de modifier en rajoutant un étage supplémentaire.

Ce qui nous amène au statut qui est le suivant : Nous avions, sur les PAP actuellement en vigueur, 326 logements dans ce périmètre où nous intervenons. Nous arriverons à 346 logements. Donc on agit sur 20 logements supplémentaires et ceci est rendu possible avec cette évolution en hauteur de certains immeubles et sur une réaffectation des usages entre des fonctions qui étaient focus tertiaire pour 17.000 m$^2$ à l'heure actuelle sur lesquelles on redescend la volonté de surfaces commerciales et tertiaires à 10.000 m$^2$. Et on a affirmé et confirmé la présence de la salle multi-fonctionnelle sur un des lots qui était le lot B18 qui est touché par cette modification. Voilà le grand chiffre de ces évolutions.

L'impact en matière de stationnement, lui, est plutôt favorable, c'est-à-dire qu'on avait un besoin de stationnement pour ce périmètre de logement et de constructibilité qui était presque à 480 places. Et aujourd'hui, avec la modification ponctuelle, finalement le besoin descend et on aura moins de voitures par cette intervention. Du coup on peut rester à paramètre constant sur le parkdeck. J'en ai fini sur la présentation du PAP Centre. S'il n'y a pas de questions je continue. Si vous avez des questions j'y répondrai à l'issue. Sur le PAP-Sud notre volonté initiale et pour quelle raison on fait une mopo légère à cet endroit-ci? Ben, on a en ligne de mire notre scénario énergétique de quartier qui porte sur la géothermie. Et on s'est dit qu'il fallait préparer d'ores et déjà un des bâtiments à accueillir cette infrastructure. D'où notre intervention maintenant sur une mopo légère que porte vraiment sur un seul bâtiment. Et ce bâtiment qui se situe au sud du PAP-Sud.

On se pose un peu la question : Mais pourquoi agir là ? C'est véritablement une action qui est motivée par le sujet énergétique du quartier. Donc notre focus se porte sur ce Lot G5 qui accueillait très peu de logements au départ. Je pense qu'on n'était qu'à 10 logements. Et aujourd'hui on le densifie quelque peu. Toujours en restant à périmètre de PAG constant. Mais on ajoute le fait de pouvoir accueillir une infrastructure énergétique qui serait couplée avec le forage et le doublé de géothermie qui est positionné au sud du quartier.

Géométriquement, là pour le coup le bâtiment il change complètement d'allure. Et c'est voulu, c'est volontaire. C'est en concertation avec le ministère que nous avons agi sur cet immeuble pour qu'il ait une certaine visibilité au sud de la ville et à l'entrée sud de la ville.
De cette façon-là il est véritablement visible quand on arrive de Volmerange-les-Mines et quand on entre dans la commune. Là pour le coup on agit sur l'emprise au sol et on agit sur la constructibilité. Les deux lots concernés, l'un porte sur la densité et l'énergie qui se trouve ici. Et comme on agit sur la quantité de logements, inévitablement on doit rééquilibrer la quantité de parkings. D'où l'autre lot qui se situe le long de la route de Thionville qui est le lot P4 pour lequel il nous faut rajouter du stationnement. Et pour rajouter du stationnement à même le sol évidemment il faut rajouter un étage. Donc le stationnement à même le sol devient un bâtiment à deux niveaux rez-de-chaussée plus 1.

Ce qui nous amène à la situation en matière de chiffres. Donc le PAP actuellement permet sur le lot G5 12 logements, à l'avenir on pourra en accueillir 58. Et en matière de stationnement on double pratiquement la surface de stationnement en créant un étage supplémentaire ou un étage tout court sur 61 emplacements de stationnement. Donc on passe à 122.
Voilà sommairement, succinctement nos motivations et ce que contiennent les deux modifications ponctuelles du quartier Centre et Sud.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech soen dem Audrey Vit villmools Merci fir déi doten Erklärungen, déi Iech och nach méi am Detail veranschaulechen, wat déi Modifikatioune beinhalten. An elo ass natierlech d'Diskussioun op zu deenen zwee PAPen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d'Explikatiounen. Et war mir net bewosst dass mer effektiv Modifikatioune maachen, déi awer eng gewëss Tragweite hunn. Ech hat dat e bësselchen ënnerschätzt dass mer do wierklech och schonn an nei Momenter ginn, zum Beispill d'Logementer am Zentrum erhéijen. Ech hunn dat net sou richteg verstane mat deenen Emplacementer vun de Parkingen. Ech hunn do eppes gelies vun engem Bâtiment multifonctionnel oder sou. Ass dat esou? An ass dat doduercher wou mer Emplacementer am Zentrum da verléieren oder net brauchen? Meng zweet Fro dat geet ëm de Süden. Geothermie ass elo ugeklongen. Dat freet eis, dass mer do awer och eng Zouso hunn, souzesoen amtlech, dass dat klappt. Well mir waarde jo nach ëmmer mengen ech,

oder vläicht weess de Schäfferot méi, op déi berüümten Etüden déi gemaach gi sinn. Wou war et scho méi, Duisburg oder Bochum? Déi nach ëmmer evaluéiert sollte ginn. Do ass meng Fro: Wéi konkret ass dat, dass dat mat där Geothermie op deem Site wou mer et geplangt hunn och klappt? An natierlech ass dat och eng Fro, déi d'Leit dobaussen och interesséiert: A wéi enger Zäitschinn leie mer lo? Wéini geet et lass? Voilà. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, ech hunn nach och eng Zousazfro zum Zenter, zum PAP-Centre. Do hu mer 20 Logementer méi. D'Fro ass lo just nach eng Kéier: Wéi ginn déi realiséiert? Ginn d'Niveaue vun de Gebaier gehéicht oder reklasséiert? Ech kann awer och déi Fro vum PAP-Sud nach eng Kéier stellen. Do ass elo gesot ginn dass dat Gebai, et geet jo considerabel erop do vun der Zuel vun de Logementer am Süden. Ass dat dann elo eng Hausse vun 12 op 58, ass déi an deem Lous zesumme vum G5.1 a G5.2? Wéi deelt dat sech op?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Merci och fir déi Presentatioun. Vous avez vraiment été très claire et sur le point. Parce que des fois, avec des présentations pareilles, on se demande combien ça va durer. Donc c'était vraiment une présentation excellente. Et j'imagine la surprise que vous avez eu quand le bureau a dit qu'il ne serait pas présent. Donc très bien, merci beaucoup.

Ech fuere weider op Lëtzebuergesch. Vläicht kuerz de Kader gesat einfach zum Urbanismus. En nohaltegen Urbanismus soll natierlech eng inklusiv Approche hunn an eng adequat Äntwert ginn zu soziale Besoinen, Ëmweltkrittären, wirtschaftlech Entwécklung, d'ekologesch an d'demographesch, dat ass ganz wichteg, Entwécklung. An et soll natierlech an d'Planung mat afléissen a sou gutt wéi méiglech all déi Facteuren do antizipéieren. Mir hunn hei effektiv e ganz innovative Quartier deen awer scho méi laang an der Planung war. An hautdesdaags geet alles wierklech vill méi séier, sief et Demographie oder urbanistesch Tendenzen. A ganz oft ass et sou, datt an 10 Joer e Plang ka schonn iwwerlieft si bevir iwwerhaapt ugefaange gëtt gebaut ze ginn, an dofir ass et wichteg, dass mer sou Modification ponctuellen ëmmer à fur et à mesure maache fir och de Besoinen an der Gesellschaft Rechnung ze droen.

Ech wollt vläicht just eng Kéier eng kleng Klamer opmaachen. Deemools hunn déi Gréng de Quartier Centre an de Quartier Sud net matgestëmmt, also si hu sech enthalen. Mee de Grond war einfach, well mir e verkéiersberouegte Quartier wollten a mir haten dee Moment och zwou Haaptachsen, déi déi Haaptachsen am Fong reliéiert hunn, wat aus Erfarung sécherlech dozou gefouert hätt, datt vill Trafic an deem Quartier entstane wier. Haut schwätze mer awer vun enger Modification ponctuelle déi dozou soll féieren, méi eng adequat Densitéit an deem Quartier ze kréien. Et si quasi 40% méi Logementer par rapport zu der ursprénglecher Situatioun. Dat ass och an der Diskussioun an am Dialog mat der viregter Regierung schonn entstanen, mam deemolege Logementsminister, wat mir natierlech och ausdrécklech begréissen. Well hei si mer an engem Quartier, wou mer souzesoe bei Null ufänken, a mir sinn an enger Logementskris, mir sinn an enger Wunnengsnout an dofir soll een dat sou gutt wéi méiglech bei sou Projete wierklech plangen, well – an dat ass wierklech e ganz wichtege Punkt – mir si bei enger Densification maîtrisée. Dat heescht, mir kënnen déi ganz Liewensqualitéit ronderëm méi eng héich Densitéit plangen, antizipéieren an déi néideg Infrastrukturen, sief et Grénganlagen, gréng Stroossen, kleng Verbindungen, Servicer, kuerz Weeër, kënne mer natierlech mat afléisse loossen. Jo, an dat ass wierklech immens pertinent.

Dat ass eng Stellungnam, ech weess, eis Fro ass vläicht einfach, datt mer weider eng Biergerbedeelegung maachen fir de Quartier, well mir si quasi bei Step 1 wa mer bis ufänke mat bauen a weider Detailer plangen. An eis ass et wichteg, datt mir déi Biergerbedeelegung einfach mat iwwerleeën a weider mathuelen an deem Quartier. Well ech si mer bal sécher, datt dat net déi eenzeg Mopo PAP wäert sinn an Zukunft, well et ass e Quartier, deen awer e laangen Otemzuch brauch fir datt mer bis de leschte Punkt ukommen.

An ech fannen och beim PAP-Sud, dat ass éischter e perséinleche Point de vue, mee vum urbanisteschen hir fannen ech et immens, datt mir sou e Landmark lo hu wa mir an de Quartier erafueren, datt do wierklech markéiert gëtt. Éischtens mol déi nei Technologie, déi wierklech innovativ ass fir d'ganzt Land, déi Geothermie déi mer wäerten hunn. Awer och vum Visuellen ass et wichteg, dass mer en neie Moment, en neie Quartier sou markéieren. Voilà. Merci gesot.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo Merci. Och vu menger Säit aus villmools Merci fir déi Presentatioun. Ech ka mech kuerz halen. Dir wësst dass mir als Lénk eis och enthalen hu bis elo beim Projet NeiSchmelz, einfach well mer der Meenung waren a bedauert hunn dass an eise Aen hätt kënne méi Logement geschaaft ginn an d'Densitéit eis eigentlech net duergaangen ass, déi gemaach ginn ass. A viru kuerzem huet den Direkter vum Fonds du Logement dat jo och nach an engem Interview e bësse bedauert. Mee dowéinst si mer jo lo ëmsou méi frou dass dann hei zumindest punktuell elo d'Densitéit erhéicht gëtt. A wann ech richteg verstanen hunn ass et jo dass am Centre een Niveau einfach bäikënnt. Dat heescht et gëtt ee Stack méi héich an doduerch kënnen awer 20 Logementer méi geschaaft ginn. Dat begréisse mer selbstverständlech, dat war eng Demande vun eis. An ech schléisse mech och der Madame Ahmedova un, dass am PAP-Sud dat och visuell eppes ganz aneres duerstellt. Sou dass mir frou sinn dës zwou punktuell Modifikatioune mat Freed kënne matzedroen. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci. Ech hunn nach eng kleng Verständnisfro. Vläicht hunn ech et och iwwersi wou ech den Dossier gekuckt hunn. Mee et ass jo dovu rieds gaangen, dass souvill Parkplazen, Emplacementer bäikommen, eng Etage. A mir war elo um Plang net ganz kloer wou genee déi Extensioun gemaach gëtt. Vläicht op engem anere Slide. Mee dat géif mech interesséieren. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech wëll elo keng Fro méi weider stellen, ech hat meng Fro jo gestallt. Ech wollt am grousse Ganzen awer trotzdeem déi Densifikatioun nach eng Kéier ervirhiewen. Dass mer natierlech komplett do hannendru stinn. Et ass eng grouss Demande, mir wëssen et alleguerten. An dat heite gëtt awer elo wierklech flott geléist, well déi 275 Wunnengen, déi gi schéi verdeelt ëm déi 4 PAPen. Mir fänken also hei mol mam Centre a mam Sud un. A wat eeben och gutt ass, dass et ka lassgoe mam Bau, dass hei eng Procédure allégée ugewannt gëtt, also ouni Adaptatioune vum PAG. Also et gëtt am Kader vum PAG geschafft, wat natierlech lo vill méi flësseg virugeet wéi mer wëssen, wéi wa mer lo nach missten de ganze PAG frësch duerchkucken.

Wéi gesot, d'Leit waarden drop. Mir sinn all, de Beitrag war jo lo nach dës Deeg um RTL, wou den Här Vandivinit jo och nach eng Kéier gesot huet, dass elo 2028 viséiert wier, déi éischt Wunnenge prett ze hunn. En Challenge wann ee gesäit de Bierg vun Aarbecht, deen nach do läit. Et ware jo souwisou mengen ech 2 Joer virgesi fir d'Buedementseuchung an da géif et da mam Bau lassgoen. Et muss jo d'Stroosseninfrastruktur komme fir dass d'Leit herno och an déi Haiser do kënne kommen. An dann hoffen ech, dass mer dat Zil dann och erreechen. Jiddefalls vun eiser Säit aus begréisse mir déi MOPOen an approuvéieren natierlech dës mat. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech hale mech och ganz kuerz. Ech wollt just nach eng Kéier e grousse Merci soen och vu menger Säit fir déi schéin a propper Presentatioun. Quartier NeiSchmelz, ech menge mir wëssen alleguerten, d'Leit brauche Wunnengen, d'Leit waarden op Wunnengen, an hei zu Diddeleng gëtt et dann och elo méiglech herno da Wunnengen ze kréie fir e Präis deen a mengen Aen och raisonabel wärt sinn. Merci.

MICHEL GIRA, FONDS DU LOGEMENT: Et waren e ganze Koup Froen, déi eng éischter urbanistescher Natur, déi aner zu der Geothermie. Ech proposéieren, dass mer ufänke méi am Detail op déi urbanistesch Froen anzegoen. Do wäert d'Madame Vit Iech kënnen detailléiert Äntwerte liwweren an duerno wäert ech nach eng Kéier kuerz op Geothermie am allgemengen agoen.

AUDREY VIT, FONDS DU LOGEMENT: Les questions relatives au PAP-Centre, je vous confirme que le principe consiste à positionner davantage de logements en créant un étage supplémentaire sur les axes majeurs. Notre périmètre d'intervention a enveloppé des îlots qui sont même parfois des bâtiments existants, dans lesquels il y avait des logements qui étaient prévus, à savoir le Hall Trafo qui est sensé accueillir des infrastructures publiques, comprenait une dizaine de logements, 10 logements exactement. Un autre bâtiment comprenait 30 logements. Ce bâtiment-ci n'accueillera plus du tout de logements dans cette modification ponctuelle pour laisser place à la salle multi-fonctionnelle qui est ici.

Donc en fait on a fait un ré-arbitrage d'installations et d'implantations, des « réserves » de constructibilité de logements qui été placés dans des bâtiments qui n'en accueilleront plus pour les retrouver véritablement sur 4 îlots clairement résidentiels dans lesquels on va réorganiser aussi les socles rez-de-chaussée qui vont continuer à être animés en accueillant des commerces et des professions libérales et autres. Mais qui vont laisser plus de place à la présence de logements, mais de façon tout-à-fait modérée et acceptable. Là où en fait on a vraiment gagné et c'est pour ça d'ailleurs que l'impact n'est pas énorme en surface, il n'est pas énorme en logements. C'est qu'en réalité on a ré-arbitré des surfaces disponibles dans des bâtiments qui n'auront plus d'usage logement, à savoir ces deux lots-là pour les retrouver ici. Donc là je réponds à une première vague de questions.

Concernant ensuite la dimension stationnement. On s'étonne effectivement qu'on a besoin de moins de stationnement, mais la clé de besoin en emplacements de voiture est plus faible et elle est fortement ambitieuse dans le périmètre de NeiSchmelz puisqu'on est à 0,8 emplacements par logement. Donc si des surfaces qui étaient destinées à des locations tertiaires, commerces deviennent du logement, en réalité le commerce et le tertiaire consomment dans nos PAP à NeiSchmelz plus de voitures que le logement. Donc on se retrouve à un bilan là pour le moment qui est plutôt favorable. On agira plus intensément sur les PAP dans le futur pour atteindre la densité que nous avions évoqué en introduction. Mais pour le moment on a un bilan stationnement qui est plutôt satisfaisant. J'espère avoir répondu à toutes les questions qui portent sur le PAP-Centre.

Sur le PAP-Sud, la question du landmark et du bâtiment G5, c'est un bâtiment qui dans le PAP actuellement accueillait 12 logements et 105 voitures. Juste pour un peu caricaturer ce qu'était ce bâtiment-là initialement et ce qu'il y a encore aujourd'hui. On a fait le choix de travailler sur celui-ci parce qu'il nous semblait intéressant de le faire décoller pour qu'il soit visible. Et en le faisant décoller on a pris le parti d'intensifier la présence de logements dans les étages et de conserver le socle à rez-de-chaussée pour les équipements techniques accueillant l'infrastructure de géothermie, enfin l'infrastructure de chauffage et des installations énergétiques du quartier. On a deux niveaux qui accueillent des stationnements, deux niveaux ensuite qui accueillent du tertiaire et sur les rehausses on est en logement.

On est vraiment sur un bâtiment à profil très mixte comme on peut le voir dans de nombreux quartiers nouveaux qui sont en développement, où on a une véritable mixité de fonctions au sein d'un même bâtiment. On est sur un bâtiment qui comporte vraiment ces trois fonctions-là et qui les accueille ensemble. Et effectivement là on a besoin de créer plus de stationnements par rapport à ce qu'on a dans le bilan global d'offre de stationnement, parce que tout simplement on agit sur ponctuellement un immeuble qui agrandit et en étant agrandi les surfaces qu'on crée en plus n'avaient pas leur réponse en stationnement. Qu'il s'agisse de commerces, bureaux ou logements. Voilà pour la question urbanistique je pense.

MICHEL GIRA, FONDS DU LOGEMENT: OK, wann Dir keng Froe méi zum urbanistesche Volet hutt, da géif ech op d'Geothermie riwwergoen. Fir d'éischt als Introduktioun, fir eis als Fonds du Logement wéi och fir de Projet NeiSchmelz insgesamt an all déi Parteien, déi en droen, ass d'Geothermie nach ëmmer e wichtege Bestanddeel vum Quartier fir den Aspekt Ekoquartier an 100% Energies renouvelables. An an där Optik schaffe mer och an hunn och an deene leschte Jore ganz vill Efforte gemaach fir d'Etüde weiderzedreiwen. Ech schwätze virun allem vun der Ëmweltimpaktstudie déi gebraucht ginn ass fir de Forage de reconnaissance ze maachen, dee geplangt ass fir och tëschent 1000 an 2000m an d'Déift ze buere fir d'Potenzial vun der Geothermie effektiv ze confirméieren. Dat heescht an déi Richtung hu mir an de leschte Jore geschafft.
Leider huelen déi Demarchen ëmmer e bësse méi Zäit wéi am Ufank geplangt war. Dat heescht, mir komme lo op ee Punkt wou mer natierlech wëllen de Quartier weiderdreiwen.

De PAP Zentrum, ech menge mir hunn haut hei iwwert d'Modifikatioune geschwat, do wëlle mer ufänken déi éischt Logementer ze bauen. A vun deem Point de vue hir klappt d'Geothermie kuerzfristeg net méi. Dat heescht mir plangen den 1. Quartier mat enger alternativer Solutioun, déi ëmmer nach op 100% erneierbaren Energië berout, dat heescht zentral Wärmepompelen. Awer sou dass mer herno ëmmer nach kënnen op d'Geothermie ëmswitche wa mer bis do virukommen. D'Saach ass och sou, d'Geothermie, dat hänkt net nëmme vun eis of. Do sinn eng ganz Rei national Acteuren och betraff, virun allem och de Service géologique vu Ponts & Chaussées. Ech mengen Dir wësst alleguerten dass Enn lescht Joer hei zu Diddeleng an och insgesamt an der Minette-Regioun eng Campagne sismique vu Ponts & Chaussées duerchgefouert ginn ass fir eeben dat Potenzial vun der Geothermie an der ganzer Regioun ze testen.

Do leien och Resultater mëttlerweil vir. Déi si ganz positiv souwäit mir dat verstanen hunn. Dat heescht dat Potenzial gëtt ëmmer méi confirméiert. Mee natierlech fir bis déi Probebohrungen duerchzeféiere sinn nach eng Rei administrativ Etappen déi mussen iwwerwonne ginn. An do ass och vu staatlecher Säit decidéiert ginn dass déi Probebohrunge solle vum Service géologique ëmgesat ginn. Dat heescht, do si mir net méi u vorderster Front fir dat ëmzesetzen. Mir preparéieren natierlech ëmmer de Quartier dofir fir dass dat kann op NeiSchmelz realiséiert ginn a mir sinn ëmmer do prett, soubal de Go kënnt vum Ministère, respektiv vu Ponts & Chaussées, fir dat dann ëmzesetzen an den nächste Méint, an deenen nächste Joren.

Dat ass e bësse sou de Standpunkt vun der Geothermie aktuell. Dat heescht, vun eiser Säit kënne mir eis lo net op e konkreten Timing festsetze well dat net méi eleng vun eis ofhänkt. Mee de Wëllen ass ëmmer nach do a mir plangen de Quartier esou, déi ganz Energie-infrastruktur an de ganze Reseau de Chauffage urbain deen iwwert de ganze Quartier wäert geluecht ginn.
Mir gesinn an der Mopo fir de PAP-Sud, fir och da Gebaier schonn ze plange wou mer kënnen déi technesch Infrastrukturen herno ëmsetzen déi mer brauche fir kënnen d'Hëtzt vun der Geothermie am Quartier ze verwäerten.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt just eng kleng Prezisioun lo hunn zu deem Gebai wat ganz ganz ënnen um Wupp vum Sud läit. Ech hat dat am Ufank wou mer NeiSchmelz virgestallt kritt hu sou verstanen dass dat Gebai kéint gebraucht ginn als Waarmwaasserspäicher/Reservoir am Fall wou d'Geothermie net géif genotzt ginn a wa géif op Solarkollektoren zréckgegraff ginn.
Wéi ass dann elo de Status vun deem Gebai? Gëtt dat weider nach an dem Energiestockage oder an der Energieproduktioun gebraucht oder ass dat komplett aus dem Energievolet eraus? Merci.

AUDREY VIT, FONDS DU LOGEMENT: Vous parlez en fait d'un bâtiment qui est hors périmètre des 4 PAP qui se situe de l'autre côté de la Route de Thionville et qui est effectivement encore aujourd'hui je pense dans le PAG identifié comme étant un bâtiment sensé accueillir ou pouvant accueillir des infrastructures énergétiques, techniques et autres à l'avenir. On se garde cette possibilité-là. Je voulais rebondir un peu sur l'intervention de Michel Gira parce que le concept énergétique qui porte initialement sur la volonté de déployer de la géothermie à cet endroit-là n'est pas autonome et indépendant. Il nécessitera de toutes façon ce concept-là d'avoir une forme de redondance ou un système de repli pour le cas où il y a de la maintenance etc. Donc on se garde particulièrement ce bâtiment-ci pour opérer une redondance dans le quartier, pour avoir des énergies alternatives disponibles.

Pour le moment il n'y a pas de planification détaillée à cet endroit-là parce qu'on a d'autres pistes plus concrètes, plus immédiates de repli, secours etc. à cette géothermie. Et même sur les premières infrastructures et le premiers bâtiments qui vont être réalisés on ne saura pas chauffer avec la géothermie. On fait on déploie le secours et le provisoire en premier lieu et la géothermie viendra après. Et ce secours et ce provisoire il s'articule vraiment avec plusieurs sources.
Je ne veux pas m'étendre là-dessus, mais il y a plusieurs sources et la cinquième ou la sixième qui viendra compléter ce maillage de différentes sources peut se situer dans ce bâtiment au Sud dont vous parlez.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci fir déi doten Erklärungen, déi och nach eng Kéier d'Komplexitéit vun der ganzer Energiegewannung widderspigelen bei der Entsteeung vun engem komplett neie Quartier. Dass ee sech am Fong e puer Standbeen muss ginn, e puer Piliere brauch fir dat Ganzt zum Droen ze kommen. An déi an Interconnectioun sinn a wou een deen aneren ënnerstëtze kann. Dat ass e wichtegt Element och hei.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci fir d'Explikatiounen. Nach eng Verständnisfro: Dat heescht Dir hat elo gesot, en attendant, dat hunn ech verstanen, dass d'Geothermie, bis mer do de Go kréie bis dat alles gemaach ass, Dir hutt geschwat vu Méint, leider och vu Joren, gi mer eriwwer op déi zentral Wärmepompel. Ech hunn och verstanen dass dat am Fong e Secours

war, dee mer souwisou gemaach hätten. Vläicht kënnt Der eis da just en Detail ginn? Dat ass jo dann, wann ech dat richteg verstanen hunn als absolutte Laien, dat sinn da sou wéi Cogeneratiounsanlagen, an dann ass d'Fro, mat wat maache mer dat? Mat eiser Photovoltaik, mat eisen Installatiounen déi mer hunn oder gi mer do nach op en anere Wee oder ginn dat e puer sou Statiounen? Wéi kann ee sech dat virstellen? Et ass jo wuel net sou wéi eng Wärmepompel déi mir doheem hunn, sou eng kleng Këscht. Wéi geet dat? Wéi een Impakt huet dat dann och op de PAP zum Beispill och?

AUDREY VIT, FONDS DU LOGEMENT: La première source et la première piste, on va parler chaleur uniquement, reste un système de chauffage qui est centralisé. C'est-à-dire qu'on n'a pas de système individualisé dans chaque résidence, ça c'est clair. Point numéro 1, c'est installer des pompes à chaleur d'envergure sur le toit de l'aciérie. Aujourd'hui l'aciérie, si on la regarde, on voit que l'aciérie elle a des petite boîtes comme ça en toiture. Dans le même gabarit de ces boîtes on y placera des pompes à chaleur. Ça c'est le premier pilier du secours et de la production de chaleur pour le quartier. Et évidemment après il y a des infrastructures techniques en-dessous qui se cachent pour envoyer la chaleur dans les tuyaux qui sont sous le routes et qui atterriront dans chaque résidence et dans les maisons. Ça c'est la première source. Il y a trois autres sources qui sont clairement identifiées, qui vont être utilisées. On a de l'eau. On a énormément d'eau qui vient dans le site qui a autrefois été utilisée par l'industrie. Et cette eau on peut chercher à récupérer de la chaleur sur l'eau. C'est une deuxième source.

On a des fondations de bâtiment tels que des parkdecks à grande envergure qui vont être, elles aussi, capter de la chaleur et envoyer de la chaleur toujours sur les réseaux. Ce qui veut dire que, disséminés dans les quartiers, on va avoir plusieurs points qui vont envoyer de la chaleur dans le réseau de chauffage, en différents endroits. Essentiellement là on fait notre focus autour du PAP-Centre parce que c'est quand-même là qu'on a le bassin de population qui va être le plus important. Donc c'est là qu'on va se placer pour les installer. Mais on n'est pas parti sur des scénarios comme ça qui sont déjà des scénarios relativement classiques. Il y a moins d'innovation mais ce sont des situations très maîtrisées, des techniques très maîtrisées qu'on arrive à facilement incorporer dans nos équipements que nous allons rénover. L'aciérie va être assainie, rénovée et on installe des éléments sur le toit. Des routes vont être créées, on a des tuyaux dans ces routes sur lesquelles on va capter de la chaleur et quand on réalisera l'un ou l'autre des parkdecks on aura des pieux qui vont être capitalisés pour également produire de la chaleur. Là c'est un peu le périmètre chaleur.

Et sur la question de la production électrique on est toujours et encore et on poursuit cette direction d'équiper la totalité du toit du laminoir, aujourd'hui le laminoir est en cours de on va dire de préparation. Dans un premier temps on l'assainit, on enlève les polluants. On va enlever le toit, enlever les murs, ce sont les opérations que vous verrez dans les six prochains mois le toit déjà dans les prochains jours, bref ces prochaines semaines. Et dans les prochains mois, plutôt mars 2025, on va ouvrir les murs. Donc là on va voir le laminoir et on va ensuite intervenir pour le préparer statiquement pour accueillir un toit photovoltaïque dessus. Et là on produira une quantité assez conséquente pour une belle autonomie au moins des infrastructures énergétiques du quartier. Parce que les pompes à chaleur ont besoin d'électricité et cette électricité sera produite par le toit du laminoir en direct. Je pense avoir fait le bilan sur l'énergie.

Dan BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci och fir déi doten Erklärungen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Kënne mer déi zwee PAPen zesummen ofstëmmen? Ass dat fir Iech OK? OK, wien ass mat de Modifikatioune vun deenen zwee PAPen averstanen? ***Dat ass unanime.***

Da soen ech Iech villmools Merci fir d'Diskussioun a géif och hei d'Invitatioun lancéieren, well jo virgëscht jo de Reportage op RTL war iwwer d'Aarbechten ronderëm NeiSchmelz. Ech menge wann ee laanschtgeet gesäit een dass Camionen do sinn, Baggeren do sinn. D'Sanéierungsaarbechten déi lafen op Héichtouren, Aarbechte lafen och um Niveau vum Laminoir an ech géif hei d'Invitatioun och un de Gemengerot lancéieren dass ee kuckt, ufanks nächst Joer am Laf vum éischten Trimester eng Kéier zesummen eng Visitt ze maachen, zesummen hei mam Fonds du Logement. Dass ee sech eng Kéier e Moment hëlt, do muss een natierlech e bëssen Zäit an Usproch huelen, dass mer eng Kéier eng Visitt maache vum Site wou een dann och Abléck kritt an déi verschidden Aarbechten an och déi néideg Erklärunge kritt vun de Corps de Metieren, déi um Site sinn.

Dat hei ass jo e Projet deen awer deen insgesamt, och wann ee sech mol enthalen huet, awer Akzeptanz fënnt hei am Gemengerot an da soll ee mengen ech awer och d'Geleeënheet ginn  Abléck ze kréien an d'Aarbechten um Site. Voilà, dat ass dann eng Invitatioun déi mir hei lancéieren a da bei Geleeënheet wäerten op Iech zréckkommen. Dofir der Madame Vit an dem Här Gira, der Madame Gottschalck an dem Här Carreira Merci fir hir Presenz haut de mueren.

**8.3. Approbatioun vun engem Lotissements-/Morcellemtensprojet vun enger Kadasterparzell laanscht d'Näerzengerstrooss a 4 Kadasterparzellen**

**8.4. Approbatioun vun engem Lotissements-/Morcellemtensprojet vun enger Kadasterparzell laanscht d'Rue Fany Schumacher an 2 Kadasterparzellen**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen. Den nächste Punkt geet ëm Morcellementer. Zwee Projete vu Morcellementer. Deen een an der 55, Route de Noertzange, an der Näerzengerstrooss, hei vun der Sociétéit Gelina Invest. Dat sinn am Fong en Terrain, deen a véier Loten soll gedeelt gi fir dräi Appartementer. Am Juni 2024 ass d'Demande komm fir d'Lotissement a

mer haten et de 15. Juli an der Bautekommissioun an der Présentation de l'avant-projet. Mer haten och en Avis au public affichéiert an der Näerzengerstrooss. Do ass och keng Reklamatioun komm. Eise Service Architecture et Domaines huet en Avis favorable ginn, sou dass mer dann haut am Gemengerot sinn, fir deem Morcellement och kennen deementspriechend nozekommen.

Ech géif elo mat dem éischten ufänken, an dann mat deem zweeten weiderfueren. An dat ass an der Rue Fany Schumacher. D'Proprietäre sinn d'Madame Adrovic, dat sinn am Fong en Terrain fir an zwee Loten, fir zwou Maison unifamiliallen, déi jumeléiert sinn. Och do ass d'Demande am Juni komm. Mir haten et de 15. Juli an der Bautekommissioun. Fir de fäerdegen Projet huet och d'Bautekommissioun e positiven Avis ginn. Mir haten en Avis au public aushänke wärend engem Mount. Och do koume keng Reklamatiounen, sou dass mer och hei en Avis favorable vun eisem Service Architecure et Domaines virleien hunn. Den 12. September ass deen datéiert an och hei am Gemengerot, fir kënnen där Demande Rechnung ze droen. E bëssen déi selwecht Prozedure vu Morcellementer par rapport zu Lotissementer wéi a virleschte Gemengeréit. Remarken? Froen?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Pardon, dat war mir lo bëssi ze séier gaangen. Ech wollt am Fong éischter eng Stellungnam maachen. Well ech gesinn ëmmer erëm déi Saachen an ëmmer erëm déi Pläng, ech kann do net näischt soen. Ech muss soen, wësst Der, Dokteren déi maache jo de Serment d'Hypocrate, fir datt si hier Aarbecht beschtméiglech kënne maachen, fir datt si alles gi fir datt d'Leit um Liewe bleiwen an u sech missten d'Architekten och sou eppes maache fir eng beschtméiglech Architektur kënnen unzebidden, wat awer net de Fall ass. Ech wëll elo keng Kritik op e spezifeschen Architekt A oder B ginn, dat sinn alles Confrèren. Mee ech gesinn einfach ëmmer erëm, datt mir duerch esou Situatiounen, an hei kommen ech op dat wichtegt Wuert vu virdrun, contrairement zu enger Densification maîtrisée, si mer hei an enger Densification non-contrôlée.

Dat heescht déi Bauplaze waren ursprénglech fir eenzel Haiser virgesinn. Jo mir hu Wunnengsnout, dat well ech absolut net widderspriechen, mee andeems mir den Terrain an der Fany Schumacher Strooss an zwee splitten, hu mir zwee Haiser déi eng Breet vu 4 Meter 50 hunn. Fir Iech e Bild ze ginn, eng Parkplaz huet 2 Meter 50. Dat heescht d'Breet huet mol net d'Breet vun zwou Parkplazen, an dat ass en Haus, wat herno um fräie Marché wäert verkaf ginn zu engem schéine Präis soen ech lo mol, ech wëll mech net äussere well am Moment ass et jo bëssi méi bëlleg, mee et ass anscheinend amgaangen tendenziell erop ze goen, mee dat si Saachen déi mech einfach als Architekt e bëssi stéieren an der Situatioun. Ech weess et ass konform zum PAG, et ass konform zum Bautereglement, an trotzdeem ass dat fir mech keng Liewensqualitéit déi mir do fir déi zukünfteg Proprietären ubidden.

Eng aner Saach méi konkret, wann een d'Pläng kuckt a wann een d'Säitesiicht kuckt, steet do (et si jo zwee Unifamiliallen, déi gebaut ginn), um Rez-de-Chaussée „Duplex, Etage Duplex, Etage 1 en retrait, Appartement“. Elo muss ee soen, kann ee sech awer legitim déi Fro stellen, ass et virgesinn dass et vläicht iergendwann eng Kéier an e Bifamiliale ëmgewandelt gëtt oder ass et einfach e schlechte copy paste wou e Feeler geschitt ass, well en Unifamiliale huet net en Duplex an en Appartement dran. Dat ass einfach eng Fro, vläicht ass et eng Einliegerwohnung, déi awer och net explizitt sou am Plang steet, well dat ass jo iwwerall erlaabt an dat kann och um leschte Stack sinn. Mee dat ass einfach eis Fro, ass do e Feeler oder wéi gesot ass eppes an der Planung vläicht schif gaangen? Keng Anung, dat ass eis Fro. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci. soss nach weider Froen? Nee. Dann géif ech eisen Servicer d'Wuert ginn, dem Här Carreira an der Madame Gottschalk.

CHRISTOPHE CARREIRA – AUTORISATIONS DE BÂTIR ET POLICE DES BÂTISSES: Ech wollt just kuerz soen, also d'Haiser hu keng Breet vu 4 Meter 50, mee 5 Meter 10, d'Haiser déi ginn och zimmlech déif, déi hu 15 Meter Déift a mir hunn hei eng Surface pro Haus vun e bëssi méi wéi 150 m² an ech denken dass dat awer eng uerdentlech Surface ass fir en Eefamilljenhaus. Elo vum Duplex hunn ech hei op de Pläng elo näischt gesinn. Ech gesinn hei, op de Grondrësser do sinn normal Kummeren.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech well hei just eng Kéier wärend den Här Carreira kuckt, et ass net an de Kompetenz vum, mir hunn Är Remarken héieren, net an der Kompetenz vun der Bautekommissioun oder am Gemengerot iwwert d'Architektur ze jugéieren. Do huet jiddereen seng Vue. Wat Dir schéi fannt muss ech net schéi fannen an och ëmgedréint. Dat ass mol den éischte Punkt. Zweetens, duerch d'Adaptatioun vum neie PAG kommen déi hei Morcellementer an de Gemengerot, et ass jo en neie Moment. An dass dat heite méiglech ass well den neie PAG d'Méiglechkeet gëtt. Do kann een natierlech ëmmer dann d'Diskussioun féieren op sou Morcellementer dann, obwuel se konform sinn zum PAG, an et ass net déi éischte Kéier, wou mer dann hei déi Diskussioun féieren, en fonctioun an der Situatioun wou een dann ass, op dat engem passt respektiv net passt. Ech kennen eng rezent Diskussioun mat enger ganzer Rei Leit hei par rapport zu Morcellementer déi konform waren zu PAG wou et rauskoum dass et hinnen net passt well se vläicht eng geografesch Proximitéit zu enger Morcellement hunn am Kader vun engem Kontext de près ou de loin.

Ech menge mir mussen eis hei orientéieren um Niveau vum PAG. Dat ass de Point de départ an de PAG deen ass d'application. Dann mengen ech, dir hutt och Froe gestallt par rapport zu der Ausriichtung. Ech mengen herno mussen jo hei Pläng geneemegt ginn, fir de Bau vun der Maison unifamiliale, respektiv Appartement oder Haiser wéi och ëmmer, déi och konform si zum PAG. An sou laang mengen ech déi Saache klappen, musse mer och eng Autorisatioun deementspriechend ginn. Wa se net konform sinn zum PAG da gi mer keng. Mee effektiv no den Ausféierungen, déi hei gemeet gou-

fen, klappt et jo. Awer deementspriechend natierlech wat d'Etendue ugeet, wat d'Breet ugeet, déi eng si léiwer an engem méi groussen Espace, déi aner an engem méi klengem Espace, dat ass och e Point de vue dee subjektiver Natur ass, mee soulaang se konform si zum PAG mengen ech musse mer eis och dorunner halen. Dat wollt ech just nach als Kader soen. Mee ech géif dem Här Carreira d'Wuert zeréckginn, well en nach am Gaange war, nach e puer Saachen ze kucken.

CHRISTOPHE CARREIRA – AUTORISATIONS DE BÂTIR ET POLICE DES BÂTISSES: Jo ech hunn elo hei an der Coupe. Effektiv, dat kéint sech ëm en Tippfeeler handelen. Do steet zwee Mol Duplex an ee Mol Appartement. Mee d'Ufro ass clairement, dass et fir eng Maison unifamiliale ass. Fir déi dann an eng bi-familiale duerno spéiderhin ëmzewandelen wier et net méiglech, well et muss ee jo och dräi Parkplazen am Haus amenagéieren, an dat géif an dësem Fall hei net goen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Ech si ganz d'accord, ech sinn och ganz bei Iech. Dann war dat eben e falsche Copy paste. Ech well just eppes richteg stellen, par rapport zu der Breet vum Haus. Jo, baussen si mer bei 5 Meter 10. Verstitt mech net falsch, ech well just datt dobaussen eng qualitativ Architektur ugebuede gëtt wat effektiv vläicht net, et ass subjektiv dat ass kloer, mee mer sinn an engem Passivstandard, dat heescht et kënnt ëmmer méi Isolatioun drop. Dat heescht wann een d'Moosse vu bausse kuckt, dat heescht huet een 30 cm lénks an 30 cm riets Isolatioun, dann si mer op 5 Meter 10. Mee ech hunn elo d'Pläng nach eng Kéier opgemaach. Déi Wunnbreet vum Haus banne vu Wand zu Wand si 4 Meter 50. Et deet mer leed. Et ass subjektiv wéi gesot. Et ass dem Bautereglement konform, ech sinn d'accord.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Et ass subjektiv, da kënnt Dir jo och decidéieren, wéi ee Vott dass Dir wëllt maachen en fonctioun vun där Subjektivitéit.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Ech wëll dat awer gesot hunn, et deet mer leed, mäin Häerz schléit ëmmer sou wann ech esou Saache gesinn an et mécht mech einfach bëssi traureg, datt mer an deem Cas de figure sinn. Merci

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Heimadder invitéieren ech d Madame Ahmedova, eng Kéier bei mech heem ze kommen. Ech wunnen an sou engem ale klengen Haus vun 1927, wat d'Arbed gebaut huet an enger Strooss, déi heescht Rue Doctor Welter. Dir sidd häerzlech invitéiert. Dat Haus huet genee sou eng kleng Breet. Ech hunn dräi Kanner doranner groussgezunn. Ech hunn 110 Metercarré an si sinn allen dräi gutt do rauskomm aus sou engem ganz klengen Haus mat ganz décke Maueren. Deemools war d'Isolatioun net, mee déi Maueren si genau sou déck vu fréier. Dat heescht ech invitéieren Iech, dass ee kann an sou engem klengen Haus liewen a souguer ganz gutt a ganz flott Momenter verbréngen.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Mir hu guer näischt auszesetzen. Mir stëmmen de Projet mat, mee just wann



awer gutt Zäit do an dem Haus verbruecht gëtt. Mir géifen och gären invitéiert ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ok, mer kommen alleguerten, et ass eng Invitatioun. De ganze Gemengerot. Villmools Merci fir d'Diskussioun. Dann géif ech proposéieren dass mer zum Vott iwwerginn.

Wien ass d'accord mam Morcellement an der Näerzenger Strooss? ***Dat ass unanime.***
Wien ass d'accord mam Morcellement an der rue Fany Schumacher Strooss? ***Och dat ass unanime.***

Dann soen ech iech villmools Merci fir d'Diskussioun an och fir Är Remarken. An och eise Servicer Eva Gottschalk an de Christoph Carreira Merci fir hier Presenz.

# NOMINATIOUNEN AN D'SYNDIKATER A GEMENGEKOMMISSIOUNEN

**9. Nominatioun vun engem Vetrieder am Comité de pilotage Natura 2000 « Minetter Dagebaugebidder »**

**10. Remplacement vun engem Delegéierten am Gemengesyndikat Minett-Kompost**

**11. Remplacement vun engem Delegéierten am Gemengesyndikat TICE**

**12. Remplacement vum effektiven Delegéierte beim « Klimabündnis Lëtzebuerg – Klimabündnis Luxemburg – Alliance pour le Climat, Luxembourg »**

**13. Approbatioun vu Changementer wat d'Compositoun vun de Commissions consultatives ugeet**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann gi mer op d'Nominatiounen an d'Syndikater a Gemengekommissiounen. Ech géif proposéieren, dass mer herno wa mer op d'Personal iwwerginn, déi Punkten zesummen huelen. Et ass d'Nominatioun, fänke mer un, an de Gemengesyndikater am Comité de pilotage Natura 2000, ass d'Propos, den Här Diogo Costa dran ze ernimmen. Dann ass am Minett-Kompost och d'Propos den Här Alain Clement duerch den Här Diogo Costa ze ersetzen. Dann ass d'Propos am TICE d'Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries duerch d'Madame Fabienne Dimmer ze ersetzen.

Dann ass am Klimabündnis Lëtzebuerg d'Propos, den Här Costa ersetzt do den Här Manderscheid. Dann ass d'Propos an de consultative Kommissiounen, Commission du vivre ensemble interculturel, den Här Felix Bonne als Observateur an der Kommissioun ze nennen. An der Kommissioun vum Enseignement musical ersetzt d'Martine Bodry-Kohn den Här Alain Clement. An der Circulatioun- an Mobilitéitskommissioun ersetzt d'Fabienne Dimmer den Alain Clement. An der Kommissioun vum Jumelage an Tourismus gëtt den Här Felix Bonne als Expert genannt fir d'Jumelage- an Toursimuskommissioun. An der Subsidiekommissioun ersetzt den Här Gledis Kryeziu den Här Tom Streff.

An der Ëmweltkommissioun ersetzt den Diogo Costa der Här Gledis Kryeziu. An der Jugendkommissioun ersetzt den Här Diogo Costa d'Madame Fabienne Dimmer als President. D'Madame Fabienne Dimmer bleift do Member. An der Familljekommissioun ersetzt den Här Clement d'Madame Tanja Franzens.
An der Egalité des chances ersetzt d'Madame Fabienne Dimmer den Här Alain Clement an iwwerhëlt och do d'Presidence. An am Groupe de travail SUMP ersetzt d'Madame Fabienne Dimmer den Här Alain Clement. Dat mengen ech an engem Siess souwuel d'Kommissioune wei och dann d'consultativ Kommissiounen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci fir d Wuert. Éischtens ware mer bëssen erstaunt wa mer iwwer Transparenz an Demokratie schwätzen, an do war am éischten Dialog tëschent der Oppositioun an der Majoritéit bei der Vereenegung vum Diogo gesot ginn, dat wier wichteg hei bannen. Do ware mir bëssen erstaunt ze liesen dass de Comité de pilotage Natura 2000 «Minetter Dagebaugebidder» en neie Representant kritt an do war ëmmer eise Schäffen de René Manderscheid eisen Ekologiste par excellence, deen huet eis do representéiert. A wa lo dee Poste fräi gëtt a kee Schäffen do dee Posten iwwerhëlt hätte mir eis lo virgestallt dass awer zum Beispill och dat matgedeelt gi wär, dass lo e Conseiller och kéint eventuell dee Posten iwwerhuelen an et wär vläicht awer och gutt gewiescht, wéi gesot am Zeeche vun Transparenz an Demokratie, och ze froen op vläicht aner Conseiller interesséiert si fir dee Posten ze iwwerhuelen. A mir hunn awer och Leit heibannendéischo jorelaang sech an der Aarbecht vun der Klimathematik sech e gudden Numm gemaach hunn andéivläicht och interesséiert gewiescht wieren dee Posten ze iwwerhuelen an och vläicht aner Conseiller heibannen déi scho laang an engem Groupe de travail oder sou täteg sinn. Well et steet explizit am Bréif vum Natura dass mer „de bien vouloir soit confirmer votre représentant actuel Monsieur René Manderscheid, soit nommer un nouveau représentant de préférence parmi les membres de conseil échevinal ou communal dans le copie Natura 2000". Et steet net dran dass dat muss en LSAP Member sinn. Wéi gesot, dat ass eppes wat eis bësse erstaunt.

Dann den zweete Punkt, ech mengen dat wonnert keen, dass mir als CSV froen, dass mer e separate Vott maache wat éischtens d'Membere vun de Kommissiounen ubelaangt, respektiv der LSAP hir Propose fir Memberen an de Kommissiounen ze ersetzen. Awer och en zweete separate Vott gären hätte fir d'Changementer vun de Presidencë vun de Kommissiounen.
Am September 2023 wéi et ëm d'Verdeelung vun de Kommissioune gaangen ass, do hate mir als CSV schonn eis Stëmm erhuewen a mir hu fonnt am Gemengereglement steet jo kloer an och am Règlement d'ordre interne steet: « Le conseil communal nomme les présidents des commissions qui doit faire parti du conseil communal et les membres des commissions consultatives qui doivent être membres du conseil communal «  steet dran, an net « qui doivent être membre de la majorité du conseil communal ». Eis Meenung war och dann dass et en demokratescht Zeeche wier, dass mir alleguer, 19 heibanne si mer jo zesumme gewielt gi fir d'Stad ze vertrieden, am Sënn vun der Biergerbedeelegung an der Participatioun wat jo och an der Schäfferotserklärung steet, wier dat e gutt Zeeche gewiescht.

Well Biergerbedeelegung a Participatioun zouloossen, dat ass eng Saach vum politesche Wëllen. An de respektive Kommissiounen déi lo eng nei Presidence solle kréien, si sécher Memberen aus dem Gemengerot déi prett wiere mat Elan d'Presidence ze iwwerhuelen, déi scho gutt ageschafft sinn a motivéiert sinn d'Kommissioun a virun allem seng Memberen ze begeeschteren, matzerappen, a flott Iddien a Projeten ze realiséieren. De President vun enger Kommissioun heescht en bon Père de famille oder Mère de famille eng konstruktiv an dynamesch Kommissioun ze leeden, d'Iddie vun de Memberen opzegräifen, zesummen ze diskutéieren, e Rapport ze maachen an och d'Propose vun de Memberen ëmzesetzen. Dat geschitt och a ganz villen Kommissiounen an och villmools Merci fir vill engagéiert Presidenten déi mer hunn a Kommissiounendéigutt schaffen an och eben op engem Dialog auf Augenhöhe an de Kommissiounen zesumme schaffen, dat sief hei guer net a Fro gestallt.

Ech well och hei absolut kee perséinlech attackéieren oder diskreditéieren. Mee de President soll Loscht hunn des Kommissioun ze leeden an e gewëssenen Knowhow matbréngen an e soll och Zäit hunn d'Kommissioun ze leeden, wat och an enger oder zwou Kommissiounen dëst Joer leider absolut net de Fall war, wou oft den Dag selwer eng Kommissioun ofgesot gouf, an dat méi wie zwee mol an dësem Joer, dat ass schued, an dat demotivéiert och d'Leit déi do an deene Kommissioune sinn. Wéi gesot, mir als d'Oppositioun, mer sinn och prett fir eng Presidence ze iwwerhuelen, mir haten och schonn d'lescht Joer eng konstruktiv Propos gemaach, dass zum Beispill bei deene fakultative Kommissiounen, dat sinn der 16, dass 9 géifen eng Presidence duerch d'Majoritéit stellen, a 7 fakultativ Kommissioune kéinten eng Presidence kréie vun der Oppositioun.

Mir vun der Oppositioun si prett fir eng Presidence ze iwwerhuelen an och wann et engem ze vill gëtt oder ee sech net wuel fillt an den Dossieren, dat ass jo och net schlëmm, dat kann ee jo och soen. An et wier en Zeeche vu Respekt an Unerkennung vun alle Gemengerotsmemberen, en Zeechen ze setzen dass de Schäfferot, dass Dir eist Mandat dat mir bei de Walen 2023 vun de Bierger kritt hunn, dass dir dat Mandat och valoriséiert. En Zeechen dass Der Participatioun, Biergerbedeelegung net nëmmen an der Schäfferot-

serklärung ugekënnegt mee Biergerbedeelegung, dat fänkt hei bannen un, an do kéint een dann och sou eng gelieften Zesummenaarbecht weisen. Ech hat, wéi ech eis Propos 2023 fir d'Presidencen opzedeelen an och net nëmme mat LSAP Leit ze besetzen, gefrot, firwat de Schäfferot net op dee Wee well goen, well natierlech gouf eis Propose rejetéiert vun der Majoritéit, an ech hat gefrot: Ma wou ass dann de Problem? Wat nervt iech? Fäert Der dass mer vläicht ze vill genau géife kontrolléiere wéi d'Budgete vun de Kommissiounen ausgi ginn oder ass et just e Virwand? Dat war ëmmer jorelaang gesot ginn.

Eng Anekdot vläicht fir déi Leit déi nach net sou laang am Gemengerot sinn, eng Kéier hat ech gefrot gehat firwat huet deen an dee vun den LSAP Conseiller e Schlëssel fir hei an d'Gemeng a mir hu keen? E Schlëssel fir an d'Gemeng? Dat kritt nëmmen e Member vum Schäfferot oder e President vun enger Kommissioun. Vu que dass awer all LSAP Conseiller President vun enger Kommissioun war, haten si all e Schlëssel a mir hunn all ëmmer misse schellen. Ech mengen, den Yves Steffen, dee weess vu wat mir schwätzen. An ech sinn awer lo immens frou, duerch den Drock vun de Gréngen, duerch den Drock vum Här Steffen, deen eng Kéier virun der Dier stoung an einfach net an seng Gemengerotssëtzung konnt kommen, krute mir lo haut e Schlëssel a vläicht ass dat och elo eng kleng Ouverture a vläicht erliewen ech et och nach a menger ganzer Zäit wou ech hei sëtzen, dass och eng Ouverture kënnt, wat d'Presidencë vun de Kommissiounspresidenten ass. Also ech géif mer näischt méi wënschen! Geck an den Eck. Ech géif et awer och virun allem demokratesch fannen an et wier en Zeechen no baussen, hei bei eis zu Diddeleng do ass all Conseiller, deen huet déi selwecht Rechter a gëtt d'selwecht geschätzt, sief et een vun der LSAP wéi och vun der Oppositioun. Merci fir d'Nolauschteren.

An ech bieden am Numm vun der CSV dass mer separat Votte maachen zu de Memberen déi an déi nei Kommissioun kommen an e separate Vott zu de Presidencen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: E separate Vott zu deenen zwou Presidencë fir d'Kommissiounen an och déi nei Memberen déi an eng Kommissioun kommen? Dat heescht, och e Vott iwwert d'Remplacementer déi an de Kommissioune stattfannen? Separate Vott?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ok.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d´Wuert. Et freet mech dass mer hei d'Türöffner si vun der Gemeng als déi Gréng. Mee jo effektiv, mir hunn dann elo e bësse manner wäit recherchéiert wéi d'CSV hei bei de Changementer. Mir hu festgestallt dass dat haaptsächlech LSAP-intern Changementer sinn. Mir hunn och festgestallt dass et elo och net ëmmer just war fir den Här Clement ze ersetzen duerch déi nei Besetzung elo am Gemengerot. Mir ginn dovun aus dass eis Chancë kleng sinn, mee mir wollten awer eisen Interessi manifestéiere um Minett-Kompost, Klimabündnis an Natura 2000 aus de Grënn erschléisst sech, well et an eiser Partei-DNA awer staark verwuerzelt ass. Quitte dass mer eis d'Äntwert jo schonn e bëssi ginn hunn dass et LSAP-intern Changementer si wollte mer d'Propos maachen, also et ass en Angebot, dass wann Dir déi vill Aarbecht do net packt, mir wiere Preneur fir eppes ze iwwerhuelen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Eis geet d'Loft net aus Här Steffen. Leet de Kapp a Rou. Mir si voller Energie. Merci awer fir d'Ënnerstëtzung.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Léif gréng Kolleegen, vu dass déi meescht Saachen den Här Costa iwwerhëlt an deen nach jonk ass an nach net verbraucht ass an och nach Pompjee ass, wann deem lo d'Loft ausgeet da maachen ech mer och Suergen. Mir wëlle mol guer keng Géigekandidatur stellen, mir wäerten dat alles sou matdroen. Par konter wollt ech awer just nach eng Kéier drun erënneren, virun allem beim TICE si mer jo och frou dass d'Oppositioun ëmmerhin ee Mandat huet och do am Kommitee kritt huet. Ech wollt just nach eng Kéier profitéiere fir d'Madame Dimmer ze erënneren, dass mer am Gemengerot am Mee oder Juni eng Mentioun gestëmmt hunn, wou mer ënner anerem opgefuerdert hunn ze investéieren an d'Aarbechtskonditioune vun de Leit déi den Ament do schaffen an déi och an Zukunft wäerten do schaffen, fir déi bäizebehalen.

Well dat ass nämlech aktuell, net méi spéit wéi dës Woch eng Note de service rausgaangen dass iwwer 100 Leit beim TICE eng fix Primm ewechgeholl kréien an ech weess hautdesdaags géing déi net méi abruecht ginn déi Primm, mee wann een awer de Leit en Acquis social ewechhëlt dee se 46 Joer haten, bleift nach ze préiwen op dat iwwerhaapt legal ass mee dat gesi mer. Ech wollt just nach eng Kéier d'Madame Dimmer erënneren dass mer unanime eng Mentioun gestëmmt hunn an ech hoffen dann dass si hiert Mandat dann an dem Sënn wäert ausfëllen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Madame Thoma. Ech géif haut bei der Besetzung vun de Kommissioune bleiwen a vun de Syndikater. Och mat Ärer Remark, déi Dir gemeet hutt, quitte och wann eng Richtegstellung gemeet gëtt. Mee haut geet et ëm d'Ersetze vun Leit aus de Kommissiounen a Syndikater, an net fir Niewendieren opzemaachen an aner Diskussiounen, well da kënne mer bei all anere Punkt och Niewendieren opmaachen, an Diskussioune féieren, wat awer net de Fall ass. "On se tient à l'ordre du jour, rien qu'à l'ordre du jour". "La directive, rien que la directive", fir dat ze paraphraséieren. Voilà, ech mengen, dass mir och an deem Kontext bleiwe sollen. Dir hutt elo déi Dier opgemaach. Ech hu se zougelooss. Et ass elo eng Richtegstellung gemaach ginn. Mee ech bieden hei jiddereen, sech un den Ordre du jour ze hale bei deene Punkten. Weider Stellungnamen?

FABIENNE DIMMER (LSAP): Ganz kuerz: Ech freeë mech iwwer d'Bedeelegung an de Kommissiounen. Mee net méi spéit wéi d'lescht Woch an der Jugendkommis-

sioun, wou mer iwwer d'Motioun vum Interrail debattéiert hunn, wou mer se déi Kéier virdrun virgestallt kruten vum Här Steffen, an d'lescht Woch sollt dann de Rapport vun de verschiddene Parteie kommen, ebe wat se vun där Motioun halen a sou weider, an dobäi wëll ech just soen, dass vun der CSV näischt komm ass. Vläicht hate se vergiess, doriwwer ze schwätzen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Madame Dimmer. Eng prompt Reaktioun vun der CSV?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Madame Dimmer. Eisen Delegué, deen huet gesot, eis CSV huet esou eng kloer Positioun gehat, wéi mer hei am Gemengerot iwwert déi Propos diskutéiert hunn, dofir hu si deem näischt zouzefüge gehat. Mir hunn dat matgedroe vum Här Steffen. Just saying. Ech sinn net perséinlech ginn. Ech sinn et net ginn, dofir wier ech lo frou, wa lo och net iwwer Membere vu verschiddene Kommissioune Perséinleches géif och hei ausgelooss ginn. Ech weess dat doten, mee wéi gesot.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ech wëll just betounen, et ass jo keen Numm gefall hei. Et ass iwwer d'Membere geschwat ginn. Sou wéi Dir iwwer Membere vun der LSAP geschwat hutt bei Presidencen. Hei iwwer Memberen vun der CSV, et ass keen nominativ genannt ginn. An deem Kader ware mer jo awer.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, absolut.

DIOGO COSTA (LSAP): Ech erlabe mer da just kuerz Stellung ze huelen, engersäits d'Jugendkommissioun, wou d'Propos vun eis ass, dass ech soll d'Presidence z'iwwerhuelen. Jo, ech si vläicht net Expert an allem, mee ech si säit méi Legislaturperioden Member an der Jugendkommissioun, scho säit Längerem. An ech menge meng Volontéit do och als jéngste Member och d'Interêten vun der Jugend ze vertrieden, als President vun der Jugendkommissioun. Dat wär, mengen ech, eng logesch Suite. Deen anere Volet, de Klima-Volet, Klimabündnis, Natura 2000, Minett-Kompost a Member an der Kommissioun iwwer d'Ëmwelt - dat reit sech an an ee Fachberäich, wou ech awer och Interessi hunn an dat och bei menger Ried gesot hunn, an deemno mengen ech et sënnvoll wier, dass mer do ee Member hunn, deen als Gesamtstëmm an deene jeeweilege Comitéen schwätzt. Merci.

MARC MEYER (DP): Just ganz kuerz: Also ech wëll betounen, dass och d'Oppositioun e Posten am Minett-Kompost huet. Dat sinn nämlech ech. An ech muss awer och eng Kéier dann der Majoritéit e Merci ausschwätzen, quand-même, well et ass net selbstverständlech dass d'Oppositioun Plazen an deene verschiddene Syndicker huet. Dat gëtt et net an all Gemeng. Natierlech wäre mer frou, wa mer der méi hätten. Mee mir mussen och mol eng Kéier soen, wat ass, an dat ass nu mol, dass mer hei eng Méiglechkeet kréien, déi deels nach exzeptionell fir Lëtzebuerg ass. An mir droen op alle Fall déi ganz Punkten do tel quel mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Lo stellt d'Claudia dat mam TICE nach richteg, an da géif ech nach eppes zum Fong an zur Form nach eppes soen, par rapport zu de Syndikater an de Kommissiounen. Claudia, du hues d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP) – 4. SCHÄFFIN: Also dat Eenzegt wat un der Ausso stëmmt, Madame Thoma, ass datt do eng Primm ewechgeholl ginn ass. Eng Primm, déi awer u sech och laut Avis juridique, déi Leit net zegutt haten. Dat ass eng Prime d'astreinte - d'Wuert seet et. An déi ass un dat administratiivt Personal effektiv zënter, ech soen et elo mol iwwerdriwwen, zënter dem Mëttelalter ausbezuelt ginn. An et ass warscheinlech och sou, dass eng ganz Partie Leit vun deem administrative Personal deemools op den TICE komm sinn, well se do dann eben e bësse méi verdéngt hunn, wéi wa se bei eis op d'Gemeng komm wären oder op der Escher Gemeng bliwwe wären. Gutt, lo ass et awer esou, datt mir zwee oder dräi Mol vum Contrôle déi Remark gemeet kritt hunn. Do hu mer dann en Avis juridique gefrot, déi eis gesot hunn, Dir wësst jo wéi dat ass, heiansdo kritt ee beim Avis juridique och dat wat ee wëll. Hei ass awer rauskomm, datt déi Leit déi Primm net zegutt hätten. Sou, du huet den ale Bureau gesot "OK, komm mer loossen et dat Joer dann nach weider lafen". An do koum awer d'Remark vum Contrôle erëm. Lo hu mer natierlech de Choix gehat, datt mer entweder de Budget d'nächst Kéier net ugeholl kréien, oder e Commissaire bei d'Säit gestallt kréien, déi eis dat dote kontrolléieren. An do huet de Bureau dann, wéi och de Comité - an ech schwätzen do ënnert dem Contrôle vum Här Martini, an et si vill Froe gestallt ginn, och déi Fro, déi Dir sot, ob dat keen Droit acquis ass, huet dunn unanime decidéiert, dat mer dat do net méi kënne maachen.

Dat ass nu mol einfach esou. Ech verstoppen lech awer och net, datt zumindest eng Gewerkschaft, déi d'Majoritéit an deem Betrib huet, eis sot, datt si nach e Rendez-vous géifen huelen, fir d'éischt beim Interieur, an och kucken, dat dote juristesch och nach eng Kéier préiwen ze loossen. Wann dat geschitt ass, ech weess net, wat déi duerno nach plangen. Dat geet mech och an deem Sënn och näischt un. Ech muss kucken, wat duerno als Urteel erauskënnt. An da kucke mer weider. Mee mir kënnen dat doten net esou weiderbezuelen. Och wann Dir der Meenung sidd a vläicht sinn nach Leit där Meenung, mir hunn dat laang a breet diskutéiert, datt dat en Acquis social, wat och ëmmer, ass.

Wa mir déi Remark gemeet kréie vum Contrôle, da si mir - Dir wësst jo, wéi dat och hei am Gemengebudget ass: Mir mussen da schreiwen, firwat mer dat maachen, firwat mer dat net maachen. Wéi gesot, mir hunn dat nach e Joer duerchgezunn an du koum nach eng Kéier d'Remark. A mir hunn do keng Handhab. A gleeft mir et, et si ganz vill Leit an deem Bureau an an deem Comité, déi dat dote mat ganz vill Bauchwéi gestëmmt hunn. Mee de Kollateralschued, herno kee Budget ze hunn, oder e Commissaire spécial un d'Säit gestallt ze kréien am TICE, mengen ech, dat war et och net wäert.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci fir déi dote Stellungnam a Kloerstellung par rapport zu deem Volet TICE. De Loris Spina wollt nach eppes soen zu der Biergerbedeelegung.

LORIS SPINA (LSAP) – 1. SCHÄFFEN: Ech wollt, well dee Begréff och reegelméisseg bei deem dote Sujet - Syndikater a Kommissiounsbesetzungen - mat an d'Ronn geheit gëtt, an ech fannen dat net ganz passend oder fair. Biergerbedeelegung huele mer ganz ganz eescht hei zu Diddeleng. Dat hu mer, mengen ech, iwwert déi Joren zesumme bewisen.
An natierlech huele mer all eenzele Gemengeconseiller hei eescht. Dir hutt alleguerten sou wéi mir hei sëtzen, vill Méiglechkeeten, Iech mat anzebréngen, an dat maacht Dir och. Sief et hei am Gemengerot, sief et an deene verschiddene Kommissiounen, wou der sëtzt, oder Syndikater, wou effektiv d'Méiglechkeet ass, fir matzeschaffen. Am Gemengerot selwer natierlech, iwwer Froestellungen, Motiounen, Deelhuelen un Diskussiounen. Dat heescht, do ass méi wéi Bedeelegung vun Äre Säiten, déi vun alleguerten an aus alle Bänken kënnt.
An ech fannen dat net ganz fair wann ee seet, Biergerbedeelegung soll hei ufänken. Hei gëtt dat alles ganz ganz eescht geholl a respektéiert, an Dir maacht et jo och alleguerten ganz intensiv an Dir bedeelegt Iech ganz vill un dësen Diskussiounen an och um ganze Gemengenapparat. An do donieft, sou wéi mer hei sëtzen, kënne mer alleguerten déi Méiglechkeeten an Opportunitéiten och notzen, déi all eenzele Bierger dobaussen huet, fir hei zu Diddeleng matzeschaffen. Dofir fannen ech dat net ganz fair, wann dat an där Ronn hei ëmmer rëm an dat Däppen hei geheit gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci dem Loris Spina. Ech géif dann op d'Kommissiounen, respektiv op d'Syndikater zréckkommen, respektiv par rapport zu den Ausféierungen vun der Madame Kayser. Ech si ganz bei den Ausféierungen, déi virdru gesot goufen. Ech mengen, dat war vum Här Meyer. Wann ech och d'Diskussioun féiere mat anere Kolleege Buergermeeschteren, wéi si dann un d'Kommissiounen, respektiv un d'Syndikater eruginn. Dat huet näischt domadder ze dinn, dass een hei eng absolut Majoritéit huet. Et sinn oft dann Buergermeeschteren, déi an enger Koalitioun sinn. An do ginn och engersäits d'Presidencen verdeelt, un déi Leit, déi an der Koalitioun sinn, also déi an der Majoritéit sinn, indépendamment, wéi eng Partei-Couleur déi Koalitioun ass. Dat ass e Prinzip ass, dee landeswäit iwwert déi 100 Gemengen och applizéiert gëtt. An do ass Diddeleng hei keng Ausnam. An dat verhënnert jo dann net, dass een och als Member vun där Kommissioun, onofhängeg vun der Partei wou een ass, och deementspriechend kann matschaffen. Dat par rapport zu de Kommissiounen, hirer Kompositioun, respektiv hirer Presidence. Et war mer wichteg, déi hei Kloerstellung och ze maachen, well se ëmmer rëm hei vun der CSV virgefouert gëtt.

Dann awer, an dat ass fir mech e Prinzip: 2017 hu mer hunn hei eng Ouverture gemaach fir d'Oppositioun par rapport zu de Gemengesyndikater. 2023 an de Gemengewalen si mer nach méi wäit gaangen, hunn déi Ouverture nach méi grouss opgemaach, wou mer d'Geleeënheet och ginn hunn, an de Gemengesyndikater, dass Vertriederinne vun der Oppositioun hei kënnen higoen. Wann s de an anere Syndikater kucks, ass dat och keng Evidenz. Och do ginn dann d'Leit placéiert vun der Majoritéit oder vun der Koalitioun. Déi eng oder aner Ouverture, déi gëtt et, dat ass richteg. Mee et ass net d'office. Mir sinn deen heite Wee gaangen. An déi Spillreegelen hu mer interfraktionell zesumme festgehalen. An en cours de route wëll d'CSV ëmmer rëm gären d'Spillreegelen änneren. Systematesch. Wann een d'Spillreegelen zesummen definéiert a sech dat als Marschroute gëtt, mäi Prinzip ass vun de Spillreegelen, dass mer déi dann, och wa Changementer en cours de route kommen, dass mer eis un déi halen. Soss brauche mer eis net am Ufank un zréckzesetzen, ausser dat ass da verlueren Zäit, wat ech awer net mengen, dass mer eis un déi Spillreegelen halen.

An déi Spillreegelen ware jo dann déi vun der Ouverture vun deene verschiddene Parteimemberen a gewësse Syndikater. An dat hu mer jo och hei festgehalen. Dat hu mer och hei gestëmmt. An dat wat mer haut hei maachen, alignéiert sech, ass an där Richtlinn, an ass deementspriechend och Prinzip. Net méi an och net manner. Dofir, esou Spillreegelen au cours de route ze änneren, fannen ech net ganz korrekt, wa monéiert gëtt wann een zu de Spillreegelen vu virun engem Joer nach och stoung. Dat e bëssen zu den Ausféierungen. Ech hunn erausthéieren, dass mer souwisou e Vote séparé maachen, wat ech och proposéieren. Well quitt dat ech alles zesumme geholl hunn, dass mer all Kéiers individuell ofstëmmen. An do kënnt Dir jo all Kéiers separat de Vott virhuelen, wéi Dir wëllt, ob Dir mat wëllt stëmmen, ob Dir net mat wëllt stëmmen, ob Dir Iech wëllt enthalen. Et war just vun der Präsentatioun in globo iwwert dat Ganzt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt just eppes Klenges rektifiéieren. Dir hutt gesot, et ass unanime festgehale ginn, an historesch an hei an do. An en cours de route géife mir eppes änneren. Neen. 2017, do hate mer eng interfraktionell Sëtzung, an dunn ass effektiv eng Ouverture komm vum Schäfferot, dat war 2017, dass effektiv méi Memberen vun der Oppositioun och kéinten a verschidde Kommissioune goen. Dat ass du proportional zum Walresultat komm. 2017 sinn och Membere vun den Oppositiounen a verschidde Syndikater komm. An do, en cours de route, effektiv, wéi 2020/21 verschidde Leit opgehalen hunn, déi Presidencen haten, do hu mir dat einfach sou an de Raum geworf "Hei, lauschtert, dat wär awer eng Propose". Elo 2023, wéi d'Wale waren, dunn ass dat net unanime ugeholl ginn, well d'CSV huet dat net ugeholl, sou wéi d'Propos war, dat wëll ech awer festhalen, well ech krut 2020/21 ëmmer virgeworf, 2017 hätte mir jo gesot, dat wär alles gutt esou. Dofir hu mir decidéiert 2023 d'Propose vun de Presidencen exklusiv mat LSAP-Presidenten ze besetzen, net gutt geheescht. An dofir setzt sech dat elo hei an der Kontinuitéit an, vun der Decisioun, déi mer d'lescht Joer geholl hunn.

Wéi gesot, 2017 war ee Moment, do ware mer ganz frou, dat ass alles ok. Mee 2023 hu mer dat schonn net approuvéiert, fir dass et net erëm heescht "Ma

Dir hutt dat dach deemools matgestëmmt". Also, wéi gesot, mir sinn en neie Moment, et sinn nei Walen. Mir soe selbstverständlech, mir fannen dat mega cool dass mir iwwerall representéiert sinn. Dofir ginn ech lech dat jo mat op de Wee. Do ass jo eng Ouverture. Dofir si mer jo scho bessere wéi all déi aner Gemengen. Firwat dann net nach e Schrëtt weider goen? Mee, wéi gesot, d'Oppositioun ass einfach de Rôle, e bëssen de Käil an agefrueren Systemer, historesch gewuesse Systemer, wéi d'Claudia et gesot huet, wéi verschidde mëttelalterlech Saachen, déi ëmmer scho sou waren.

An ech muss och soen, dass mer als Oppositioun och e Poste méi kritt hunn, dat war vläicht och dodrunner bedéngt, dass mer och scho virdrun ëmmer gesouert hunn, dass mer net informéiert wären an de Syndikater an hei an do. Vläicht war dat och eng Ursaach, firwat eng Ouverture komm ass. Mee dat ass hypothetesch. Op jiddwer Fall 2017 koum eng Ouverture, wou mir ganz dankbar sinn, dass déi ass. Awer wéi gesot, 2023 hätte mer eis eng nach e bësse méi grouss Ouverture gewënscht. Mee wéi gesot, mer hu jo lo scho mol de Schlëssel vun der Gemeng. Vläicht kënnt jo nach e bësse méi an deenen nächste Joren. Ech soen lech villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Historesch gewuesse Saachen wat d'Kommissioune betrëfft, do hu mer en Turnus abruecht, deen elo aneschters ass, wéi dat wat historesch gewuess ass. Dofir hutt Dir och déi Ouverturen, an Dir kënnt an de Syndikater vertruede sinn, wou Dir och d'Budgete stëmmt vun deene jeeweilege Syndikater, och wann Der dann d'Part wou Diddeleng betrëfft, wat de Gemengebudget ugeet, dann net stëmmt. Dat ass natierlech en anere Volet um Niveau vun der Oppositioun, wou een da muss eens ginn wann een a verschidden... wann een de Part vum TICE stëmmt, wat de Budget vum TICE ugeet, mee den Deel deen d'Stad Diddeleng muss droen, deen am Gemengebudget ass, dann als Oppositioun net mat stëmmt. Dat ass dann de Rôle vun der Oppositioun fir ze kucken, wéi se wëll domadder eens ginn. Dat mat der Presidence ass fir mech ganz OK, mee do sinn d'Spillreegelen. Dofir hunn ech gesot, wann ech mech ëmfroen bei deenen anere Gemengen, do maache mer hei zu Diddeleng absolut keng Ausnam wat d'Presidence vun de Kommissiounen ugeet, well och do d'Koalitiounen och d'Presidencen ënnert sech verdeelen. Do ass Diddeleng weeder eng Insel nach eng Ausnam. Här Steffen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Mat deem wat ech virdrun proposéiert hat, also meng Offer steet nach ëmmer. Op jidde Fall: Mer haten eis d'leschte Kéier enthale beim Vott. Dës Kéier stëmme mer et mat, well et sech just ëm Changementer handelt an de Grondprinzip jo net geännert huet. Dat heescht just als Erklärung fir eist Walverhalen herno. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: OK, Merci. Da géif ech proposéieren, dass mer déi Votte virhuelen, all Kéiers separat.

Ech géif mam Comité de pilotage Natura 2000 ufänken. An do géife mer den Här Diogo Costa proposéieren. Wien ass domadder averstanen? ***Dat sinn d'Stëmmen vun Déi Gréng, d'LSAP hält nach d'Fangeren an d'Lucht, d'DP, Déi Lénk an d'CSV.***

Da gi mer iwwer op de Minett-Kompost. Och do ass d'Propos den Här Diogo Costa ze nennen. Wien ass domadder averstanen? ***Dat ass unanime.***

Dann am TICE. Do ass d'Fabienne Dimmer dran ze nennen, als Remplacement vun der Josiane Di Bartolomeo-Ries. Wien ass domadder averstanen?
***Dat ass och unanime.***

Dann "Alliance pour le Climat" - Klimabündnis. Och den Här Diogo Costa. Wien ass domadder averstanen?
***Dat ass och unanime.***

An da bei de Kommissiounen: An der Kommissioun du Vivre-ensemble interculturel, den Här Felix Bonne. Domadder averstanen? ***Dat ass och unanime.***

Commission musicale, Madame Martine Bodry-Kohn als Remplacement. Domat averstanen? ***Dat ass och unanime.***

Circulation et mobilité, Madame Fabienne Dimmer. Domat averstanen? ***Dat ass unanime.***

Ech maachen et elo eenzel, dann ass et fir jidderee kloer. Mir fueren och sou weider. An der Jumelage- an Tourismuskommission, den Här Bonne als Expert? An de Subsiden den Här Kryeziu? Am Environnement, den Här Diogo Costa? ***Dat ass unanime.***

Hei si mer dann an der Familljekommissioun, den Här Clement, deen d'Madame Franzens ersetzt. Mir sinn nach net bei der Presidence. An am SUMP, d'Madame Dimmer déi den Här Clement ersetzt. ***Dat ass och unanime.*** Dann ass dat jo kloer.

Da komme mer elo bei d'Jugendkommissioun, dass den Här Diogo Costa do d'Presidence iwwerhëlt. Wien ass do dofir? ***Dat sinn d'Stëmmen vun Déi Gréng, LSAP, DP an Déi Lénk. Wien enthält sech? Dat ass d'CSV.***

A bei der Commission à l'Egalité des chances et la Non-discrimination, dass d'Fabienne Dimmer do d'Presidence iwwerhëlt. Wien ass do dofir? ***Dat ass och LSAP, DP, Déi Gréng an Déi Lénk. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? D'CSV.***

# 14. PERSONAL

## 14.1. Conversioun vun engem Poste vu Gemengenemployé, Groupe d'indemnité C1, éducatif et psychosocial an e Poste vu Gemengenemployé, Groupe d'indemnité B1, éducatif et psycho (Service éducation et accueil)

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP) – 2. SCHÄFFIN: Ganz kuerz zu där Conversion de poste. Dir wäert herno am Huis clos gesinn, mir hunn eng Demissioun am Däich an do géife mer dann d'Conversion de poste maachen, well Dir wësst datt mir den Taux de qualification dee mer mussen anhalen, 50-40-10, do si mer da sou wäit gutt, wa mer de Posten lo vun engem C1 an e B1 ëmwandelen.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ass de Gemengerot domadder averstanen?
***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

## 14.2. Conversioun vun engem fräie Vollzäit-Poste fir Gemengefonctionnaire, Groupe de traitement D1, Attributions particulières an e Vollzäit-Poste fir Gemengefonctionnaire, Groupe de traitement C1, administratif (Fêtes et manifestations)

LORIS SPINA (LSAP) – 1. SCHÄFFEN: Merci Här Buergermeeschter. Do ass dann och eng Conversion de poste, déi mer proposéieren. Do geet et drëm fir een ze ersetzen, deen an d'Pensioun gaangen ass. Dat war am Kader vum Groupe de traitement D1 a mir géifen do proposéieren, en C1 doraus ze maachen. Wéi Dir matkritt hutt déi lescht Joren ass och deen dote Service an d'Ufuerderung vun deem do Service e bësse méi komplex ginn. Deementspriechend wier dat heiten an eisen Aen méi passend.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Ok, da soen ech Iech villmools Merci.

## 14.3. Kreatioun vun engem Vollzäit-Poste fir e Gemengenemployé am Groupe d'indemnité B1, sousgroupe technique (Gestion et maintien du patrimoine – Entretien des bâtiments)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da komme mer op den nächste Punkt. Dat ass d'Kreatioun vun engem Poste d'employé communal à tâche complète an eisem Service Entretien des bâtiments. Dat ass am Fong doduerch, well mer eng intern Mutatioun haten op e Posten, dee fräi ginn ass vun engem Mataarbechter, deen an d'Pensioun gaangen ass. Mir hunn dee Posten intern ausgeschriwwen. Et ass en interne Wiessel, deen deementspriechend hei stattfonnt huet, sou dass am Service Entretien de Posten net méi do ass, well dee säi Posten och matgeholl huet. Fir de Service awer rëm op de selwechte Stand ze setze wéi virdrun, musse mer hei e Posten kreéieren. Et muss ee soen, dass de Prinzip ass, dass een e Fonctionnaire communal ausschreift. Mir hunn en éischten Appell gemeet.



Do hate mer zwou Kandidaturen, déi net konform ware fir de Fonctionnaire communal-Posten. Do hu mer eng zweet Publikatioun jo gemeet. Do ware méi Kandidaturen, mee do war keng konform. Do hu mer den 12. Juli keen hei noméiert. Déi Decisioun hu mir jo hei zesummen geholl. An ausschlaggebend ass, dass mer eng Konversioun musse maache vum Posten vum Fonctionnaire communal an den Employé communal, an der Hoffnung dass mer do besser domadder auskommen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech hunn eng Fro. Mat all deenen neie Posten déi mer geschaf hunn a Konversiounen déi mer gemaach hunn a Leit déi agestallt goufen, wier et vläicht net schlecht, wann och den neie Gemengerot nees en Organigramm géif kréien, deen à jour ass. Vläicht virum nächste Budget. Fir dass mer do e bësse wësse wou mer dru sinn a wéi mer eis orientéiere kënnen an deene verschiddene Servicen. Et ass fir den Iwwerbléck net ze verléieren. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Organigramm, dat ass enregistréiert. Mir haten d'lescht Kéier d'Diskussioun, dass mer eng Kéier en informelle Gemengerot maachen, wou mer iwwert den Organigramm schwätzen. Op mer dat virum nächste Budget hikréien, weess ech net. Mee op alle Fall wäerte mer en informelle Gemengerot maachen, wou mir Iech wäerten den neien Organigramm virstellen, wou Dir och gesitt, wien a wéi enge Servicer ass. Am leschte Gemengerot am Juli gouf mengen ech doriwwer diskutéiert. An d'Madame Kayser hat dat ugefouert. Dat maache mer ganz gären. Kee Problem. Dat ass net vergiess. Da maache mer dat eng Kéier owes. Gutt, ass de Gemengerot mat där Konversioun averstanen? ***Unanime.*** Ech soen Iech villmools Merci.

## 14.4. Kreatioun vun engem Vollzäit-Poste fir e Gemengenemployé am Groupe d'indemnité A2, Sousgroupe scientifique et technique (Gestion et maintien du patrimoine – gaz, eau et canalisation)

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da kommen ech op den nächste Punkt. Dat ass d'Kreatioun vun engem Posten vun engem Employé communal. Do maache mer direkt en Poste vum Employé communal, well dat e ganz spezifesche Posten ass mat och spezifeschen Tâchen, par rapport och zu deem dote Service. Mir si jo mat eng vun deenen eenzege Gemengen, déi e Gas- a Waasserwierk huet. Dofir brauche mir och eng méi spezifesch Ausschreiwung. Dofir steet an der Création de poste och dran, wat een do vu Kompetenzen muss matbréngen.

Dat heescht et ass och eng Persoun, déi ee sicht, déi aus dem Secteur och kënnt an déi Erfarung och matbréngt, mat der ganzer Qualifikatioun fir Gas a Waasser, mee awer och am Kader vum Projet NeiSchmelz, fir déi ganz Kanalisatiounsaarbechten, déi do gemaach gëtt, respektiv déi generell Supervisioun. Also mir brauchen hei eng Persoun, déi eng gewësse Qualifikatioun an Génie civil och matbréngt. An dofir hei och d'Propos, en Employé communal-Posten ze schafen, an net e Fonctionnaire communal-Posten ze schafen - fir wa Froen hei kommen, fir deem virzegräifen, wat och ganz berechtegt ass.

Et ass eng aner Tâche, déi mer hei brauchen an déi fënnt een am Fong just an engem gewëssene Secteur a punkto Spezifizitéit, déi een huet. Dat zu den Erklärungen. Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

# 15. FERMETURE ADEM

**Discussioun iwwer d'Fermeture vun der Diddelenger Regionalagence vun der Agence pour le développement de l'emploi ADEM**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann komme mer op den nächste Punkt iwwer. Dat ass gouf op den Ordre du jour gesat vum Schäfferot. Mat de rezenten Evolutiounen wollte mer awer och hei d'Geleeënheet ergräifen, wat d'Fermeture vun der ADEM vun Diddeleng ugeet. Et ass éischter eng Diskussioun respektiv en Echange, well d'Decisioun ass jo getraff. Mir ware jo schonn eng Kéier hei an däser Ronn, wou mer eng Diskussioun haten an eng Motioun ugeholl haten, an och déi rezent Decisioun, déi och geholl gouf vum Aarbechtsminister an och respektiv vun der ADEM, fir d'Antenn hei zouzemaachen, wollt ech dass mer dat awer nach eng Kéier hei op dem Ordre du jour hunn, fir nach eng Kéier driwwer ze diskutéieren, fir dass de Gemengerot d'Méiglechkeet kritt, nach eng Kéier doriwwer och Stellung ze huelen an der Kontinuitéit vun der Stellungnam déi mer virun e puer Méint haten an der Diskussioun déi mer haten.

Ech mengen, dass dat net onwichteg ass. Ech kann hei just nach eng Kéier dat nach eng Kéier soen, wat ech ulässlech gesot hunn zu der Fermeture an da kënnt Dir, wann Dir wëllt, och dozou Stellung huelen. Et ass ganz schued, dass no 13 Joer wou déi regional Antenn bestanen huet, dass déi zougemeet gëtt. Et ass een natierlech doriwwer net frou. Net frou, well wéi Dir wësst, mir jo eng regional Aufgab hunn um Niveau vun der Landesplanung. Dass mir jo och dofir och regional Servicer hunn, sief dat e Centre culturel, sief dat eng Bibliothéik, sief dat eng Museksschoul an natierlech och eng regional Antenn hate vun der ADEM. An natierlech och d'Aufgab vun der ADEM jo och war, an der Proximitéit ze schaffen, och an der Dezentralisatioun vun der Landesplanung ze schaffen.

An dass lo natierlech déi ronn 1600 Leit déi betraff sinn aus Diddeleng, Beetebuerg, Fréiseng a Réiser, da lo d'Servicer vun der ADEM um Belval, respektiv dann och op Hamm mussen an Usproch huelen. Et ass op alle Fall net gutt dass déi Antenn hei an deem Sënn zougemeet gëtt. Quitt dass mer Alternativ uginn haten als Gemeng, fir Bürosflächen, sief et hei op der Plaz am Duerf d'Postgebai, respektiv awer och an der Entrée vun Diddeleng. Mir hunn och eng kloer Vermëttlerroll gespillt. Mir hunn natierlech och déi Diskussiounen déi mer hei virun e puer Méint haten, souwuel e Courrier dee mir gemeet hunn als Gemeng un den Aarbechtsminister, wéi och déi Motioun déi mer hei gestëmmt hunn, hu mer och un den Aarbechtsminister weiderginn an un d'ADEM.

D'Gemenge Réiser a Fréiseng hunn och e Courrier gemeet fir hire Support ze ginn par rapport zum Erhalt vun der lokaler Antenn. Mir hunn keng Stellungnam kritt ausser deem natierlech mat der Annonce, dass d'Antenn hei zougemeet gëtt, obwuel Alternativen do waren. Mee anscheinend sinn déi net duergaangen.
Wat awer och e bëssen schued ass, dat ass dass eng regional Antenn hei zougemeet gëtt an och am Kader vun der Dezentralisatioun, well jo ebe grad eng Rei aner staatlech Servicer hei zu Diddeleng ugeklappt hunn, fir an der Dezentralisatioun aner regional Servicer hei kënnen unzebidden, sief dat d'Fonction publique, respektiv d'Education nationale, wou mer mat hinnen an Diskussioun sinn. Et ass also eng Entscheedung déi hei geholl gëtt, déi en contre-courant ass par rapport zu der Dezentralisatiounspolitik landesplaneresch, déi de Staat, déi déi viregt Regierung an och déi aktuell Regierung wëll och ëmsetzen.

D'Antenn ass lo op bis Enn November. Da gëtt se zougemeet. Da mussen déi Leit, déi hei schaffen, déi gi verdeelt. D'Leit och. A wat natierlech och ganz schued ass, nieft dem Fait dass e staatleche Service - dat muss ee sech och op der Zong zergoe loossen - an der véiertgréisster Stad am Land seng Dieren zoumécht, dass am Fong an deene leschte 13 Joren och tëschent den Gemengeservicer jo och ganz vill Kontakter opgebaut goufen. Wann ech kucken: Eise Personalbüro, eise Service emploi, den Office social mat der lokaler Antenn vun der ADEM - dat si jo ganz ganz wichteg Lienen déi do entstinn tëschent de Mataarbechter, par rapport zu der lokaler Aarbechtssituatioun hei zu Diddeleng an och an der Regioun.
Déi Lienen, déi gi verluer, wann natierlech Mataarbechter a méi gréisser Strukturen um Belval an um Hamm integréiert ginn. Déi kann een nach eng gewëssen Zäit e bëssen oprecht erhalen, mee déi ginn natierlech verluer wa mer eis net méi an der Proximitéit befannen, sou dass dat och ganz schwiereg ass. Och wann ee weess - an ech mengen do gouf et jo och eng Zoustëmmung - dass iergendwann eng Kéier déi regional Antenn vun der ADEM op Diddeleng sollt zréckkommen am Kader vum Projet NeiSchmelz, mee wärend där Period, am Fong alles dat wat wärend 13 Joer opgebaut gouf, dat gëtt natierlech gekappt. A wann een natierlech do rëm op NeiSchmelz eng nei Antenn huet, da kritt een dat net méi hiergestallt. Well déi Kontakter, déi Lienen, déi Synergien, déi Projeten, déi entstane sinn, déi gi lo vill méi schwéier fir och ëmzesetzen.

Wat mer bësse sauer eropgestouss ass, ass dass mer am Fong déi Courrieren, déi mir als Gemeng ge-

meet hunn, déi Motioun déi mer hei och gestëmmt hunn, déi hu mer dem Aarbechtsminister zoukomme gelooss, mer krute keng Äntwert. Mer krute keen Accusé de réception. Ech krut den Dag virun der Pressekonferenz wou dat annoncéiert gouf en Uruff vum Aarbechtsminister, dee mech informéiert huet, dass en dat da muer, also den Dag drop, wäert annoncéieren. Ech muss soen dass dat mer a punkto Kommunikatioun ganz sauer eropgestouss ass. Dass net esou eng Aart vu Kommunikatioun déi ee soll maachen bei sou enger Decisioun, déi esou eng Tragwäit och huet. D'Decisioun ass geholl a mir kënnen näischt drun änneren. Och wann een net der selwechter Meenung ass - ech ka mech erënneren, dass mer och hei de part et d'autre, mat Nuancen an och verschiddenen Approchen ënnert de Parteien déi Diskussioun hate ronderëm den Dispositif spécial vun der Police, wéi déi hei Agenten, déi vun Diddeleng ofgezu gi sinn fir an d'Stad ze goen. Och do hate mer e Courrier gemaach als Gemeng, och do hate mer hei eng Motioun verabschit. Déi hu mer dem Inneminister zoukomme gelooss, mee do hu mer awer eng Äntwert kritt. D'Form - mir hunn eng Äntwert kritt.

Och wa mer eis um Fong eis net eens waren, an och dat hu mer jo hei diskutéiert - et war awer de Minimum vu Respekt vu staatlecher Säit, eis drop ze äntweren, och wann ee sech am Fong net eens ass. OK, dat ass an der Politik esou, mee ech mengen et ass awer och e Respekt vis-à-vis vum Gemengerot, vis-à-vis vun der véiertgréisster Stad hei am Land, dass een op d'mannst eng Réckmeldung kritt par rapport zu engem Courrier deen een am Abrëll mécht, par rapport zu enger Motioun déi een hei am Mee stëmmt, an dass een dann net no der Rentrée dann d'Annonce kritt, dass d'Antenn zoumécht. Ech mengen dass een do un der Kommunikatioun sécherlech an un der Aart a Weis, zemools den Aarbechtsminister, awer och fréiere Buergermeeschter vun der zweetgréisster Stad am Land. Voilà, do si vläicht da Reflexer, déi ganz schnell verluer ginn - ech drécken dat mol esou aus - wat ganz schued ass, mee wat awer da sauer opstéisst.

Dat wollt ech nach eng Kéier kuerz hei ernimmen an ech hunn et op den Ordre du jour gesat, fir dass mer nach eng Kéier eng Diskussioun hunn. Ech weess awer och dass deen een oder aneren erugetrueden ass, fir och nach eng Kéier d'Wuert kënnen ze ergräifen, respektiv eng Stellungnam ze huelen. Dofir ass et wichteg, dass mer déi Diskussioun hei féieren, och wa mer wëssen dass d'Decisioun an deem Sënn getraff ass. Dat nach eng Kéier e bëssen in globo de Punkt par rapport zu där Situatioun.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Da soen ech Merci fir d'Wuert. Effektiv, wou ech de Punkt um Ordre du jour gesinn hunn, hunn ech mer eng Stellungnam preparéiert, mee ech stelle fest, dass de Buergermeeschter scho quasi alles hei gesot huet, wat ech mer opgeschriwwen hunn. Also mir leien do mengen ech wierklech op enger Linn - mer hate bis gëschter dat wat mer an der Press konnte liesen an héieren, a wat mer och dann eben an de viregte Gemengeréit zesummen hei diskutéiert hunn. Et war och déi Motioun an de Bréif, deen a Richtung vum Minister gaangen ass, fir déi Fermeture eventuell awer nach verhënnert ze kréien, dass mir och als Déi Gréng feststelle mussen, dass dat extreemst bedauerlech ass, wéi dat ofgelaf ass.




Lo ginn et zwee Voleten op déi de Buergermeeschter och elo grad agaangen ass. Dat ass engersäits de Stil vum Minister a punkto Kommunikatioun. Engersäits dann eben de Buergermeeschter ze informéieren den Owend virun der Pressekonferenz, wat do wäert Saach sinn. Dass dann op d'Courrieren einfach net geäntwert gëtt. Mir hunn dat och eng Respektlosegkeet par rapport zum Gemengerot och missten hinhuelen, well et effektiv schued ass, dass do einfach dann net kommunizéiert ginn ass. Net just fir eis mee och fir Réiser a Fréiseng, fir do net drop ze äntweren. Dat hätt näischt kascht an et hätt de Buedem e bësse besser hannerlooss fir weider Kommunikatiounen an déi dote Richtung a fir Kommunikatiounskanäl och opzehalen. Dat vun engem Minister, deen och Sportsminister ass, hätt ee sech méi Fairplay kënnen erwaarden.

Dann zu der Fermeture selwer: Ech mengen, d'Gemeng huet do Lokalitéite proposéiert gehat, wann ech dat richteg verstanen hunn, déi net konnten zréckbehale gi laut Minister. D'Propos NeiSchmelz déi wier ugeduecht, mee kuerz- a mëttelfristeg elo fir Diddeleng keng Optioun, huet et dann iergendwann geheescht. Mir stellen do einfach fest, dass Diddeleng Propose gemaach huet, a wann een d'Situatioun eng Kéier objektiv kuckt: Diddeleng konnt jo keen Interêt drun hunn, fir net an deem Mooss mat ze kollaboréieren, wéi et hätt misste sinn, fir dass dat hätt kënnen hei erhale ginn.
Et ass am leschte Gemengerot scho gesot ginn: Mir sinn déi eenzeg Gemeng mat engem Service emploi. Dat war mer bis dohinner och net bewosst, dass mer déi eenzeg waren, déi dann awer Hand an Hand zesumme mat där Antenn vun der ADEM geschafft hunn, an dass mer do gutt Lienen dozou hätten.

Eis stellt sech och d'Fro, wéi eng Aarbecht déi iwwer 13 Joer opgebaut gëtt, wéi déi einfach esou ka futti gemaach ginn, respektiv stelle mer eis et awer schwiereg vir, dass do op e Pauseknäppche ka gedréckt ginn an dass dann einfach an e puer Joer soll lassgoen rëm mat engem neie Site. Dat heescht, dës Decisioun vum Minister kënne mer och wierklech net verstoen a sinn do voll a ganz bei der Positioun vum Buergermeeschter, déi hie lo duergeluecht huet. An och beim Message, dass déi Fermeture am Fong e ganz schlechten Dag fir Diddeleng ass. Dann hu mer eis awer och d'Fro gestallt, well do eebe gesot ginn ass, dass kuerz- a mëttelfristeg Diddeleng keng Optioun wier fir déi Antenn, wéi et dann awer längerfristeg mat där Antenn am Quartier NeiSchmelz ass.

Well dat ass elo aus all deem wat ee sou liese konnt, net richteg ervirgaangen, ob dee Plang dann elo nach steet, ob en net steet.

Ech mengen och do: Diddeleng ass elo schonn e Centre de développement wéi de Buergermeeschter och elo scho gesot huet, wou en Haaptknuetpunkt ass vun allem wat zesummeleeft. Mir haten d'Motioun, wou déi eenzel Consideranten, déi och gewisen hunn, wat alles zu Diddeleng beienee leeft. Dat wier just logesch, wann een dat do och dezentraliséiert weider zu Diddeleng hätt. Do stellt sech dann einfach eben d'Fro, wéi sech dat virgestallt gëtt, fir wann de Site NeiSchmelz opgeet, fir dat erëm esou an där Qualitéit kënnen unzebidden, wéi mer et am Moment hunn. Op jiddwer Fall sollt een do als Gemengerot mat béiden Aen drop kucken a kucke fir alles dofir ze maachen, fir dass dat esou séier wéi méiglech erëm kéint zu Diddeleng ugebuede ginn. Merci.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci. Wat ganz positiv ass, dat ass dass de ganze Gemengerot – ouni déi aner Stellungname schonn héieren ze hunn – mee eng Tendenz ass awer schonn erauskomm: Dass mer hannert dem Projet vun der ADEM stinn, dass mer bedaueren dass d'ADEM vun Diddeleng fortgeet, och mir als CSV, vu dass Dir eisen Aarbechtsminister ugeschwat hutt. Ech hoffen just dass Dir de Bréif mat Ärem Accusé de reception un de richtegen Aarbechtsminister geschéckt hutt, un dee vun haut, net un dee vu fréier.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Neen, et stoung Georges Mischo drop.

CLAUDE MARTINI (CSV): Effektiv, wéi Är Zesummenaarbecht ass, dofir kënne mir net an dat wësse mir net, wéi dat ass. Et ass och ëmmer e bëssen eng Saach vun der Perceptioun, wéi deen een eppes gutt fënnt an deen aneren net. Do wëlle mir eis net ze vill amëschen, do kann ech keng Positioun dozou huelen. Ech fannen et op alle Fall ganz nobel wann eng Gemeng wéi Diddeleng sech net nëmmen fir Projeten asetzt wéi en CNA, fir Projeten déi Spaass maachen, déi flott sinn, mee dass mer och eng sozial Roll hunn a sozial Projeten uginn a mer eis do net scheien, fir deene Leit ze hëllefen, déi eng Aarbecht sichen an dass mer eppes géint Prekaritéit an deem Fall do maachen.

Et ass awer elo sou dass säit 2021 – dat heescht et mussen och scho virdrun doriwwer Iddien gelaf sinn - dass déi Lokalitéiten wou d'ADEM dran ass net méi adequat sinn. Déi si fir d'ADEM net méi adequat an 2021 do hate mer nach en LSAP-Minister, lo hu mer CSV-Minister, d'ADEM déi huet deemools schonn hir Doleancen ausgedréckt, dass déi Lokalitéiten net méi gutt sinn oder net méi adequat sinn, fir kënne gutt ze schaffen, an dass eng aner Lokalitéit muss fonnt ginn. 2021 Här Buergermeeschter, am Mäerz krut Dir scheinbar schonn e Courrier vum Aarbechtsminister an do sollt eng aner Lokalitéit fonnt ginn. Wann een awer eng aner Lokalitéit fënnt oder sicht, da muss een och e bësse kucken wat kënne mer maachen, wat kënne mer ëmsetzen? A mer wëssen alleguerten wéi verschidden Sécherheetsmoossname musse sinn, wéi verschidde Gebaier mussen opgebaut sinn a architektonesch ausgesinn, fir dass se de Sécherheetsmoossnamen entspriechen, fir dass eng héich qualitativ Aarbecht kann ugebuede ginn, sou wéi d'ADEM se wëll maachen an och soll maachen.

Et war geschwat gi vum LIDL, dat ass näischt ginn. D'Postgebai ass och beschwat ginn. Do waren d'Sécherheetsstandarden awer net déi, wou gefrot ginn.
Wat kënne mer maachen fir dass et hätt kënne goen? Ech mengen, fir iergend eng Tëscheléisung ze fannen mat Gewurschtels a déi wou immens deier herno gewiescht wieren, fir eng kuerz Zäit ass dat vläicht déi richteg Léisung gewiescht. Mir perséinlech kënne mam Kompromëss liewen, dass mer d'Leit fir kuerz Zäit opdeelen, op déi Antennen wou do sinn, fir dass se eng héichwäerteg a professionell an e gudden Encadrement kréien, fir dass d'Leit déi do schaffen, och ënner anstännegen Konditioune kënne schaffen, a mir sinn och der Meenung dass déi Lokalitéiten, déi op NeiSchmelz musse gebaut ginn, dass dat eng éischt Prioritéit da muss sinn.

Ech mengen, wa mir eis unanime dofir ausschwätzen, dass d'ADEM wichteg ass fir eis Regioun, dann ass dat eent vun den éischten Gebaier déi wou mer musse kënnen abezéien. Wann ech da virdrun héieren hunn, dass déi éischt Appartementer, déi éischt Haiser, Logementer 2028 fäerdeg sinn, ma da musse mer et och an deem Zäitraum do fäerdeg bréngen, dat war gesot ginn, dass och d'ADEM an deem Zäitraum do fäerdeg gëtt, fir dass mer dann nees kënnen déi Lokalitéiten zu Diddeleng benotzen. Ech denken awer och dass et eng Saach vun der Kommunikatioun ass, wéi mer lo déi nächst puer Joer wäerte mat der ADEM zesummeschaffen. Et ass bedauerlech, jo, wann s de en Service opbaus an du kanns en a puer Logementer integréieren an Diddeleng, fir e gudden Echange mat der ADEM ze hunn, fir d'Leit um Aarbechtsmarché ze integréieren. Ech denken awer net dass dat onméiglech ass, wa se lo um Belval sinn.

Et ass een natierlech ëmmer frou wann eppes zu Diddeleng ass, wann et net wäit ewech ass, mee Belval ass awer lo och net esou wäit ewech. Mir hunn eng direkt Linn mam TICE-Bus dohinner. Ech denken dass mer - neen et ass awer esou - dass awer alleguerten e gudden Accès do op de Belval hunn, fir déi Leit déi mussen dohinner goen. Wéi all déi Jonk ënner 30, déi souwisou lo scho bis elo dohinner gaange sinn. Ech denken awer, dass jo, mir kënne mam Kompromëss liewen. Mee wéi gesot, déi ganz Stellungname wat Diddeleng ugeet, déi hunn ech elo gesot, an ech denken dass déi och ze deele sinn. An da si mer mol gespaant wéi et op NeiSchmelz weidergeet a wéi mer déi Prioritéit vun deem Gebai da wäerten asetzen. Mee vläicht hu Dir schonn eng Lokalitéit ongeféier, wou se hikënnt, plus minus um Plang, da kënnt Dir eis dat vläicht an nächster Zäit matdeelen, a wou de Projet dann och drun ass. Villmools Merci fir d'Nolauschteren, an da kucke mer mol wéi et weidergeet.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Ech bedaueren e bëssen dass et dëst Joer elo scho fir d'zweet ass, wou mer eis hei am Gemengerot musse mat enger gewëssener Respektlosegkeet vun der Re-

gierung par rapport zum Gemengerot befaassen. Déi éischte Kéier, beim Här Gloden, do krute mer ëmmerhin nach eng Äntwert, och wann déi Äntwert am Fong net un de Gemengerot geriicht war, mee just un de Buergermeeschter, respektiv den Député-Maire. Lo si mer am nächste Schrëtt, lo kréie mer einfach guer keng Äntwert méi. Bon, et ass net fir d'éischte Kéier dass en Aarbechts- a Sportsminister opfält, dass e ganz gutt am Ënnerdauchen ass an net méi Opdauchen an net ganz vill kommunizéiert. Mee bon, dat ass awer schonn e bësse speziell dat doten.

Mir hate jo och d'Motioun vun der LSAP ënnerstëtzt d'leschte Kéier well mer och der Meenung sinn dass ebe grad sou Strukture wéi d'ADEM, dass et wichteg ass dass déi dezentraliséiert sinn. Mir hu lo vu Proximitéit geschwat an effektiv fir d'Diddelenger ass et natierlech praktesch wann et zu Diddeleng ass. An et ass eng Saach wann déi lo mussen op de Belval fueren. Dat ass schonn eng Verschlechterung fir si. Nach hu mer jo eng ganz gutt TICE-Linn. Mee d'Leit komme vu Fréiseng bis heihinner erof. Dat muss ee sech och emol soen. Dat muss ee sech och emol soen. Also fir déi ass d'Proximitéit lo scho relativ. An déi musse lo vu Fréiseng op de Belval goen oder an d'Stad? Op alle Fall gëtt jo och nach eppes ausserhalb vun Diddeleng a fir déi Leit ass et nach vill méi eng Verschlechterung am Fong.

Ech war iwwregens erschreckt. Ech hu gëschter mol eng Kéier gekuckt, wéi vill Antennen oder Agencen vun der ADEM et iwwerhaapt gëtt, an et gëtt der net vill. An et ass enorm wat fir Weeër d'Leit mussen op sech huelen an dat ass jo schonn net ëmmer sou ganz einfach an et ass immens streng gehalen an ech denke mer vill Leit, déi bei der ADEM ageschriwwe sinn, bei deenen ass et jo finanziell e bësse méi knapp, an da wëll ee vläicht emol um Auto oder um Bensin spueren. Ma dat ass iwwerhaapt net méiglech wann ee kuckt wéi kompliziéiert et ass fir d'Leit a wéi wäit Weeër se zum Deel wierklech musse maachen. Also ech mengen do geet et wierklech an déi falsch Richtung an eigentlech misst d'ADEM sech ausbauen a méi Antennen, méi regional Antennen virgesinn an net nach déi puer déi et gëtt och nach zoumaachen.

Fir zréck op Diddeleng ze kommen, dat ass gesot ginn, d'Antenn déi war lo säit 13 Joer hei. Do hu sech natierlech Gewunnechten agestallt, fir déi Leit déi hei schaffen, fir déi Leit déi hei ageschriwwe sinn, déi heihinner kommen, ob et lo fir d'Diddelenger ass oder fir d'Réiser oder d'Fréisenger. D'Leit sinn an engem enke perséinleche Kontakt, et ass eng gutt Vernetzung mat de Gemengeservicer do gëtt ëmmer gesot. Alles dat riskéiert natierlech elo verluer ze goen an dat Bild vun "op Paus drécken" dat ass ganz schwéier an dëser Situatioun. Ech hu mer vun engem Bekannte soe gelooss, dee bei der ADEM schafft, dass d'Gebai wierklech net méi den Ufuerderungen gerecht gi wier an dass et net ganz agreabel wier, do ze schaffen. Ech mengen dat bestreit jo och elo keen onbedéngt. An dass et och e bëssen ze kleng ginn ass. Ech weess elo net ob et net nach méiglech gewiescht wier iwwer Joren do ze bleiwen, bis dann d'Gebai op NeiSchmelz fäerdeg gi wier. Mee do ware jo och wierklech Alternativen am Raum, déi fir mech - d'Postgebai huet awer z.B. interessant geklongen - an och wann dann do Adaptatiounen ze maache si wat d'Sécherheetsmesure sinn, ech mengen dass dat awer machbar wier. Ech weess lo net ob et do wierklech lo onméiglech gewiescht wier, eng Alternativ ze fannen, wann de Wëllen dann do gewiescht wier.

Ech hu mech just gefrot: Hu mir dann nach ëmmer d'Garantie, dass déi regional Agence dann eng Kéier zréckkënnt op NeiSchmelz? A wa jo, hu mer eng Iddi wéini? Mir hu lo gelaacht wéi den Här Steffen vun 13 Joer geschwat huet, mee ech fäerten dass mer éischter bei 13 Joer si wéi bei "kuerz Zäit". Also ech ka mer net virstellen dass dat elo mat den éischten Logementer och d'Antenn vun der ADEM nees wäert op NeiSchmelz kommen. Ech fäerten dass dat awer schonn wäert méi laang daueren. Hu mer do zumindest d'Garantie? Voilà, dat war et am Fong. Merci.

MARC MEYER (DP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Diddeleng huet probéiert dee Büro hei oprecht ze erhalen. Leider ass eis dat net gegléckt. Et ass eeben traureg dass déi elo no 13 Joer hir Dieren zoumaachen. An der Hoffnung, dass se dann iergendwann eng Kéier rëmkommen, mee dat steet jo dann nach an de Stären. Et ass op alle Fall awer schued fir Diddeleng, dass se net méi do sinn, mee déi richteg Leidtragend sinn déi Leit, déi op dee Büro ugewise waren. An dat sinn net nëmmen déi Diddelenger Bierger, mee och déi vun de Gemengen, déi eebe ronderëm Diddeleng leien an déi lo dann nach e gréissere Wee mussen op sech huelen, fir bei dee Büro ze kommen. Et ass natierlech traureg, wann een héiert, dass am Zäitalter vun der Kommunikatioun keng Kommunikatioun besteet oder bal keng besteet, well ech si souguer der Meenung, dass wann eng besser Kommunikatioun och hei bestanen hätt, dass een doudsécher eng Léisung fonnt hätt fir dee Büro iwwergangszäitlech hei kënnen oprecht ze erhalen. Sou vill dozou. Merci gesot fir d'Wuert.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Als LSAP bedauere mer extreemst, dass déi Filial zougeet. Hei geet et ëm 1548 eenzel Persounen. 257 vun deenen ginn op Hamm. Hamm läit net einfach sou bei der Stater Gare. Dat heescht och fir mol bis op Hamm ze kommen, et ass net sou einfach. An virun allem och déi Leit, déi e Problem mat der Mobilitéit hunn, andeems se vläicht an engem Rollstull sinn oder ageschränkte Mobilitéit hunn, fir dohinner ze kommen läit Hamm net einfach sou mol nieft der Dier. Zemools wann een dann deemno wéi dann och nach vu Fréiseng kënnt, vu Réiser kënnt, Crauthem. Also et ass net einfach sou. Dat heescht mir bedaueren: Deen direkten Zougang geet iergendwéi verluer.

Et sinn 1548 eenzel Leit, 1291 vun deene musse lo Richtung Belval goen. An eebe grad déi Zesummenaarbecht déi hei an Diddeleng war mam Service emploi: Et sinn eenzel Schicksaler. Amplaz dass mer kleng Antennen op verschidde Plazen hunn, gi mer lo an eng Richtung, leider, wou mer op 3 grouss Gebaier duerch d'ganzt Land ginn. Et kënnt engem fir, wéi wann et méi Richtung Nummere geet, wéi wann et eenzel Leit sinn, déi op den Aarbechtsmaart wëllen. Déi Leit déi schonn

e Schrëtt an eng ADEM maachen, déi Leit déi schonn ëmmer rëm mussen op déi Plaze goen, ginn lo a riseg Büroen, wou et ausgesäit wéi wann et just nach Nummere ginn. Mir bedaueren dat extreemst a mir mierken dass de politesche Wëllen einfach net do ass a gewollt ass, dass do eng aner Méiglechkeet, en anere Wee, fonnt gëtt. Ech soe Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci. Ech wëll nach just eppes Klenges bäifüge well lo, wéi d'Madame Dimmer lo grad ganz richteg gesot gouf: Dat si lauter Schicksaler, déi do dohannert stinn. An da muss een och nach eng Kéier a Betruecht zéien, an dat ass vläicht eppes... Duerch meng Aarbecht och am Office Social, also meng Verwaltungsrot-Tätegkeet, mierkt een, datt wann s de bei der ADEM bass, bass de relativ streng gehalen. Dat heescht dat kann en Zuchausfall sinn. Dat kann eng Kéier krank sinn an ze spéit kommen, da gëtt de Chômage gestrach. Dat heescht alles wat do mol kann dertëschent kommen, ass fatal fir déi Leit.

Ech wëll net soen datt dat ëmmer un eisem ëffentlechen Transport läit oder sou, mee et ass awer nu mol e Risiko domat verbonnen, wann ee komplizéiert Weeër huet, wann een oft muss ëmsteigen, wann een als Leit déi da schonn e bëssen an der Prekaritéit sinn, dat sinn der och oft déi mat der Bürokratie oder mam System liicht iwwerfuerdert sinn. A wann een deenen d'Liewen nach méi komplizéiert mécht an et léisst ee se nach e puer Mol méi oft ëmsteigen an hei an do a Weeër, dann haut dohinner, muer dohinner. An dofir war dat immens flott a mënschlech, wierklech eppes immens Guddes, wéi se hei encadréiert waren, wéi se hei mateneen vernetzt waren. Ob dat den Office social war, eise Bureau de l'emploi, dann d'ADEM - dat ass schonn eppes, wéi et soll sinn. An elo fannen ech och, an ech mengen do si mer eis eens, gi mer e Schrëtt no hannen a mir maachen deenen, déi leider Gottes mussen op d'ADEM goen, d'Liewen onnéideg schwéier. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Madame Kohn. Da géif ech lo op e puer Punkten agoen. Ech géif, well dat ugerass gouf, vläicht a Zukunft kucken, ronderëm d'Froestellung déi hei war, d'Garantie dass d'ADEM op NeiSchmelz kënnt. Et ginn eng Rei staatlech Servicer déi elo scho wëllen op Diddeleng kommen, dat hunn ech scho gesot: D'Fonction publique respektiv d'Education nationale am Kader vun der Dezentralisatioun an d'Landesplanung. Dat ass à court et à moyen terme. Moyen à long terme, ech mengen dat wësst Der, komme jo och nei staatlech Servicer op NeiSchmelz. Do si mer natierlech mat Bâtiments public sinn nach Diskussiounen déi nach ze féieren sinn. Do ass déi regional Antenn vun NeiSchmelz, wéi vill aner staatlech Servicer, Bestanddeel vun de staatleche Servicer, déi sech hei zu Diddeleng wëllen usidelen. An da muss een natierlech en fonctioun och vum Programm, an dat orientéiert sech hei um Programm deen d'ADEM eis 2022 ragescheckt huet. Wat se brauchen ass dat sécherlech eppes un deem een dann och schaffe kann, fir ze kucken wou et hikënnt. Dat ass e bëssen no vir.

Da ginn ech nach eng Kéier kuerz zréck: Effektiv krute mer 2022 e Bréif, dass d'Lokalitéiten net méi adequat sinn. Doropshin hu mir als Gemeng jo och reagéiert. Mir hunn hei d'Vermëttlerroll iwwerholl, quitt dass et jo e staatleche Service ass an de Staat huet eis gefrot, ob mer him hëllefe kënnen. An enger partnerschaftlecher Bezéiung tëschent Staat a Gemengen, et weess ee jo net, heiansdo ass et de Staat, heiansdo d'Gemengen, freet, wann et en arrangéiert. A wann et hien net arrangéiert, ginn d'Gemengen aussen vor gelooss. Hei huet de Staat d'Stad Diddeleng gebraucht fir nei Lokalitéiten. Du hu mir gesot OK , mir hëllefen, mir maachen eng Vermëttlerroll - Dir an ärem Rôle a mir an eisem Rôle. An där Vermëttlerroll hu mer zwou Lokalitéiten ugebueden, wou Büroe sinn, fir do och kënnen deementspriechend kucken ze goen. Dat war dee Rôle, dee mer wouergeholl hunn. Natierlech wann de Staat gäre wëll Locataire ginn an der Gebailechkeet, sou wéi dat och de Fall war mat der regionaler Antenn hei zu Diddeleng, do war jo de Staat Locataire, d'Gebai gehéiert jo der Ligue, da muss natierlech de Staat och kucken, wéi wäit dass en och bereet ass, en Invest ze tätegen, wa jo vill iwwer Sécherheetsmesuren geschwat gëtt. Wann een natierlech mat der Viraussetzung kënnt, et kritt ee Büroen „clé en main" wou alles stëmmt, an et ass een net bereet eppes ze investéieren, jo da kann een op vill Situatiounen, wou een effektiv eppes opstéisst an net an Usproch hëlt. Dat heescht och d'Bereetschaft vum Staat, an déi bestoend Gebailechkeeten, wou se zwar net Proprietär sinn, e klengen Invest ze tätegen, oder an déi zwou nei Gebailechkeeten en Invest ze tätegen, fir dass Sécherheetsmesuren oder wat och ëmmer, oder dass et funktionell ass par rapport zum Service, deen een als Staat wëll ubidden, och konform ass.

Mee och dat muss dann eng politesch Volontéit sinn, fir dat wëllen ze maachen, mee do schwätzt d'Gemeng net méi mat. Dat ass ganz kloer um Staat ze kucken, ob dee politesche Wëllen do ass fir dat ze wëllen ze maachen oder net. Et schéngt jo mengen ech, dass hei éischter d'Aussiicht déi war, net déi Gebailechkeeten déi proposéiert goufen, déi sou ëmzerëschten, fir dass se deementspriechend den Usprréch och kënnen gerecht ginn.
Den Här Martini sot als CSV kënne mer mam Kompromëss liewen, dass zougemeet gëtt. Fir mech ass Zoumaachen, d'Fermeture vun enger regionaler Antenn vun engem staatlechen Service, kee Kompromëss. Mäi Kompromëss, an dat hunn ech als Buergermeeschter gemeet, dat ass am Kader vun deenen Diskussiounen déi mer haten, och Entrevuen unzefroen an och eng Propos ze maache fir och eng Entrevue mat der Direktesch vun der ADEM, fir ze kucken kënne mer vläicht e Kompromëss hei fannen, fir dass just nach en Deel Service hei oprecht erhale bleift oder aner Alternative fannen. Och do muss ech soen hunn ech... déi Propose ass ni zustane komm, fir eng Entrevue ze kréien. Och dat wëll ech hei soen. Mir hu probéiert déi verschidde Weeër anzeschloen, och staatlech Administratiounen fir ze kucken wat een ka maachen.

Fir mech ass et kee Kompromëss, dass déi regional Antenn hei zou ass. Fir mech hätt e Kompromëss kéinte sinn, dass een nach an déi bestoend Infrastruk-

turen investéiert oder en Invest mécht an nei Infrastrukturen, déi een zur Verfügung stellt. Wat jo och e bësse komesch ass. Et sinn ëm déi 1600 Leit, déi dee Service an Usproch geholl hunn. Et ass also e Besoin do an et mécht een zou. Dat bäisst sech. Dat bäisst. Also am Fong ass dat net déi richteg Äntwert. Wann e Besoin do ass, dass een dann eng Antenn zoumécht a weider distribuéiert. Well wann een och op d'Chiffere kuckt vum Chômage hei zu Diddeleng. Am Kanton Esch ass de Chômage bei 6,5%. Et war eng Äntwert op eng Question parlementaire. Et waren d'Chifferen vun Ufank 2024. Zu Esch bei 8,9% , Déifferdeng 7,4% , Diddeleng 5,9%. Mir leien awer no bei der nationaler Moyenne also.

A wann ech kucken : Déifferdeng an Esch hu regional Antennen. Diddeleng gëtt hir wechgeholl. Also mengen ech, eng Antenn zu Diddeleng hunn a behalen wier de richtege Message gewiescht ënner verschiddene Viraussetzungen. An natierlech och drop hischaffen, dass op NeiSchmelz eppes Neies kënnt. Dat ass net de Fall. Dat heescht, dat wat eis lo hei iwwreg bleift, dat ass eeben ze kucken mat de staatleche Stellen, sief dat d'ADEM awer och mat Bâtiments publics, dass dann déi nei Antenn op NeiSchmelz eng Realitéit och gëtt. Dat ass dat Eenzegt wat eis hei iwwreg bleift, mee gëtt eis op alle Fall net Satisfaktioun, a sécherlech och net deene 1600 Leit, déi sech lo op aner Plazen mussen deplacéieren.

## 16. SOMMET ÉCONOMIQUE

**Punkt dee vun de Fraktiounen « CSV », « Déi Gréng », « DP », « Déi Lénk » op den Ordre du jour gesat gouf – Sommet économique**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech op den nächste Punkt iwwergoen. Dat ass e "Point à l'ordre du jour" vun der Oppositioun, der CSV, deene Gréngen, DP an Déi Lénk, par rapport zum Sommet économique, dee mer als Stad Diddeleng organiséiert hunn. Do géif ech dann der Oppositioun d'Wuert ginn. Ech weess lo net wien do federführend d'Wuert ergräift. Madame Kayser. Dat heescht, Dir waart à l'initiative.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Dat heiten ass e Point mis à l'ordre du jour vun der Oppositioun, vun der CSV, vun deene Gréngen, vun der DP a vun deene Lénken. D'ADR ass net dobäi, awer net vläicht well si et net wossten, mee d'Madame Spagnuolo ass am Ausland. Mir hate mat hir lo weider keen Echange well dat hei lo awer eng relativ kuerzfristeg Geschicht war. Ëm wat geet et? De 24. September huet den 30. Sommet économique local hei stattfonnt. Dat ass déi 30. Kéier, wou de Gemengerot net invitéiert gouf.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dierf ech e Rektifikatif maachen? Et goufe keng 30 Sommet économiquen, och wa mer schonn 30 Joer laang organiséieren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): 30 Joer.



DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Et ass 30 Mol wou Der invitéiert gouft. Mir haten net sou vill Sommet économiquen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ma well et steet do beim Anniversaire et wier den 30.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Et ass den 30. mee et ass net 30 Mol wou de Gemengerot net invitéiert gouf. Et ass den 30. mee et ass jo net all Joers.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ok, säit 30 Joer gëtt et en. Et gëtt en all zwee Joer. Op jidde Fall, egal wéi, säit 30 Joer - da soe mer et sou - si mir net invitéiert. Sou kann een et dann och soen. E fënnt laut Pressematdeelung all zwee Joer nëmme statt, effektiv. Säit ech am Gemengerot sinn, an ech sinn d'Doyenne heibannen, hunn ech ëmmer rëm gefrot wann een dat dann an der Press gelies huet: Ma firwat gëtt de Gemengerot dann net invitéiert? „Majo", huet et dann ëmmer geheescht vun der Säit vum Schäfferot, "do gi ganz sensibel Gespréicher geféiert tëscht den zu Diddeleng usässege Firmen an dem Schäfferot". Den Huis clos wier néideg. D'Firmen, déi wéilten kee grousse Public bei deem Echange.

Éischtens si mir, genau wéi d'Membere vum Schäfferot, gewielte Vertrieder vun der Stad Diddeleng. Zweetens si mir hei am Gemengerot fir 6 Joer verantwortlech fir d'Stadentwécklung ze plangen. Plange kann een awer just en toute connaissance de cause. Dat heescht mir als Gemengerot wëllen, sollen a mussen och dobäi sinn, wann déi 20 Firmaen déi dobäi waren, déi hei zu Diddeleng hire Siège hunn, hir Zukunftspläng, hir Visiounen awer och hir Doleancen, hir Proposen zu enger Verbesserung vun hirer Situatioun virdroen. D'Fro ass jo och: Wat kënne mir, wat musse mir als Gemengerot nach maachen, fir dass Diddeleng attraktiv ass a bleift, fir eis Betriber, fir eis Commercen? Mir brauchen d'Economie, mir brauchen den Handel, mir brauchen d'Entreprisen. D'Entreprisen sinn eise Partner. Si bidden Aarbechtsplazen un hei zu Diddeleng. Si leeschten eng finanziell Contributioun iwwert den Impôt commercial an och soss, andeems hir Mataarbechter och hei Suen ausginn. Si sinn e Magnéit fir Clienten. Si sinn awer och en Zeechen vun der Attraktivitéit vun eiser Stad an déi wëlle mer jo ëmmer permanent verbesseren.

Ganz enttäuschend ass et, dass mer just aus Texter aus der Press gewuer ginn an aus Fotoen vu Radio Diddeleng, dass mer op déi ugewise sinn, fir ze erblécksen, wien nieft dem Minister Delles a senge Mat-

aarbechter dobäi war. Op de Fotoe vu Radio Diddeleng kann ee gesinn, dass d'Mataarbechter vun der Gemeng dobäi waren, vum Personalbüro, vum Service local emploi, den Direkter a Representant vum Lycée war do, eise City Manager an erstaunlecherweis och de Geschäftsverband war dobäi. Mir hu Leit gesinn awer och vu ganz interessante Firmaen déi hei e Siège hunn: D'FedEx - dat wosst ech guer net, dass déi hei wieren -, Husky, Farenzena, Regulux, Goodyear, Proxy, LeClerc, Auchan, Lidl, Arthur Welter, CFL Multimodal, Proxy, de Cluster for Logistics, an - wat och ganz interessant war a sécher och herno an de Gespréicher ganz interessant Dialoge gouf: Liberty Steel war hei. Déi aner Participanten waren op de Fotoen net ze gesinn. Bei aller gudder Méi vun der Analys vun de Fotoe vu Radio Diddeleng hu mer net konnte feststellen, wie soss nach dobäi war.

Firwat wäre mir gären dobäi? Majo, mir si verantwortlech fir d'Planung vun Diddeleng. Mir si verantwortlech fir ze decidéieren, wéi eng Zonen musse mer beliewen. Mir hunn an eisem Budget e Poste stoen vun 100.000.-€ "Etudes sur la vision du développement commercial de Dudelange à l'horizon 2040". Dat kléngt gutt, mee wat sinn dann d'Visiounen vun de Betriber a vun de Geschäftsleit hei um Terrain? Mir hunn an eisem Budget e Poste stoen "Masterplan Koibestrachen - Concept urbanistique". Wat gëtt gebraucht op Helper? Wat gëtt gebraucht op Wolser? Zone artisanale Helper, do lafen nach ëmmer Poste bei eis am Budget, ënnert deene steet "Frais d'études" a "Frais de recherche et de développement". Dat Thema hu mer schonn ëfters erörtert.

Mee wéi gesot, et wier interessant ze wëssen: Wat sinn d'Doleancen, wat sinn d'Froen vun de Betriber déi hei sinn? An och virun allem: Wat kënne mer maachen, fir dass mer nach méi attraktiv ginn, fir nach méi Betriber heihinner ze kréien? Wéi eng Doleancen hu se zum Beispill? Brauchen se Crèchen fir hir Mataarbechter? Brauchen se Co-working-Spaces? Am Greisendall ass dat ugeduecht ginn. Dat si jo awer och Saachen, wou awer vläicht a sou engem Kader interesséiert hätt kënnen diskutéiert ginn. Et ass eis awer onverständlech déi jorelaang Ofweisung vun eiser Demande vun der Oppositioun fir um Wirtschaftsgipfel deelzehuelen. Jo, och mir kënne sensibel Informatiounen diskret behandelen an net no baussen droen. Mir hu jo net fir näischt an eise Gemengerotssitzungen Dossieren, déi just am Huis clos diskutéiert ginn an och ofgestëmmt ginn.

Mee et ass ni ze spéit eppes besser ze maachen, an no 30 Joer kann een och den neie Gegeebenheeten Rechnung droen, dass de Gemengerot och wëll, soll a muss beim nächste Sommet dobäi sinn. Déi Doleance hunn ech da mat mengen Oppositiounskolleege gedeelt. An ënnert der Federführung vum Yves Steffen a vum Carole Thoma ass dunn eng Motioun op den Dësch komm an ech géif dann hinnen zwee d'Wuert ginn, fir déi ze presentéieren.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Ech kann och ganz séier maachen. Merci. Ech hunn awer gewuer dass de Buergermeeschter mer d'Wuert gëtt. Also ech mengen, et ass bal alles gesot ginn elo vun der Madame Kayser. Mer wëlle jo lo net haut iwwert den Inhalt vun deem Sommet schwätzen. Mir hu scho Verständnis dofir, wann do bësse sensibel Donnéeën dobäi sinn. Mee eis geet et awer drëm fir ze verstoen, firwat mir als Gemengerotsmemberen do net invitéiert ginn, well mer awer mengen dass dat wichteg wier, fir kënnen eis Gemengepolitik ze maachen alleguerten zesummen, fir dass mer och déi Informatiounen hunn. Dofir wier et interessant un deem Echange an Zukunft deel ze huelen. D'Wirtschaft huet en Impakt op quasi alles: Verkéierspolitik, Landesplanung, d'Attraktivitéit vun Diddeleng, de Budget vun Diddeleng. Op alles huet et en Impakt. A wéi solle mer da verschidden Decisiounen novollzéien oder wéi kënne mir eis abréngen, wa mir déi Informatiounen net hunn? Sou e Sommet gëtt jo net iwwerall organiséiert. Dat ass jo am Fong eng interessant Initiativ vun der Gemeng Diddeleng, mengen ech. Dat fanne mer eigentlech eng gutt Saach. Mer géingen et ebe just vill besser fannen, wa mer eben déi Informatiounen hätten.

Et ass schonn ugeschwat ginn dass och Liberty Steel representéiert war. Da kënnt Dir Iech virstellen dass mir awer och interesséiert gewiescht wieren, fir do ze héieren, wat déi ze soen hunn, well do sinn awer 160 Salariéen déi säit iwwer 3 Joer net wësse wéi et soll weidergoen. A mir hu jo an der Press gesinn, dass dat jo lo nach eng Kéier ganz seriö ginn ass. Dat alles si wichteg Informatiounen an dowéinst wollte mer eeben zwou Saache froen haut. Ech mengen do schwätzen ech am Numm vu jidderengem. Dat ass dass mer zum enge kënnen e Wee fannen, wéi mer dëst Joer kënnen am Huis clos an engem technesche Gemengerot, wéi och ëmmer, e klenge Resumé gemaach kréie vum Schäfferot vun deene wichtegen Zuelen déi do genannt goufen, respektiv un deenen Informatioun déi do gi goufen, vläicht vun den Erausfuerderungen déi d'Betriber och gesinn fir déi nächst Joren fir hir Zukunft hei zu Diddeleng. An dass mer kéinten an zwee Joer, wann da soll deen nächste Sommet stattfannen, invitéiert ginn. Mir verstinn och dass et vläicht e bëssen enorm ass, wann do 19 Membere vum Gemengerot sëtzen, dat ass vläicht e bësse vill. Mee vläicht kéint ee jo awer eng Léisung fannen, dass zumindest ee Vertrieder pro Fraktioun invitéiert wier. Mir mengen dass dat e gudde Kompromëss wier. Dann hätte mer zumindest alleguerten d'Informatiounen.

An da just nach sur la forme e klengen Zousaz par rapport zu deem, wat d'Madame Kayser gesot huet: Et ass keen Zoufall, dass d'ADR net dobäi ass. Well zumindest mir als Déi Lénk wäerte keng gemeinsam Initiative mat der ADR huelen. Dat ass eppes wat mer scho säit laangem soen, mee virun allem op Grond vun de rezenten Entwécklungen déi d'ADR duerchgemaach hat, kënne mir dat formell hei soen, dass mir keng gemeinsam Initiativ mat der ADR wäerten huelen. A wa si dobäi gewiescht wieren, da wiere mir net dobäi gewiescht. Mee mir sinn natierlech awer frou dass mir dobäi sinn, well mir ënnerstëtzen dat doten awer, mir fannen dat wichteg. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Glécksfall.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Dat ass de Virdeel, wann een als Drëtt schwätzt, dass scho quasi alles gesot ass. Ech mengen och dir gesitt op der Entête, et wier keng Plaz méi fir e weidere Logo drop gewiescht. Do si mir dann och bei der Madame Thoma an Daten och duerch déi rezent Entwécklungen, déi déi Partei do geholl huet, och déi dote Kollaboratioun. Se ass sou rakomm, wéi se sollt erakommen. Zu der Saach awer dann an net zu der Form: Et wier och nach eng Kéier e wichtegt Uleies vun Déi Gréng nach eng Kéier ze ënnersträichen, dass et eis wierklech dräms geet. Mir haten dat d'lescht Joer jo mol zumindest an eisen Untrëttsrieden allen zwee an eisen Texter, dass et eis ëm eng konstruktiv Oppositiounsaarbecht hei geet. An "konstruktiv" geet och just, wa mer mat deem selwechte Wëssensstand kënnen un d'Saach erugoen. Dat heescht, et ass wierklech virun allem un déi Informatiounen ze kommen, déi eis jo awer iergendwou da feelen, fir kënnen déi kleng Detailer mat ze diskutéieren, wou mer awer ganz gäre wéilten mat diskutéieren, an och fir d'Zesummenhäng besser ze verstoen.

Well d'Wirtschaft ass en immens wichtege Facteur an enger Stad wéi Diddeleng - et ass déi véiertgréisst aus dem Land. Et si vill Betriber déi concernéiert sinn. An, wéi d'Fotoen et gewisen hunn, wann de Minister do ass, huet dat schonn e gewëssene Poids, dass dee sech Zäit hält, fir u sou engem Sommet dobäi ze sinn. Mir wieren do ganz gäre mat au courant. Mir wieren do ganz gäre mat dobäi. Dat gesitt dir bei den Invitten, dass mer engersäits wéilten an d'Bild gesat ginn vun deem wat stattfonnt huet. Natierlech do wou et muss sinn, dass op de Huis clos kann zréckgegraff ginn, dat ergëtt sech vum selwen. Dat anert: Natierlech hu mer eis och do Gedanke gemaach wann déi nächst Editioune vu sou engem Sommet sinn, fir do agelueden ze ginn. Zu 19, huet d'Madame Thoma grad gesot, wier immens schwiereg.

Ech mengen do kéint ee sech och eng Charte eventuell iwwerleeën. Mir hätte jo elo dann 2 Joer Zäit fir sech z'iwwerleeën, wéi een déi Diskussioun do féiert, dass et net zu politeschen Diskussioune kënnt, dass et net zu iergendwellechem Kleinkram kënnt, mee dass et wierklech op der Saach bleift an dass et net iergendwéi gesprengt gëtt vu politesche Messagen, déi d'Oppositioun do wëll lass ginn, well se eng Bün do hätt. Et geet wierklech ëm den haaptsächlech informativen Deel bei där Saach. Domat mengen ech hätt ech den Tour gemaach. Et war warscheinlech d'DP déi nach eppes wëllt soen, mee et ass den Här Buergermeeschter, deen d'Wuert vergëtt.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Här Steffen. Den Här Gangler wëll och d'Wuert ergräifen. Mee ech mengen ech ginn elo all d'Partei mol d'Wuert. D'Madame Kayser huet nämlech do ugefaangen. Wortführend Här Meyer, dann d'Madame Kohn an dann den Här Gangler. Här Meyer.

MARC MEYER (DP): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Jo, wéi gesot, ech sinn dann dee véierten an der Rei. Et ass jo alles gesot ginn. Wann een d'Motioun liest, déi schwätzt jo fir sech. Et ass alles kloer. An et ass jo och verständlech, wisou et eis interesséiert, wat do ofleeft. Insbesonnesch well eis dat och hëlleft, fir eis Aarbecht hei nach besser kënnen ze maachen an auszeféieren. Wann, wéi den Här Steffen scho gesot huet, natierlech keng Plaz an deem Sall ass, fir dass all Mënsch kann dobäi sinn, sou wär et awer wichteg, dass awer wéinstens ee pro Fraktioun kann do deelhuelen. An net nëmmen nolauschteren, mee och gegeebenefalls eng Fro stellen, falls dann eng Fro sech ubitt. Voilà, Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Mir gesinn dat natierlech e bëssen anescht, well - wéi soll ech dat elo ausdrécken - fir eis ass dat eng Saach vun Ënnerscheed tëschent Schäfferot a Gemengerot. Mir, souguer innerhalb vun der Fraktioun, ginn et einfach Ënnerscheeder tëschent der Aarbecht déi de Schäfferot mécht an der Aarbecht, déi de Gemengerot mécht. Dat heescht awer net, datt net de Schäfferot en oppent Ouer huet, wann een eng Fro huet, déi ee wëll gekläert hunn, wann ee wëll déi Informatiounen hunn oder sou. Wann elo duerch Zoufall dee Sommet économique géi eng Réunion de concertation heesche mat de wirtschaftleche Playeren hei an der Gemeng, da kéim et eis vläicht och manner an de Sënn fir ze soen "mir wieren och gär bei där Reunioun dobäi". Oder wann de Schäfferot Reunioune mécht mat Ministèren oder sou.

Natierlech géife mer ëmmer gären informéiert sinn, mee ech mengen dat gi mer, wa mer einfach froen. An mir hunn dofir och de Huis clos mam Gemengerot. Wa mir einfach Froen hunn un de Schäfferot, wéi et hei lo do steet, dann ass dat bis elo nach ni de Fall gewiescht, datt ee sech do verweigert hätt, fir do eng Äntwert ze ginn. Wat awer elo hei d'Diskretioun och nach ubelaangt, dat wëll ech awer elo nach eng Kéier soen, do zweiwelen ech awer lo awer an der Realitéit, wéi dat sou geet. Ech menge wa mir lo géifen eppes gewuer ginn, zemools wann een dann och nach vläicht anerwäiteg engagéiert ass a Parteigremien, a Gewerkschaften, a mir géifen do eng Informatioun gewuer ginn, déi lo immens - wéi soll ech soen - kriddeleg ass an deem Sënn, immens sensibel ass, déi dann do ënner Diskretioun matgedeelt ass, ech mengen net, datt dat géif do bleiwen, mee da géif een et awer engem soen an awer engem soen. An och wa mir dann soen "ech hunn et kengem weider gezielt" da wësse mer jo wéi et geet: Den zweeten deen et da gewuer gëtt, deen zielt et och rëm weider an dat ass herno net ze kontrolléieren.

Also ech mengen, datt wat mir de Krees méi grouss opmaachen, wat de Risiko einfach ass, datt déi Diskretioun net agehale gëtt. An da gi mer eis mengen ech eng Plattform, déi mer herno net wollten. Souguer mat vill guddem Wëllen mengen ech. Dat si mir mol vläicht net, déi déi Reegelen net wëllen anhalen. Mee spéitstens wa mer an eise Parteigremien, an eise Fraktiounen iwwer sou Saachen awer schwätzen an diskutéieren, da ginn déi Informatiounen awer weider. An dat ass einfach d'Realitéit e bëssen, sou wéi mir Mënschen och funktionéieren. Ech hunn op alle Fall vollst Vertrauen zu eisem Schäfferot. A wa mir do am Huis clos oder iwwerhaapt an enger Sitzung oder

an engem extrae Gemengerot, déi mer dann aberuffe kéinten do Froe stellen, da mengen ech net datt mer do net déi néideg Äntwerten an Informatioune géife kréien, déi mir als Gemengerotsmemberen brauchen. Op alle Fall hunn ech do vollstent Verständnis, datt dat bis elo sou gehandhaabt ginn ass, wéi et war. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Also ech hunn do grad e Problem mat deem Punkt, deen d'Madame Kohn elo ugeschnidden huet. Wann ech dat richteg verstanen hunn: D'Betriber, d'Commercen, d'Industrien wëllen net, dass méi wéi de Schäfferot déi Responsabilitéit hei hunn, an deem Gremium do ass. Da sinn do awer Leit aus den Servicen, dann ass Radio Diddeleng do, de City Manager, an da gëtt eis lo hei ënnerstallt, mir kéinten net déi richteg Diskretioun hunn. Ech fannen dat ass, also mol vläicht en Non-respect, an ech kéint mer hei a mengen Fraktiounskolleege Leit virstellen, déi sech soen "dat do ass carrement eng Frechheet, esou eppes ze behaapten".

Wa mir an eise Kommissioune sëtze wësse mir ganz genee, dat wat do geschwat gëtt, dierf net eraus. Mir halen dat och an. Ech géif mengen dass nach ni an de leschte Joren e Fall gewiescht, dass e Gemengerotsmember aus enger Kommissioun eppes erausgedroen hätt, wat herno e risege Skandal gi wier. An ech fannen einfach: Dat kann d'Argument net sinn. D'Argument ass dat: Mir wiere gär als Gemengerot informéiert iwwert déi Saachen, déi do geschwat ginn. Ob mer se viru ginn oder net, dat ass nach eng aner Saach. Ech fannen, mir gehéieren dohin. Mee ech fannen net, datt een eis hei soll ënnerstellen, mir wiere lo déi, déi alles eraus un d'grouss Klack hänke ginn.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo ech sinn am Fong och e bësse schockéiert iwwert dat wat grad gesot ginn ass. Mir hunn op all Ordre du jour en Huis clos wou eis jo och zougetraut gëtt, dass mer kënnen Diskretioun bewaren a wou ech och jidderengem heibanne géif zoutrauen, dass en dat mécht. An do ass et awer schonn erstaunlech, wéi vill Leit ronderëm deen doten Dësch sëtzen, deenen dat zougetraut gëtt, an da ginn hei esou Behaaptunge gemaach. Et muss een awer trotzdeem kucken, wat fir e Gremium dat heiten ass. Ech hu gëschter nach eng Invitatioun kritt vun ech mengen et ass tip Top, dass Elektrobornen opginn. Mee eng Invitatioun ze kréien, fir eng Elektroborne anzeweien am Joer 2024, dat ass e schéine Geste. Dat ass eng flott Baussenduerstellung, mee dat bréngt eis politesch Aarbecht als Solches net wierklech weider. Do géing ech mäi Congé politique dach vill léiwer huelen, fir op engem Sommet ze sinn, wou ech eppes gewuer ginn, wou ech herno ka meng politesch Aarbecht dohannert maachen, wéi dass ech do stinn, fir op eng Foto ze kommen. Ganz éierlech, do muss een awer trotzdeem eng Kéier dann nach eng Kéier d'Ausriichtung kucken, a wat een eis zoutraut a wat een eis net zoutraut, an dat geet definitiv iwwer Bännercher duerchschneiden ewech.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci fir déi dote Kloerstellung, déi ganz kloer war. Merci.

MARC MEYER (DP): Voilà, Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Ech wëll och just, wéi gesot ginn ass, nach emol kloer stellen, dass mir all Sitzung e Huis clos hunn an ech hunn op alle Fall nach net héieren, dass dobaussen iergendeppes breetgetréppelt ginn ass, wat lo hei geschwat ginn ass. Et ass sou dass jiddereen heibannen, a mir si jo alleguerten vereedegt hei, weess, wéini en eppes ka soen a wéini en eppes net ze soen huet. Fir nach eng Kéier zréckzekommen op dat wat d'Madame Kohn gesot huet mat de Froe stellen: Jo, bis elo krut ech nach all Kéiers eng Äntwert op eng Fro, wann ech eng hei gestallt hunn. Dofir e grousse Merci. Et ass natierlech schwéier Froen ze stellen iwwert eppes wou een guer net weess, dass et do ass, respektiv existéiert. Well wann et net an der Zeitung gewiescht wär, hätt ech dat mol net matkritt gehat. Jo, et war e Minister vun eis do, mee ech gesinn deen och net all Dag. Ech hat en och kuerz eng Kéier drop ugeschwat an hie sot "Jo, dat war". Ech hat och net méi wollte wëssen. Mee wa mir lo musse bei Radio Diddeleng eng Kandidatur schécken fir Fotoen ze maache fir matzekréien, wat do op deem Meeting leeft, dat ka jo lo och net de Wee sinn. Merci.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Ech wëll just eng Kéier hei preziséieren. Also hei ginn elo Saache matenee verglach wéi zum Beispill eng Gemengekommissioun mat engem Sommet Economique. An dat ass net richteg. Dat war och net meng Ausso. Awer ech hu vollst Vertrauen, natierlech, an eis, wa mir an eise Kommissioune sëtzen. Hei geet et awer drëms, ob elo vläicht eng Firma seng finanziell Situatioun op den Dësch leet. Dat ass fir mech eppes anescht. Do gi Saache geschwat, déi awer vläicht méi sensibel sinn. An et ass un deene Leit, fir och matzeschwätzen, wéi wäit an zu wiem se déi Detailer do wëlle ginn. An ech verstinn och, datt een sou Saachen vläicht sou kleng wéi méiglech wëll halen. An dowéinst fannen ech et gutt, wa mir dat iwwert de Schäfferot gewuer ginn. An ech mengen do ass och keng Oppositioun do an och keng Restriktioun. A wéinst menger kann een och reegelméisseg sou Informatiounen austauschen oder sou. Mee iwwert de Schäfferot.

Fir datt mer net do - wéi soll ech soen - also ech fannen et gutt, wa lo sou e Vertrauensverhältnes opgebaut gëtt tëscht de wirtschaftleche Playeren hei an der Gemeng an eisem Schäfferot, an datt déi do an aller Oppenheet dat kënne maachen. An dat Vertrauen hunn ech eeben. A wa mir als Gemengerot, an do zweiwelen ech net datt déi Informatiounen herno jo och heibanne bleiwen, dat ass keen Thema, mee datt dat iwwert de Schäfferot un eis erugetruede gëtt, well dat einfach deene Leit et méi einfach mécht, sech opzemaachen. An dofir fannen ech dat gutt, wann dat am klenge Krees bleift an ech hu vollstent Vertrauen, datt mir déi Informatioune kréien, déi mer gär hätten. A wéi do e Modus vivendi vläicht fonnt gëtt, dat ass dem Schäfferot iwwerlooss. Dofir, ech soen et nach eng Kéier: Ech hu vollstent Vertrauen, mee ech verstinn och, datt do Leit sech och vläicht nëmmen opmaachen, wann dat am ganz klenge Krees gehale gëtt. An dat verstinn ech einfach. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Voilà. Also ech loossen dat einfach net hei am Raum stoen, dass Dir als Majoritéitspartei iergendwéi lech de Monopol gitt, dass Dir diskret sidd, a mir als Oppositioun net. Well, ech zitéieren "Wat mir de Krees méi grouss opmaachen, ass Diskretioun net garantéiert". Wien ass de "mir"? Ass dat d'LSAP? Dat fannen ech jo scho ganz bedenklech. Wat een awer hei vläicht net däerf vergiessen: Mir sinn allen 19 heibanne gewielt als Representant vun Diddeleng. De Gemengerot gëtt gewielt. Aus dem Gemengerot schielt sech e Schäfferot eraus. D'Roll vum Gemengerot ass ënner anerem och, de Schäfferot ze kontrolléieren. Mir kontrolléieren de Budget, mir kontrolléieren wat d'Decisioune vum Schäfferot sinn, mir votéiere mat, mir votéieren net mat.

Ech denken et däerf een net vergiessen: Primär si mir hei allen 19 hei d'selwecht gewielt ginn. A mir leeschten allen 19 en Eed of, ee sou gutt wéi deen aneren, an dat vun der Diskretioun, dass mir hei net diskret kënne sinn, ech soen et lo net, ech hat dat eng Kéier gesot, soss heescht et rëm, ech soen et net, mee ech fannen dat einfach net an der Rei. Ech fannen et ass unter die Gürtellinie, dat ass eis wierklech als inkompetent dohinner gestallt a wéi wa mer eisen Job hei géife lari fari maachen an dann direkt erausgoen. Et ass wéi den Här Meyer gesot huet, mir hu sou vill Diskussiounen am Huis clos, déi och am Huis clos bleiwen. Kommissiounen sinn eng aner Diskussioun, mee hei am Gemengerot, wat hei geschwat gëtt: Mir hu ganz sensibel Dossieren am Huis clos, a mir haten déi och schonn am Huis clos a mir hunn och anerer, an do wäert Dir dach net mengen, dass mir sou topeg sinn an dat erausdroen.

An da fir ze soen "D'Firmaen traue sech net eppes ze soen, wa 4 Männercher vum Gemengerot do dobäi sinn, a 4 gewielte Wieler vum Gemengerot dobäi sinn". Ech gleewen dat net. Ech mengen net, dass do iergend een vun enger Firma gesot huet "Jo mee ech soen lech dat dann awer net". Wann e sensibelen Dossier, ech schwätze lo Liberty Steel zum Beispill un, wann e Problem ass, ech ka mer virstellen, dass déi vläicht mam Här Buergermeeschter eng Entrevue hunn ënner véier Aen. Mee awer net wann en Dësch do ass mat 20 Leit, wa Radio Diddeleng do ass, de City Manager, dee keen Eed huet, Leit vum Geschäftsverband, déi keen Eed hunn, Leit vun eise Servicer, déi och kënne Saachen no baussen droen, déi awer do sëtzen, a mir als gewielte Vertrieder vun den Diddelenger Bierger, déi den Impakt vun eisen Decisiounen, déi jo och en Impakt op d'Geschäftswelt hunn, dat ass virdrun en long et en large expliziéiert ginn, wann Dir eis dann ënnerstellt, dass mir net à même sinn de faire la part des choses, dat fannen ech dat einfach...éierlech... Ech sinn entsat. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Madame Kayser. Madame Ahmedova, an da géif ech d'Ronn zoumaachen an och Stellung dozou huelen.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech wëll lo just am Resumé soen: Et ass net, datt mir dem Schäfferot net trauen, déi Donnéeën 1:1 gewuer ze ginn, mee et muss ee sech awer bewosst sinn, datt hei bannen all Partei aner Sensibilitéiten huet. A mir géife vläicht aner Froe stellen wéi Dir a mir hätte vläicht aner Prioritéiten. Ech soe lo mol, et ass eise Stempel, mee déi nohalteg Entwécklung vun de Betriber. Wéi hëllefe mir do dobäi? Wat sinn d'Besoinen vun den Entreprisen vun eiser Siicht aus? Dofir fannen ech et deemno wéi nach méi wichteg, datt jiddereen dobäi ass, well mer verschidde Sensibilitéiten hunn. An dat mat dem Vertrauen, ech gi lo net nach eng Kéier dorop an. Ech muss soen, ech sinn och schockéiert. An dat wat een legitim sech ka froen: Do souzen Entreprisen, déi deemno wéi a Konkurrenz sinn eng zu där anerer, an déi traue sech do eppes ze soen, an tëschent eis soll do kee Konkurrenzkampf sinn. An déi schwätzen awer trotzdeem. An ech ka mer awer net virstellen, datt déi Entreprisen déi do souzen an einfach hir Ängscht a Suergen do matgedeelt hunn, datt déi do net gewollt sinn, datt aner Parteien mat um Dësch sëtzen. Virun allem: Eis geet et drëms datt et eiser Gesellschaft, eise Bierger, eise Betriber besser geet an datt mer alleguerten an déi richteg Richtung ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci Madame Ahmedova. Gutt, da wäert ech probéieren, och Stellung ze huelen par rapport zum zweete Punkt zu der Motioun, mee effektiv par rapport zum Sommet économique deen elo säit gutt 30 Joer hei zu Diddeleng organiséiert gëtt. De Prinzip ass jo deen, dass den Développement économique net direkt eng Prerogativ ass vun der Gemeng, mee virun allem um nationale Plang, notamment well hei national Industriezonen concernéiert sinn. Dat schléisst awer net aus, dass een als Gemeng déi eng oder aner Initiativ hëlt an dofir ass deemools och de Sommet économique an d'Liewe geruff ginn. Et muss een ëmmer e bëssen den historesche Kontext kucken, firwat dass dat an d'Liewe geruff gouf, tëschent engersäits der lokaler Exekutiv zesumme mat der nationaler Exekutiv. An et ass op deem Niveau, wou et sech och ofspillt.

An deenen Diskussiounen, déi do stattfannen, et ass jo en Austausch, et ass en Echange, do gi keng Decisioune geholl. Ergo spillt och net de Contrôle vum Gemengerot. De Contrôle vum Gemengerot, dat ass richteg, souwuel lokal wéi och national, d'Chamber, d'Regierung ass do fir de Schäfferot ze kontrolléieren. Mee am Sommet économique gi keng Decisioune geholl. Et ass en Echange, et ass en Austausch. Also spillt hei laut dem Gemengegesetz de Contrôle vum Gemengerot absolut net. Et ass am Fong sou eppes wéi eng Aarbechtssëtzung, déi een huet an et ass eng Prerogativ vum Schäfferot. Ech weess dass, dat hunn ech lo hei eraushéieren, et ass net déi éischte Kéier dass hei am Gemengerot de Wonsch ass, dass de Gemengerot dem Schäfferot am Fong an iergendenger Form gläichgestallt gëtt. Or, och do ginn et Ënnerscheeder um Niveau vun den Attributiounen, déi ee jo deementspriechend och soll hunn. Dat par rapport zum Kontext.

Ech hat awer virdrunn nach eppes vergiess ze soen: Herno éier mer iwwer d'Ofstëmmung ginn, misst da vläicht d'Madame Thoma an den Här Meyer kucken, ech hunn d'Madame Thoma virdrun héieren, dass wann de Logo vun der ADR drop gewiescht wär, Dir net géift

mat ofstëmmen. Den Här Meyer huet awer lo d'Prokuratioun vum ADR an e steet mat dodrop. Lo weess ech net op dat elo an der Ofstëmmung, well hie fir d'ADR mat ofstëmmt, sinn déi jo iergendwéi intrinsèquement mat dran. Dir braucht elo net drop ze äntweren.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Här Buergermeeschter, Dir wësst jo awer et ass en Ënnerscheed ob een zesummen eppes ofstëmmt oder ob een zesummen eng Initiativ hëlt.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Ok, dann ass dat och eng Prezisioun. Dann hunn ech dat kloer och héieren als Kloerstellung. Et ass dat wat ech wollt héieren, wéi Dir Iech do positionéiert. Dann ass dat jo pour la forme emol gutt. Dat emol dozou.
Par rapport zu deem wat och do geschwat gëtt: Do gëtt jo mengen ech och e Communiqué gemaach, deen ee ganz gäre kann hei dem Gemengerot och zoukomme loossen. A wa sech an deenen Diskussiounen Saachen erausschielen, wou wichteg sinn fir den Gemengerot, da sinn ech dee Leschten, deen net an de Gemengerot géif kommen a fir mat Iech wëllen eng Diskussioun ze féieren. An deem Kader awer, deen elo de Moment besteet an deen och ze wahren ass.

De Huis clos - Firwat ass den Huis clos do? Do si sécherlech Betriber, déi a Konkurrenz sinn, mee net nëmmen. Mee do gi jo och Diskussioune gefouert an deem Huis clos, bëssi méi sensibel Donnéeën iwwer d'Betriber - ekonomescher Natur, strategescher Natur, nationale Kader, internationale Kader, wou déi Saache gesot ginn, awer och net alles gesot gëtt. Ech mengen, dass dat och deementspriechend legitim ass. Dat heescht, déi Saachen wäerten och am Huis clos bleiwen. An dofir hunn ech och e Problem mat der Motioun, déi Dir hei am Fong deposéiert hutt. Well Dir invitéiert am Fong de Schäfferot, an engem informelle Gemengerot, iwwert déi aktuell an zukünfteg wirtschaftlech Situatioun an Erausfuerderung vun Diddelenger Betriber ze informéieren an op de Huis clos zréckzegräifen, bei deenen Informatiounen, déi net fir d'Ëffentlechkeet geduecht sinn.

Fir déi puer Kéieren wou ech beim Sommet économique dobäi war, appreciéieren d'Entreprisen déi do sinn, d'Dirigeanten, dass mir dee Huis clos hunn, fir dat Vertraulecht, dat Confidentiellt, wat ech lo e bëssen ausgeféiert hunn, fir dorobber kënnen anzegoen. Wa mer deem éischten Invitt géifen zoustëmmen, da géife mer jo haut an ëffentlecher Sëtzung bei der Zoustëmmung vun dësem Tiret am Fong de Message ginn, der Ëffentlechkeet an och dem Dirigeant d'entreprise, awer och dem Wirtschaftsministère, well dee sëtzt jo och mat um Dësch, dee gëtt jo och eng Rei Informatiounen, dass mer déi Elementer, déi sensibeler Natur sinn an déi an engem confidentielle Kader geschwat goufen, soe mer hei an der Ëffentlechkeet, mer ginn déi tel quel weider. Éischtens. Zweetens: Wann ech Iech och hei erausheéieren, mengen ech dass de Prinzip fir e Huis clos, dee gëtt jo agefouert fir e Huis clos ze hunn. Et ass normalerweis eng Séance publique an aus verschiddene Grënn de Huis clos agefouert.

Et ass e bësse befriemend wann een iwwert de Huis clos schwätzt, da seet een an aller Ëffentlechkeet "mir hiewen deen op" an da gi mer einfach dat wat am Huis clos ass, da gi mer dat weider. Mat deem Prinzip hunn ech absolut e Problem. Dir hutt vläicht manner mat deem Prinzip e Problem. Ech hunn awer e Problem domat, dass Saachen aus dem Huis clos, dass mer hei diskutéieren, mer hiewen dat op a mer ginn dat weider. Well dat heescht am Fong dat. An da si sécherlech och déi Entreprisen, op deenen Erfarungswäerter déi mer hunn, sécherlech manner enclin do dat an engem gewëssene Kader ze deelen, wat se bis elo gemeet hunn. Dofir kann ech absolut mat deem dote Volet vun der Motioun net liewen, och net mam zweeten Tiret. Well ech soen et ass eng Prerogativ vum Schäfferot. Et gëtt keng Decisioun geholl. Et ass en Austausch. Et ass tëscht der lokaler an nationaler Exekutiv.

Wat ech mer awer virstelle kann, an ech mengen dat war och eng Diskussioun, déi mer do haten an et ass och eng Invitatioun, déi ech hei un de Gemengerot ginn, well dat sécherlech ganz interessant ka sinn, fir dee wou dann Loscht hunn, matzegoen. Dass mer an deem Kontext vum Sommet économique oder als Prolongement vum Sommet économique, Visite d'entreprise maachen. Wou Dir och ouni Problem, wou mer och de ganze Gemengerot invitéieren. An ech hunn dat och am Kader vum Sommet économique ugeschwat. Do sinn eng ganz Rei Entreprisen, déi favorabel sinn. An do huet een eng Rei Opportunitéiten als Gemengerot. Engersäits, Dir kritt Abléck an Diddelenger Entreprisen a Betriber, wou Der soss ni Abléck hutt. Dir gesitt, wéi déi Betriber funktionéieren, wat se maachen. Dir hutt déi Méiglechkeet, do gi jo da Féierunge gemaach, mat den Dirigeanten, egal wat eng Qualitéit se hunn, Dirigeant d'entreprise, a Kontakt ze trieden. An am Kader och vun deene Visite d'entreprise ganz kloer och Är Froen ze stellen.

An ech fannen dass dat eng Aart a Weis ass, wou een en Abléck, wéi gesot, an eis Diddelenger Industrië kritt, déi natierlech och evoluéiert hunn. Wou Dir en Abléck kritt an déi Aarbecht, déi se maachen, an déi Infrastrukturen a Strukturen, déi se hunn, a wéi gesot, och den Echange in situ ka stattfannen. An een do natierlech och an engem méi klengen Kader och b2b, ganz kloer och op den Zant fillen kann. Natierlech kann herno jiddereen decidéieren, wéi a wat en Iech wëll äntweren. Mee ech mengen, et ass eng privilegéiert Situatioun déi een deementspriechend kann hunn, als Vertrieder vun der Stad Diddeleng, am Kader vun der Visite d'entreprise. Ech mengen dat kann een ulafe loossen. Ech hunn och scho mat eisem City Manager doriwwer geschwat. Dee géif och e bëssen de Rôle iwwerhuelen, fir déi ze organiséieren. Et muss een natierlech och kucken, wat d'Disponibilitéite sinn vun deene Betriber. Et muss een natierlech e Virlaf hunn. Mee voilà, dat ass op alle Fall emol d'Offer, déi vun dëser Plaz aus gemeet gëtt, déi sech am Kader vun den Diskussiounen erausgeschielt huet a wou ech souwisou hei op de Gemengerot hätt wéilten zréckkommen, fir dat ze ënnerbreeden. Voilà, dat ass e bëssen de Kader vun der Diskussioun. Madame Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter. Also ech mengen, Dir hutt eisen Invitt net richteg gelies. Wann Dir sot, mir géifen Saachen déi am Huis clos geschwat gi gären no baussen droen. Et sinn dräi Wieder dran, déi soen, dass dat net sou ass. "an engem informelle Gemengerot, iwwert déi aktuell an zukünfteg wirtschaftlech Situatioun an Erausfuerderunge vun Diddelenger Betriber ze informéieren an op den Huis clos zréckzegräifen, bei deenen d'Informatiounen, déi net fir d'Ëffentlechkeet geduecht sinn.". Also dräimol hu mer drop higewisen, dass mer dat géifen an engem informellen, an engem Huis clos géife maachen. Et ass guer net rieds, dass mer lo mussen eng Pressematdeelung maachen, wat do decidéiert gëtt. An engem informellen, am Huis clos, fir Saachen, déi net fir d'Ëffentlechkeet ze diskutéiere sinn. An dat vun der Diskretioun, ech mengen do wëll ech net méi doriwwer schwätzen.

Ganz sympathesch ass Är Iddi vun de Visitte vun den Entreprisen. Wéi Dir sot 1:1, dass mer da kënne mat de Leit eis austauschen, dat ass sécher interessant. Et muss een awer och soen: Et ersetzt dat anert awer net. Dat ass eng schéi Saach. An et muss een och soen, also ech als Independant, ech hunn déi Zäit net, fir an 20 Betriber an engem hallwe Joer mer fräi ze huelen, fir déi ze besichen. Mee dat ass eng Decisioun, ech hu kee Congé politique an deem Sënn wéi déi aner Leit, mee dat ass eng aner Saach. Mee d'Iddi ass ganz sympathesch.

Mee de Sommet, do hätte mer 20 Leit beienee gehat. An ech huele jo och un, dass déi Leit sech och austauschen an deem Sënn - ech si jo net do, mer kënne jo vläicht Radio Diddeleng froen, wat gesot ginn ass - mee déi tausche sech jo aus an déi hu jo och gemeinsam Doleancen. An dat Gemeinsam ass jo dat wat flott ass. An dofir maacht Dir et jo och. An Dir sot jo och et ass en Austausch, en Echange. Majo, dann deet et jo och kengem wéi, wa mir dobäi sinn. A wéi gesot, wat d'Diskretioun ubelaangt, dat Thema wëll ech lo net nach eng Kéier hei erörteren. Mee mir hunn dat dräi Mol am éischten Invitt stoen: Dass et soll diskret, informell an engem Huis clos sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: An der Ëffentlechkeet decidéiert een, dass een an de Huis clos weidergeet. Ech preziséieren nach eng Kéier dat, wat ech virdrun hei gesot hunn. Ech hunn net gesot, dass mer an enger ëffentlecher Sitzung hei dann doriwwer diskutéieren. Ech sot, mer schwätzen hei an enger ëffentlecher Sitzung, dass mir den Huis clos ophiewen. Dat gëtt hei ëffentlech aktéiert an an engem aneren Huis clos weiderginn. Dat ass eng Nuance. Här Steffen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ass dat da schrëftlech? Däerf ech dat da just soen? Ass do iergendeppes schrëftlech festgehalen, dass dat e Huis clos ass? Déi Diskussiounen, déi Dir hat an et däerf ee jo awer trotzdeem froen, wéi vill vun deenen 20 Betriber, plus Ministère, plus City Manager, plus Geschäftsverband: Wéi vill Leit waren herno am Huis clos? Dat vläicht eng Prezisiounsäntwert, déi vläicht net oninteressant ass.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo genau, ech hat och elo verstanen, effektiv, dass den éischten Invitt am Fong drop rejetéiert géing ginn an där Form, dass ee géing soen, eppes wou virdrun ofgemaach ginn ass tëscht de Leit déi do waren, dass dat net erausgeet, dass een dat net dann awer kann hannert Wieder goen an erausdroen. Dat versteet sech vum selwen. Dat heescht, ech géing am Fong proposéieren trotzdeem dann am éischten Invitt iergendwéi eppes festzehale vun deenen Donnéeën, déi gesot gi sinn, wou net sou sensibel sinn a wou ëffentlech am Fong destinéiert waren, fir erauszegoen. Fir dass mer einfach en Abléck awer e bësse kréien, wou de Bols da graff am Allgemengen ass.

D'Madame Kayser huet och mat weiderféierende Froen, awer trotzdeem legitim Froen lo nach opgeworf, déi ronderëm deen dote Sommet waren. Lo ass eigentlech eng Geleeënheet verpasst ginn, hannert déi Mauer vun deem Huis clos ze kommen, well effektiv wann ee sech d'Wuert drop gëtt, „dat do geet hei net eraus", da fannen ech et och richteg, dass een do net kann dohannert goen a Saachen an engem weideren Huis clos erausdroen, déi ofgemaach waren, dass se géingen an der éischter Ronn einfach bleiwen. Vläicht wier et jo do méiglech, iergendwéi den éischten Invitt dann sou ze veränneren, dass een zumindest op deen ëffentlechen Deel, respektiv op den Deel vun der Participatioun a wéi dat ofgelaf ass, dass een do vläicht kéint déi Informatioune kréien.

A bei deem zweeten Invitt, do sinn ech och bei der Madame Kayser. Ech fannen dat extreemst interessant fir kënnen déi Visitten do ze maachen an den Entreprisen. Mee effektiv, wann een et héichrechent fir an all déi doten Entreprisen ze goen, dat ass awer vun engem Zäitopwand, wou dat anert éischter de Quick Win wier a wou een hätt kënnen dann do op den Terrain matgoen, wou et sech uneegent. Sou, ech relativéieren dat awer och direkt, fir net dass et eriwwerkënnt wéi wa mer net wéilten do zréckgräifen als Déi Gréng op déi dote Propos: Ech ka mer jo virstellen, dass een dat e bëssen op eng länger Durée dann stretcht, dass ee lo net, ech soe lo, an Zäit vun 3 Méint, 20 Betriber kucke geet, mee dass een dat vläicht e bësse sou an engem gesonde Mooss mam City Manager kéint kucken, wéi een dat kéint am Equiliber mam Beruffsliewen awer dann organiséieren.

Wat awer och erëm net heescht, dat do ass eng ganz flott komplementar Propos a mengen Aen, et kéint ee jo theoretesch d'Format upassen dass ee vläicht seet, OK, do ass den éischten Deel, deen ass reservéiert fir de Schäfferot. Dat ass dann och kloer verständlech fir eis, dass do en Deel ass wou gesot gëtt "OK dat do ass do wou d'Betriber dann gären wëllen drop zréckgräifen, dass dat mam Schäfferot stattfënnt". Nichtsdestotrotz kéint jo dann en zweeten Deel si wou ee seet, do ass dann de Gemengerot dobäi. Ech mengen Dir hutt och Schäfferotssëtzunge wou mir net dobäi sinn a Gemengerotssëtzungen wou mer dann dobäi sinn, wou mer déi Informatioune kréien, déi eis dann zoustinn a wou mer dann an deem zweete méi ëffentlechen Deel dann kéinten déi Froe stellen, déi eis uewe leien an dann, wann e Betrib net wëll drop äntweren

oder wann et en Dossier ass, wou net kann driwwer geschwat ginn, drop ka verwise ginn, dass dat lo net d'Plaz ass fir déi Froen ze stellen.

Dat heescht dass een d'Format am Fong kéint upassen vun deem nächste Sommet, dass et am Fong eiser Demande kéint gerecht ginn an och Är Besoinen géing erfëllen als Schäfferot. Ech mengen do wiere jo Kompromëssléisungen ze fannen tëscht deem wat et elo ass, deem wat mir fuerderen, do gëtt et jo eng Mëtt déi sou grouss ass wéi Diddeleng warscheinlech. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Ech mengen déi Saachen, déi ëffentlech gemeet ginn, dat leeft jo iwwert e Communiqué dee mer preparéiert hunn an do sinn alleguerten déi Saachen dran, déi der Ëffentlechkeet bestëmmt sinn. Voilà. Wéi gesot, sou wéi d'Motioun hei proposéiert ass, kann een net doriwwer positiv ofstëmmen. Et kann ee ganz gären nach eng Kéier iwwert de Modus kucken. Ech géif awer lo proposéieren: Dir hutt hei eng Motioun presentéiert, wat jo och ganz legitim ass. Ech géif proposéieren, dass mer lo heiriwwer, hei sinn déi Texter, sou wéi Dir dat formuléiert hutt, sou wéi mer d'Diskussiounen driwwer haten, driwwer ofstëmmen. A mir kucken dann als Schäfferot en vue vun engem nächste Sommet économique, wéi mer dee wëllen organiséieren.

Mee ech soen: Et ass eng Prerogativ vum Schäfferot an ech wëll och gären do meng Latitüd als Buergermeeschter halen fir ze kucken deen ze organiséieren zesummen. Mir organiséieren deen net eleng. Mir organiséieren dee mat den Entreprisen a mir organiséieren dee mam Wirtschaftsministère, respektiv mam Aarbechtsministère. Dat heescht och de Format, sou wéi en organiséiert gëtt, ass mat deenen enk ofgestëmmt. Dofir kann ech sou wéi et hei steet, net matdroen. Wann Dir un en anert Format denkt, da muss een natierlech och mat deene Partneren dat ofklären.

Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott vun dëser Motioun eriwwerginn. ***Wien ass fir dës Motioun? Dat sinn natierlech d'Stëmmen vun Déi Gréng, DP, Déi Lénk an d'CSV. Wien ass dogéint? D'LSAP.***

Wéi gesot, mir klären mat de Partner, ënner wéi enge Konditioune mer deen dote Format aneschters gestalte kënnen. Well ech ka fir d'Dirigeants d'entreprise a fir de Wirtschaftsministère net schwätzen.

# 17. FROEN UN DE SCHÄFFEN-A GEMENGEROT

**Fro vun déi Lénk iwwer d'Organisatioun vum Schwammen an Turnen ronderëm de Strutzbierg**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géife mer op den nächste Punkt iwwergoen. Dat si Froen. Et sinn eng Rei Froen erakomm. An déi éischt Fro war Ordre du jour-méisseg wéi se rakomm sinn, vun deene Lénken, iwwer Strutzbierg. Normalerweis ass de Prinzip dass wann e Conseiller eng Fro stellt, dass den zoustännege Schäffin/Schäffen d'Fro à l'essentiel resuméiert an dann eng Äntwert gëtt.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP) – 2. SCHÄFFIN: Da géif ech direkt ufänken mat der Fro déi am Fong vun deene Lénken rakomm ass, iwwert Strutzbierg an d'Organisatioun vum Schwammen an Turnen ronderëm de Strutzbierg, well jo d'Hal net opgaangen ass. Ech géif op déi eenzel Froen agoen an lech dann och déi néideg Äntwerte ginn.

Déi éischt Fro war: Ab wéini war et dem Schäfferot bewosst, datt de Sportkomplex Strutzbierg net géing mat Zäite fir de 15. September fäerdeg ginn? Ech kann dozou eng ganz kloer Äntwert ginn: Ier d'Gebai ofgeholl gëtt, gëtt ëmmer en Etat des lieux gemaach a bei deem Etat des lieux ass festgestallt ginn, datt verschidde Mängel wären an och eng kleng Fuite am Baseng. Dëst si mir dann direkt gewuer ginn. Ech muss awer soen datt et do schonn Ufank September war, wéi mer dat gewuer gi sinn. Wéi ass déi Fuite bemierkt ginn? Ma am Ufank gëtt de Baseng net komplett mateneen opgefëllt. Dee gëtt ëmmer no an no opgefëllt.

A beim leschten Opfëllen ass bemierkt ginn, datt eng Fuite wär. Dat si mir awer och réischt dunn Ufanks September gewuer ginn. Mir hunn dunn och direkt den Expert ageschalt. Ech menge bei sou Saachen muss een direkt ëmmer en Expert an en Avis vum Expert huelen. Et ass och esou datt mer wollte wëssen, ob mer de Baseng rëm missten eidel lafe loossen. Ech mengen alles dat ass sur place gekläert ginn. A mir hunn dat dann och vum Expert confirméiert kritt, datt et net noutwenneg wär, de Baseng rëm eidel lafen ze loossen. Mee ze waarden bis 25 an der Summervakanz, well do ginn d'Basengen jo souwisou ëmmer eidel gemaach, fir Entretiensaarbechten. Dat wousste mir och net vill éischter. De Moment waarde mer nach op déi definitiv Receptioun, déi awer lo haut nach net virläit, mee déi soll awer kommen.

Dann: Firwat stoungen déi Zäitplagen an der Schwämm vum Centre Sportif Hartmann an den Turnhalen vun anere Schoule vun de Kanner, vun deenen d'Kanner wärend de leschte Jore konnte profitéieren, net méi fir d'Schoul Strutzbierg zur Verfügung, bis ganz sécher war, datt de Sportskomplex fäerdeg wär a kéint genotzt ginn? Et ass relativ einfach: Firwat stoungen déi net méi zur Verfügung? Ma well de Service des sports am Juni d'Schwammpläng kritt vun eis, vun do ënne vum Service Enseignement, a si dann natierlech d'Schwammpläng ausschaffen. Do stoungen och Pla-

gen, déi eigentlech méi waren, duerch d'Ouverture vum Strutzbierg. Déi konnten dem Lycée zur Verfügung gestallt ginn, sou dass si och méi konnte schwamme goen an och dovunner profitéieren. Datt de Schwammplang net eréischt ausgeschafft gëtt, wann d'Schoul ugeet, oder kuerz virdrun, dat muss jidderengem ze verstoe sinn. Net nëmmen de Service de sports hänkt drun, de Service Enseignement, et hänken e ganze Koup Leit drun: d'Schwammmeeschteren, d'Portieren, déi néideg Transporter, de Service nettoyage, sou dass och dat huet misste programméiert ginn an déi Pläng dann ausgeschafft ginn.

"Profitéiere vun den Turnhalen" schreift Dir, Madame Thoma, dass een dat och am Fong hätt kënne vun aneren Turnhalen. Ech muss soen, dat ass ëmmer nëmmen eng Iwwergangsléisung an ech mengen datt kee frou ass, keng Schoul frou ass, wa se op eemol muss de Bus huelen, fir an eng aner Schoul gefouert ze ginn an do kënnen zwar ze Turnen, mee nach ass dat ëmmer verlueren Zäit, well se musse jo dann hin an hir. Et ass eng riseg Organisatioun. A prinzipiell: Wann ee weess, datt op sengem Site eng Turnhal opgeet, da geet een net hin an et seet een ech fueren do an eng aner Turnhal. Dann nach eng lescht Saach déi ech awer wëll soen: Et ass ni eng Diskussioun ginn, datt de Strutzbierg sollt opgoen. Och mir wousste: Et war ganz kloer, de Strutzbierg geet op, mir kënnen dohinner turne goen, mir kënnen dohinner schwamme goen. Dat heescht mir hunn och zu kengem Zäitpunkt e Plang B gemaach, well mer ganz kloer waren, datt de Strutzbierg fir d'Rentrée géif opgoen.

An dann "Wier et net besser gewiescht, dës Plagen fir d'Rentrée vum neie Schouljoer reservéiert ze loossen, fir op Nummer sécher ze goen, dass all d'Kanner vum Strutzbierg kënnen turnen a schwamme goen"? Neen. Och do: Ech wëll Iech awer d'Erklärung ginn: An der Turnhal oder am Strutzbierg, am Hartmann ass net nëmme mir vum Fondamental, also d'Gemeng mat de Kanner vum Fondamental, mee och de Lycée. A wann ee weess wéi d'Stonnepläng vum Lycée ausgeschafft ginn an do net nëmmen een Intervenant ass, kann een net soen "lo kucke mir mol". Dat heescht mir hunn dat scho geplangt, well do ganz vill Leit involvéiert ginn an dofir war et och esou, dass mer dee Plang gemaach hunn an och do déi Plagen net fräigehalen hunn. Dat ass emol fir de Lycée. An och do, wéi ech virdru scho gesot hunn, do hänke ganz vill aner Saachen drun, och den Enseignant muss kënne seng Stonnepläng maachen. Dee kritt jo och de Schwammplang oder den Turnplang. Och do mécht deen de Stonneplang ronderëm. An en plus, nach eng Kéier, ech wëll dat soen: Mir haten ëmmer d'Confirmatioun, datt de Komplex géif opgoen.

Dann 4. "Ass et richteg, datt keng Léisung konnt fonnt gi fir d'Kanner aus dem C1 zumindest deelweis ze erméiglechen, fir de Strutzbierg deelweis erméigleche vun hire Sportsstonnen ze profitéieren?" Dat ass ganz richteg. Ech ginn Iech do och Rescht. De Strutzbierg, mir hu keng Léisung fonnt fir den C1. Dat kann ee soen "Jo Dir hätt jo awer kënnen op aner Turnhalen zréckgräifen". Do muss ech soen, dat hätt am Fong näischt changéiert. Mer hätten de Kanner déi Turnen hätten, an engem anere Gebai hätte mer missten Plagë wech-



huelen, fir dat de Strutzbierg hätt kënnen turne goe mam C1. Ech mengen, dat hätte mer net sou kéinte maachen. Da wëll ech awer soen, datt den C1 ganz vill profitéiert vu Bëschsortien. Dir wësst, datt mer Bëschsortië maachen. Dat wäerte mer och elo erëm maachen. Dat sinn all Kéiers Aktivitéiten, déi zwou Stonnen daueren. Da wëll ech awer eng Kéier déi Chiffere soen vun 2023/24: 24 Klassen vu méiglechen 38 hu vun deene Sortie profitéiert. Ech mengen, dat ass awer eppes wou se sech kënne beweegen an der Natur. De Buerféisswee hu mer nach opgelooss an och de Kannerwanderwee an och d'Cité Jardiniaire stinn hinnen zur Verfügung fir déi kuerz Zäit.

An da schreift Dir: "Ab wéini ass domadder ze rechnen, dass all d'Kanner vun der Schoul Strutzbierg reegelméisseg kënnen turnen a schwamme goen?". Et ass esou datt den C2-4 Strutzbierg, dee geet schonn ab dem 18.9. turnen. Dat ass eng Rekordzäit wann ee bedenkt, datt déi ganz Ëmännerunge komm sinn a bannent dräi Deeg do konnt reagéiert ginn. Do e grousse Merci och un de Service Enseignement. Bustransporter sinn direkt organiséiert ginn. Wat ganz flott awer ass, an do wëll ech deenen anere Schoule Merci soen, si ginn an d'Lenkeschléi, Ribeschpont oder Butschebuerg turnen. D'Schoule selwer hunn do gesot: "Voilà, mir änneren eis Pläng da liicht ëm, sou datt Dir kënnt turne goen". Och hinnen e grousse Merci. Also sou datt den C2-4 all Woch turne ka goen, awer leider net schwammen. Wat awer och nëmme fir eng kuerz Zäit wäert sinn. Eng Klass allerdéngs huet Gléck. Vum Strutzbierg den C2, dee ka schwamme goen. Do war eng Plage fräi am Hartmann, déi hunn direkt dovunner profitéiert. Dat hänkt natierlech dovunner of, ob den Titulaire och dann déi Méiglechkeet huet.

Ab der Ouverture, do gi se dann all dohinner. Wat awer ganz wichteg ass: Et ass lo net sou, datt d'Schwamme verluer geet. Et kënnt es bäi. Bis elo si mer ëmmer nëmmen zweemol schwamme gaangen. Dat ass elo net méi sou. Se wäerten elo kënnen dräimol schwamme goen. Iwwert e ganzt Joer gekuckt si bis sinn elo d'C1-Kanner 12x schwamme gaangen. Lo wären et der 18 gewiescht. Duerch déi 3 Wochen wou mer verléieren, hu se awer 15 Plagë wou se kënne schwamme goen. Dat ass awer scho ganz vill. Dat sinn der schonn 3 méi wéi déi Jore virdrun. Trotzdeem, et deet et mer jo leed, datt et net opgeet. Mee mir selwer kënnen net vill dorunner änneren.

Ech wëll awer zum Schluss, wéi ech gesot hunn, ech sinn och net frou, datt dat dote virkomm ass mam Gebai. Dat weess een awer net, dat sinn Inconvenien-

ten, a mir hunn ni domadder gerechent. Ech mengen awer datt Der wësst, hei zu Diddeleng an dat weess jiddereen deen hei banne sëtzt, datt mir ganz ganz vill Suen an de Schoulsport investéieren, datt mer ganz vill Halen a Schwämmen zur Verfügung stellen. Dir hutt gëschter gelies, datt net all Gemeng déi Chance huet, datt et och do Gemenge ginn, wou iwwer Joren guer kee Schwammen ass. Dofir, wéi gesot: Jo gutt, et ass e Retard. Direkt de 4. November no der Schoulvakanz wäerten d'Receptioune gemaach ginn. A wa mer dann de Go kréien natierlech vu Luxcontrol, da wäert déi Schwämm och de 4. opgoen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries, fir d'Äntwerten op déi Froe vun der Madame Thoma.

**Fro vun déi Lénk par rapport zum Impôt foncier**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Da géif ech weiderfueren. Dat ass déi zweet Fro, och vun déi Lénk, vun der Madame Thoma, par rapport zum Impôt foncier. Wann ech déi Fro hei kucken, Dir stellt eng ganz Rei Froen. Et sinn 12 Froen. Et sinn am Fong 11 Froen an an enger Fro sinn zwou Ënnerfroen. Mir hunn déi dote Froen e Méinde kritt. Do hu mer just dräi Deeg Zäit. Bei 12 Froen maachen eis Servicer näischt anescht wéi dann op d'Froen ze äntweren. Dat heescht mir wäerten op déi heite Froen äntweren, mee schrëftlech. Dat heescht hei, innerhalb vun där kuerzer Zäit. Wann elo de Prinzip vun där heite Fro, wéi Dir der Madame Di Bartolomeo-Ries se gestallt hutt, iwwert de Strutzbierg. Wann et Froe sinn, an ech wëll dat hei nach eng Kéier kloerstellen, vun der Envergure. Dir stellt tëscht 3 a 5 Froen, ech mengen dat ass e bëssen de Spektrum, do kënne mer ouni Problem hei ëffentlech drop äntweren. Mee bei 12 Froe wäerte mer dat da schrëftlech maachen. Da kritt natierlech och de ganze Gemengerot, wéi mir hunn dat scho bei enger anerer Fro gemeet hu vun der CSV, d'Äntwert, respektiv gëtt dann och an de Buet publizéiert, sou wéi dat sech gehéiert, fir dass et och déi néideg Publicitéit huet. Dat war par rapport zur Fro vun der Madame Thoma.

**Fro vun déi gréng zu der oppener Schwämm**

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Dann hunn och nach Déi Gréng eng Fro gehat.

LORIS SPINA (LSAP) – 1. SCHÄFFEN: Merci Här Buergermeeschter. An der nämmlechter Logik, Dir hutt et nach getoppt, d'Kolleeginne vun deene Gréngen. Déi lescht Muppe si knapps eraus aus der Schwämm a lo kréie mer hei schonn eng Batterie mat 14 Froen. Deementspriechend behale mer - d'Froe si vläicht kleng, mee d'Äntwerte si méi grouss a méi laang - deementspriechend géife mer dann och schrëftlech äntweren, sou wéi et och elo scho vum Buergermeeschter ugedeit gouf bei de Froe vun deene Lénken.

DAN BIANCALANA (LSAP) – BUERGERMEESCHTER: Villmools Merci. Dann wäre mer elo zum Schluss vun eiser Séance publique ukomm a mir géife lo an den Huis clos iwwergoen. •

# ANNEXES

## FRO VUN DÉI LÉNK
**par rapport zum Impôt foncier**

Un de Buergermeeschter an de Schäfferot
Gemeng Diddeleng

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären aus dem Schäfferot,

Den Aarmutsrisiko geet zu Lëtzebuerg ëmmer méi an d'Luucht an e groussen Undeel dorun huet de Logement an de Mangel u bezuelbarem Wunnraum. Am Joer 2022 hunn iwwer 15% vun de Menage méi wéi 40% vun hirem Revenu misse fir d'Wunnen ausginn.1 Zu Diddeleng ass d'Situatioun net besser. De gréissten Undeel u finanziellen Hëllefe vum Office social betrëfft hei de Logement.[2]

Gläichzäiteg bréngt d'Logementskris och Gewënner mat sech. Verschidden Etudë vum Observatoire de l'habitat weisen, dass d'Bauland am Besëtz vun enger klenger Minoritéit läit.[3] Zu Diddeleng ass dëst Phänomen ganz besonnesch recherchéiert an nogewisen, sou dass d'Chercheure vun enger "détention dynastique du foncier" schwätzen.[4]

Et schéngt evident, dass des "oligopolistesch Struktur", wéi d'CSL se nennt[5], muss opgebrach ginn, well se de Proprietären erlaabt, Bauland aus Spekulatiounsgrënn zeréckzehalen an esou d'Logementspräisser kënschtlech an d'Luucht ze drécken.

De Schäfferot verweist an dësem Kontext gären op den nationale Projet vun der Reform vun
der Grondsteier an der Aféierung vun enger Mobiliséierungssteier. Dovun ofgesinn, dass dëse
Projet säit sengem Dépôt virun 2 Joer nach ëmmer drop woart, gestëmmt ze ginn6, ass de
kuerz- a mëttelfristegen Impakt vun dësem Projet och immens zweifelhaft.[7]

An deem Kontext hu mer follgend Froen a bieden Iech, déi an der nächster Sëtzung vum Gemengerot ze beäntwerten:

1. Ass de Schäfferot mat der Analys d'accord, dass d'Konzentratioun vum Bauland op e puer privat Besëtzer problematesch ass an d'Logementskris weider verschäerft?

2. Deelt de Schäfferot eis Meenung, dass kuerzfristeg muss agegraff gi fir d'Situatioun ze entschäerfen, d'Spekulatioun op eidelem Bauland ze bekämpfen an d'Logementskris ofzeschwächen?

3. Ass de Schäfferot der Meenung, dass de Projet de loi 8082, sollt en dann deemnächst gestëmmt ginn, ambitiéis genuch ass, fir d'Situatioun an den nächste puer Joren ze verbesseren?

4. Ass de Schäfferot der Meenung, dass d'Logementskris eleng op nationalem Plang kann a soll geléist ginn oder dass d'Gemengen och an dësem Sënn Instrumenter zu hirer Verfügung hunn?
5. Am 2. Fall, wéi eng Instrumenter sinn dat?

Als déi Lénk si mer der Meenung, dass op all Niveau muss geschafft gi fir d'Spekulatioun an domat en Haaptgrond vun der Logementskris ze bekämpfen. Aus deem Grond hate mer an der Sëtzung vum 26. Oktober 2023 eng Motioun agereecht fir den taux communal vum impôt foncier, catégorie B6 op eidelem Bauland fir d'Joer 2024 op 4000% ze erhéijen, wéi dat zB zu Schëffleng schonn de Fall ass. Dës Motioun gouf mat de Stëmme vun der LSAP, der DP an der ADR ofgeleent.

6. Deelt de Schäfferot eis Meenung, dass eng Erhéijung vum impôt foncier, catégorie B6 d'Proprietäre ka motivéieren, hiert Bauland ze viabiliséieren oder ze verkafen?

7. a) Falls jo, firwat hëlt en d'Decisioun, des Steier all Joer nëmme liicht ze erhéijen, amplaz eng ambitiéis Erhéijung duerchzesetzen, déi och eng politesch Symbolkraaft hätt?
b) Falls nee, firwat gëtt déi Steier dann all Joer liicht erhéicht?

8. Wéi een Impakt op d'Recette vun der Gemeng hätt et gehat, wann déi uewe genannte Motioun ugeholl gi wier?

9. Kann de Schäfferot eis soen, wéi vill verschidde Proprietären (personnes physiques et morales) zu Diddeleng en impôt foncier, catégorie B6 am Joer 2023 ze bezuelen haten?

10. Kann de Schäfferot eis soen, wéi grouss d'Gesamtfläch u Bauland zu Diddeleng ass, fir déi en impôt foncier, catégorie B6 am Joer 2023 verrechent ginn ass?

11. Fir déi 5 Proprietären, déi am meeschte Grondsteier, Kategorie B6 am Joer 2023 verrechent kruten, kann de Schäfferot eis eng Oplëschtung maachen, wéi grouss d'Fläch vum Bauland jeeweils woar, dat dës Proprietäre mam Taux B6 besteiert kruten, a wéi ee finanziellen Impakt et fir si gehat hätt, wann den taux communal vum impôt foncier, catégorie B6, am Joer 2023 bei 4000% geleeën hätt?

An Erwaardung op Är Äntwerte verbleiwen ech mat beschte Gréiss,

Carole Thoma
Gemengeréitin déi Lénk

—

[1] CSL : Panorama social 2024
[2] Office social Dudelange : Rapport d'activités 2022
[3] Observatoire de l'habitat : Notes 22, 29 et 32
[4] https://www.land.lu/page/article/163/336163/FRE/index.html
[5] CSL : Avis sur le budget provisoire 2024
[6] https://www.chd.lu/fr/dossier/8082
[7] CSL : Avis sur le Projet de loi n°8082

**ÄNTWERT VUM SCHÄFFEROT**

Madame,

D'Fraktioun « Déi Lénk » huet den 30. September 2024, am Virfeld vun der aberuffener Gemengerotssitzung vum 4. Oktober 2024, eng Unzuel vu Froen un eise Schäfferot adresséiert an Zesummenhang mat der Logementskris an der Grondsteier. Op Grond vun der grousser Unzuel vun 11 Froen déi gestallt goufen huet eise Schäfferot vun der Dispositioun vum Gemengegesetz a vum Règlement interne vum Gemengerot Gebrauch gemaach fir schrëftlech op dës Froen ze äntweren.

*Fro 1: Ass de Schäfferot mat der Analys d'accord, dass d'Konzentratioun vum Bauland op e puer privat Besëtzer problematesch ass an d'Logementskris weider verschäerft?*

Äntwert
Am Kader vun enger rezenter wëssenschaftlecher Analyse vum Fuerschungsinstitut LISER huet sech erausgestallt, dass an engem historesche Kontext, d'Konzentratioun vun Terrainen insgesamt, ob bebaubar oder net, an der Hand vun e puer Privatbesëtzer ass.

Dës Situatioun ass effektiv problematesch, mais verschäerft u sech haut net d'Logementskris. An dëst well aktuell zu Diddeleng schonn eng ganz Rei vun neie Lotissementer sech ganz aktiv an der Planung befannen, à savoir virop d'Frichen NeiSchmelz, an dann och d'PAP NQ A Belleg, PAP Citroën (route de Luxembourg), PAP Ribeschpontergiecht (Feldstrooss), PAP Helper (Emely), PAP Acomé (route de Luxembourg), PAP route de Kayl.

En ze vill séiert a konzentréiert Ëmsetze vun de PAP NQ plus d'Bebaue vun all den direkt bebaubaren Terrainen, muss och aktiv gesteiert ginn, fir datt déi entspriechend ëffentlech Infrastrukturen (Assainissement, Schoulen, Maisons relais, Crèchen a besonnesch och den Transport) kenne passend geplangt, ëmgesat, spréch finanzéiert an och ënnerhale ginn.

*Fro 2: Deelt de Schäfferot eis Meenung, dass kuerzfristeg muss agegraff gi fir d'Situatioun ze entschäerfen, d'Spekulatioun op eidelem Bauland ze bekämpfen an d'Logementskris ofzeschwächen?*

Äntwert
Fir d'Spekulatioun ze bekämpfen an d'Logementskris ofzeschwächen ass et wichteg dass de Staat zesumme mat de Gemengen Initiativen ënnerhuelen.

*Fro 3: Ass de Schäfferot der Meenung, dass de Projet de loi 8082, sollt en dann deemnächst gestëmmt ginn, ambitiéis genuch ass, fir d'Situatioun an den nächste puer Joren ze verbesseren?*

Äntwert
De Projet de loi 8082, esou wéi en deposéiert gouf, an deen aktuell an der legislativer Prozedur ass, ass eng adequat Äntwert fir d'Situatioun ze verbesseren.

*Fro 4: Ass de Schäfferot der Meenung, dass d'Logementskris eleng op nationalem Plang kann a soll geléist ginn oder dass d'Gemengen och an dësem Sënn Instrumenter zu hirer Verfügung hunn?*

Äntwert
D'Logementskris brauch den Apport vum Staat, de Gemengen, de privaten an ëffentleche Baudréier.

*Fro 5: Am 2. Fall, wéi eng Instrumenter sinn dat?*

Äntwert
E wichtegt Instrument ass Gesetz relativ zu den "Aides à la pierre", déi de Gemengen, am Respekt zum Cahier de charges vum Logementsministère, e Subside kann ausstellen an der maximaler Héicht vu 75%. Dëst ass wichteg fir weider abordabele Wunnraum ze schafen.

Dobäi kommen och nach d'Dispositioune vum Artikel 29bis vum Pacte logement 2.0 iwwert deen obligatoresch neien abordabele Wunnraum entsteet, dee vun der Gemeng oder ëffentleche Baudréier verwalt gëtt.

*Fro 6: Deelt de Schäfferot eis Meenung, dass eng Erhéijung vum impôt foncier, catégorie B6 d'Proprietäre ka motivéieren, hiert Bauland ze viabiliséieren oder ze verkafen?*

Äntwert
D'Erhéijung vum impôt foncier, Kategorie B6, eleng, als Mesure "Stand alone" geet net duer.

*Fro 7: a) Falls jo, firwat hëlt en d'Decisioun, des Steier all Joer nëmme liicht ze erhéijen, amplaz eng ambitiéis Erhéijung duerchzesetzen, déi och eng politesch Symbolkraaft hätt? b) Falls nee, firwat gëtt déi Steier dann all Joer liicht erhéicht?*

Äntwert
b) Säit 2020 ass den Taux vum B6, graduell a proportional, vun der grousser Majoritéit vum Gemengerot, vun initial 600% op 1400% fir d'Joer 2025 eropgaangen. Dëst hëlleft, an enger Gesamtstrategie, weider den Drock vis-à-vis vun de Proprietären héich ze halen, wëssend dass d'Valeur vum Terrain, historesch op 1941 geschat gëtt, an déi nei Valeuren an de neien PAG'e verankert sinn. Och dofir ass de Projet de loi 8082 esou wichteg, well hei eng nei Bewäertung vun den Terraine virgeholl gëtt, fir eng gerecht Grondsteier kënnen opzehiewen.

*Fro 8: Wéi een Impakt op d'Recette vun der Gemeng hätt et gehat, wann déi uewe genannte Motioun ugeholl gi wier?*

Äntwert
2024 ginn am B6 Grondsteier fir 48'146,80- € verrechent, bei engem Taux communal vu 4000% wären et 160'491,50- € gewiescht.

*Fro 9: Kann de Schäfferot eis soen, wéi vill verschidde Proprietären (personnes physiques et morales) zu Diddeleng en impôt foncier, catégorie B6 am Joer 2023 ze bezuelen haten?*

<u>Äntwert</u>
2023 waren et 91 Proprietäre fir 157 Terraine.

*Fro 10: Kann de Schäfferot eis soen, wéi grouss d'Gesamtfläch u Bauland zu Diddeleng ass, fir déi en impôt foncier, catégorie B6 am Joer 2023 verrechent ginn ass?*

<u>Äntwert</u>
2023 sinn déi 157 Terraine op 9ha 65a 27ca opgedeelt.

*Fro 11: Fir déi 5 Proprietären, déi am meeschte Grondsteier, Kategorie B6 am Joer 2023 verrechent kruten, kann de Schäfferot eis eng Opléschtung maachen, wéi grouss d'Fläch vum Bauland jeeweils woar, dat dës Proprietäre mam Taux B6 besteiert kruten, a wéi ee finanziellen Impakt et fir si gehat hätt, wann den taux communal vum impôt foncier, catégorie B6, am Joer 2023 bei 4000% geleeën hätt?*

<u>Äntwert</u>

| Proprietäre | Fläch | IF 2023 | IF 2023 à 4000% |
|---|---|---|---|
| 1 | 81,82 Ares | 3'345,00- € | 13'380,00- € |
| 2 | 69,77 Ares | 4'425,00- € | 17'700,00- € |
| 3 | 33,42 Ares | 1'199,60- € | 8'200,00- € |
| 4 | 32,16 Ares | 1'494,00- € | 5'976,00- € |
| 5 | 23,15 Ares | 1'536,00- € | 5'748,00- € |

Mat beschte Gréiss,
Fir de Schäfferot vun der Stad Diddeleng,
de Buergermeeschter, Dan Biancalana
de Gemengesekretär, Patrick Bausch

**FRO VUN DÉI GRÉNG**
**zu der oppener Schwämm**

Un den Här Buergermeeschter an un de Schäfferot vun der Stad Diddeleng

Här Buergermeeschter, Dir Damme Schäffinnen, Dir Häre Schäffen,

Am Numm vun déi gréng Diddeleng biede mir Iech an der nächster Gemengerotssitzung zu follgende Froen zur oppener Schwämm Stellung ze huelen. Op dëser Plaz ass et eis wichteg ze betounen, dass et eis bei dëse Froe virun allem drëms geet en objektiven Abléck op de Bilan vun der Saison ze kréie punkto Gestioun, Sécherheet, Offall a Buvette.

D'Muppeschwammen de 15. September huet de Closing vun der Saison 2024 vun der oppener Schwämm bedeit. An deem Kader wollte mir froen:

- Wéi ass d'Saison vun der oppener Schwämm dëst Joer ausgefall a punkto Entréeë par Rapport zu de leschten 2 Saisonen, wëssend, dass d'Wieder dëst Joer tendenziell méi onbestänneg war?
- Wéi ass d'Muppeschwammen a punkto Entréeën ausgefall par Rapport zum leschte Joer?

Am Taxe-Reglement ass d'Gratuitéit vun de Kanner bis 12 Joer fir d'oppe Schwämm agefouert ginn. Dëst huet eng breet Zoustëmmung fonnt an huet och nach ëmmer eis vollst Ënnerstëtzung ma esou wollte mer froen:

- Wat huet dës Gratuitéit d'Gemeng kascht par Rapport zu de Saisonen 2022 an 2023? Wéi vill gratis Entréeë waren 2024 insgesamt ze verzeechnen?

Wat bei all ëffentlechen oppene Schwämme landeswäit en Thema ass, ass d'Sécherheet vun de Notzer:
1. wat d'Anhale vum Schwämme-Reglement mat Hëllef vun interne Ressource betrëfft;
2. wat déi allgemeng Sécherheet, respektiv d'Accidenter ugeet, wou op extern Hëllef (CGDIS/Police) huet mussen zréck gegraff ginn.

Eis Froen heizou si follgend;
- Wéi konnt garantéiert ginn, dass sech un déi bestoend an affichéiert Reegele gehale ginn ass?
- Op wéi eng Manéier sinn d'Schwammmeeschtere personell ënnerstëtzt ginn? Mer denken hei un den Asaz vun eventuelle Studente respektiv enger externer Sécherheetsfirma. Vu wéi enger personeller Envergure schwätze mer? Haten dës Acteuren eng spezifesch Formatioun, e.a. am Beräich vun der éischter Hëllef?
- Wéi oft misst de CGDIS wéinst Tëschefäll geruff ginn? A wéi oft misst op d'Ënnerstëtzung vun der Police zréck gegraff ginn?
- Envisagéiert de Schäfferot fir déi nächst Saison eng Rei Ännerungen/Upassungen an der Organisatioun, resp. der Surveillance?

Am Kontext vum Offallkonzept vun der Stad Diddeleng wollte mir froen:
- Ass virgesinn, den Offall an Zukunft iwwert en Trennsystem anzesammelen, mat spezielle Behälter fir de Reschtoffall, de Pabeier, d'Glas an déi organesch Offäll?
- Envisagéiert de Schäfferot, e Pfandsystem (op Becheren/Fläschen) beim Verkaf vu Gedrénks an der Schwämm anzeféieren? Dëst fir Offallvermeidung respektiv e bessere Recycling ze garantéieren.

Zu der Buvette, an eis beruffend op de Gemengerot vum 26.05.2023, wollte mir wëssen:
- Ass de Gymnase Group nach ëmmer den aktuellen Exploitant vun der Buvette an der oppener Schwämm?
- Am Contrat de Bail steet e flexibele Loyer. Wéi vill Loyer misst den Exploitant dëst Joer pro Mount bezuelen?
- Och gouf am genannte Gemengerot op Nofro vun déi gréng gesot, dass een d'Messagë vum "nohaltege Catering" dem Exploitant wéilt mat op de Wee ginn. Eis falen do Krittären (bio - lokal/regional - fairtrade - Müllvermeidung - Gesondheet - vegan/glutefräi Alternativen) an, wou mer froe wéilten a wéi wäit d'Offer bis ewell un en nohaltege Catering konnt ugepasst ginn a wat déi nächst Schrëtt sinn?

An der Erwaardung vun Ärer Äntwert verbleiwe mer mat beschte Gréiss,

| | |
|---|---|
| Semiray Ahmedova | Yves Steffen |
| conseillère communale | conseiller communal |

## ÄNTWERT VUM SCHÄFFEROT

Madame, Monsieur,

D'Fraktioun « Déi Gréng » huet den 30. September 2024, am Virfeld vun der aberuffener Gemengerotssitzung vum 4. Oktober 2024, eng Unzuel vu Froen un eise Schäfferot adresséiert an Zesummenhang mat der oppener Schwämm. Op Grond vun der grousser Unzuel vu 14 Froen déi gestallt goufen huet eise Schäfferot vun der Dispositioun vum Gemengegesetz a vum Règlement interne vum Gemengerot Gebrauch gemaach fir schrëftlech op dës Froen ze äntweren.

*Fro 1a: D'Muppeschwammen de 15. September huet de Closing vun der Saison 2024 vun der oppener Schwämm bedeit. An deem Kader wollte mir froen: Wéi ass d'Saison vun der oppener Schwämm dëst Joer ausgefall a punkto Entréeë par Rapport zu de leschten 2 Saisonen, wëssend, dass d'Wieder dëst Joer tendenziell méi onbestänneg war?*

<u>Äntwert</u>

| Année | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|
| Total des visiteurs | 33'161 | 26'501 | 32'129 |
| Entrées gratuites (< 6ans) | 6'228 | 5'381 | / |
| Entrées à 1,- € (tarif familial) | 507 | 416 | / |
| Entrées gratuites (< 12ans) | / | / | 9'701 |

*Fro 1b: Wéi ass d'Muppeschwammen a punkto Entréeën ausgefall par Rapport zum leschte Joer?*

<u>Äntwert</u>
2024 sinn um Muppeschwammen 275 Muppen gezielt ginn. 2023 sinn Muppeschwammen ronn 500 Muppe gezielt ginn. D'Wieder war dëst Joer natierlech net esou gutt ewéi d'lescht Joer. Trotzdeem waren d'Kolleege vum Déierenasyl ganz zefridden a géingen sech freeë bei enger weiderer Editioun nees dobäi ze sinn.

*Fro 2: Am Taxe-Reglement ass d'Gratuitéit vun de Kanner bis 12 Joer fir d'oppe Schwämm agefouert ginn. Dëst huet eng breet Zoustëmmung fonnt an huet och nach ëmmer eis vollst Ënnerstëtzung ma esou wollte mer froen: Wat huet dës Gratuitéit d'Gemeng kascht par Rapport zu de Saisonen 2022 an 2023? Wéi vill gratis Entréeë waren 2024 insgesamt ze verzeechnen?*

<u>Äntwert</u>
2024 hu mir 9'701 gratis Entréeën verrechent, wuelwëssend datt Eltere mat Poussettë keng Entrée fir de Bëbee agedroe kruten (idem déi Jore virdrun). D'Eltere mat Poussettë ginn duerch eng separat Dier era gelooss. Recette pro Entrée ass duerch gratis Entréeën vum Joer 2023 op 2024 ëm 20 Cents erof gaangen.

*Fro 3a: Wat bei all ëffentlechen oppene Schwämme landeswäit en Thema ass, ass d'Sécherheet vun de Notzer: 1. wat d'Anhale vum Schwämme-Reglement mat Hëllef vun interne Ressource beréfft; 2. wat déi allgemeng Sécherheet, respektiv d'Accidenter ugeet, wou op extern Hëllef (CGDIS/Police) huet mussen zréck gegraff ginn. Eis Froen heizou si follgend: Wéi konnt garantéiert ginn, dass sech un déi bestoend an affichéiert Reegele gehale ginn ass?*

<u>Äntwert</u>
Virun der Ouverture vun der oppener Schwämm gëtt eng Reunioun tëschent de Gemengenservicer, der Sécherheetsfirma déi d'Kontrollen duerch féiert an der Police organiséiert. Hei ginn déi verschidde grondleeënd Principe nach eemol diskutéiert. D'Sécherheetsfirma déi fir d'Kontroll virun der Dier an och innerhalb vun der Schwämm zoustänneg ass, kritt sämtlech Informatioun iwwert d'Reegelen déi mussen agehale ginn an e Katalog mat de jeeweilege Reegelen a Biller vun den Obligatiounen. Dëst kann de Visiteuren zu all Moment gewise gi fir d'Verständlechkeet.

*Fro 3b: Op wéi eng Manéier sinn d'Schwammmeeschtere personell ënnerstëtzt ginn? Mer denken hei un den Asaz vun eventuelle Studente respektiv enger externer Sécherheetsfirma. Vu wéi enger personeller Envergure schwätze mer? Haten dës Acteuren eng spezifesch Formatioun, e.a. am Beräich vun der éischter Hëllef?*

<u>Äntwert</u>
D'Sécherheetsfirma ass engagéiert fir d'Kontroll vun der Leit virun der Dier ze maachen. Hei stinn bei wärmeren Deeg bis zu 4 Leit zur Verfügung. Nieft der Kontroll virun der Dier garantéieren och nach 2 Sécherheetsleit gläichzäiteg d'Sécherheet an der Schwämm. D'Sécherheetsfirma ass zoustänneg fir datt hir Leit forméiert sinn. Dëst Joer koum et zu kengem gréissere Virfall. Diskussioun iwwert d'Reegelen an der Schwämm sinn net ze evitéieren. D'Ekippen an der Schwämm konnten dës zu all Moment geréieren. Fir d'Waasserobsiicht gouge fir déi gesamte Perioden 10 Studenten engagéiert, déi Alleguerten am Besëtz vun engem 2. Rettungsbrevet si fir dës Aufgaben ze erfëllen. Hei gehéiert en éischt Hëllefcours dobäi. Déi jeeweileg Studente schaffen an engem 3 Woche Rhythmus.

Zousätzlech ginn och nach Studenten engagéiert déi sech ëm d'Kees vun der oppener Schwämm bekëmmeren. Hei gi fir d'Periode virun der grousser Vakanz 6 Studenten engagéiert déi kënnen agesat gi wa se gebraucht. Dëst sinn ëfters Studente bei deenen d'Uni am Mee/Juni scho fäerdeg ass.

*Fro 3c: Wéi oft misst de CGDIS wéinst Tëschefäll geruff ginn? A wéi oft misst op d'Ënnerstëtzung vun der Police zréck gegraff ginn?*

<u>Äntwert</u>
Insgesamt goufen et 5 Interventioune wou eng Ambulanz huet misste geruff ginn. D'Police huet 1 mol misste geruff ginn an huet 1 mol aus eegener Initiative eng Präsenz gewisen.

*Fro 3d: Envisagéiert de Schäfferot fir déi nächst Saison eng Rei Ännerungen/Upassungen an der Organisatioun, resp. der Surveillance?*

Äntwert
D'Organisatioun huet u sech gutt geklappt wat awer net verhënnert dass punktuell Upassunge kënne virgeholl ginn.

*Fro 4a: Am Kontext vum Offallkonzept vun der Stad Diddeleng wollte mir froen: Ass virgesinn, den Offall an Zukunft iwwert en Trennsystem anzesammelen, mat spezielle Behälter fir de Reschtoffall, de Pabeier, d'Glas an déi organesch Offäll?*

Äntwert
Et ass virgesin fir d'Saison 2025 eng Tri-Statioun an der Schwämm opzestellen. Aktuell stinn iwwert déi ganz Wiss schwaarz Poubelle well d'Erfarung weist, dass d'Visiteuren sech selte fortbeweege fir hiren Offall ze entsuergen.Verwende vu Glas ass an der Schwämm verbueden.
*Fro 4b: Envisagéiert de Schäfferot, e Pfandsystem (op Becheren/Fläschen) beim Verkaf vu Gedrénks an der Schwämm anzeféieren? Dëst fir Offallvermeidung respektiv e bessere Recycling ze garantéieren.*

Äntwert
Den Exploitant vun der Buvette ass verpflicht de Pfandsystem vun der Gemeng ze benotzen. Fir hei weidere Feedback vum Exploitant ze kréien ass en Debriefing tëschent dem Service des Sports an dem Gymnase Group virgesinn.

*Fro 5a: Zu der Buvette, an eis beruffend op de Gemengerot vum 26.05.2023, wollte mir wëssen: Ass de Gymnase Group nach ëmmer den aktuellen Exploitant vun der Buvette an der oppener Schwämm?*

Äntwert
De Gymnase Group ass nach ëmmer Exploitant vun der Buvette. De Kontrakt gouf stillschweigend opgrond vu sengem Artikel 2 verlängert.

*Fro 5b: Am Contrat de Bail steet e flexibele Loyer. Wéi vill Loyer misst den Exploitant dëst Joer pro Mount bezuelen?*

Äntwert
Bei 32'129 Visiteure bezilt den Exploitant fir Joer 2024: 1'998,75- € (1'950- € plus eng kontraktuell Erhéijung vun 2,5% op den 1. Mee).

*Fro 5c: Och gouf am genannte Gemengerot op Nofro vun déi gréng gesot, dass een d'Messagë vum "nohaltege Catering" dem Exploitant wéilt mat op de Wee ginn. Eis falen do Krittären (bio - lokal/regional - fairtrade - Müllvermeidung - Gesondheet - vegan/glutefräi Alternativen) an, wou mer froe wéilten a wéi wäit d'Offer bis ewell un en nohaltege Catering konnt ugepasst ginn a wat déi nächst Schrëtt sinn?*

Äntwert

Et gëtt mam Exploitant gekuckt wéi hie säi Catering kéint opstelle fir dëser Ufro gerecht ze ginn dëst am Aklang mat senger kommerzieller Exploitatioun. En Debriefing tëschent de Gemengeservicer an dem Exploitant gëtt ëmmer no der Saison gemaach.

Mat beschte Gréiss,
Fir de Schäfferot vun der Stad Diddeleng,
de Buergermeeschter, Dan Biancalana
de Gemengesekretär, Patrick Bausch •



BIBLIOTHÈQUE

# VENTE DE LIVRES • BICHERVERKAF

### Le Cadeau de Noël parfait !

Vous êtes intéressé·e à l'histoire de Dudelange ? Comment, par exemple, ce village s'est transformé en une importante ville industrielle ?
Notre bibliothèque vous a préparé une sélection idéale de livres photos, de bandes dessinées et d'autres ouvrages intéressants à mettre d'urgence sous le sapin.

### De perfekte Cadeau fir Chrëschtdag!

Dir sidd interesséiert un der Geschicht vun Diddeleng? Wéi z. B. aus engem klengen Duerf eng wichteg Industriestad gouf? Eis Bibliothéik huet fir Iech eng flott Selektioun u Fotosbicher, BD'en an aneren interessante Publikatiounen fir ënnert de Beemchen zesummegestallt.

### Heures d'ouverture/Ouvertureszäiten

| | |
|---|---|
| Ma/Dë | 9:00-11:30 & 14:00-18:00 |
| Me/Më | 14:00-17:00 |
| Je/Do | 9:00-11:30 & 14:00-18:00 |
| Ve/Fr | 13:00-17:00 |
| Sa | 9:00-11:30 & 14:00-17:00 |

Découvrez les 14 livres sur Dudelange à vendre à la Bibliothèque / Net manner wéi 14 Bicher iwwer Diddeleng kritt dir an der Bibliothéik ze kafen:

- Gefaangen an der Diddelenger Geschicht: Band 1
- Gefaangen an der Diddelenger Geschicht: Band 2
- Cache oder Mënz?
- La Bibliothèque publique régionale de Dudelange : le Centenaire (1921-2021)
- Dudelange: gëscht an haut
- Centenaire Diddeleng: 1907-2007
- Livre du Cinquantenaire de la Ville de Dudelange (1907-1957)
- Düdelingen, Garnisonsstadt 1945-1946
- Düdelingen, vom Dorf zur Stadt
- Chronique familiale de la Ville de Dudelange depuis 1645 (2 tomes)
- Dudelange : passé et présent d'une ville industrielle tome 1 + tome 2
- Düdelinger Chronik II (Band 2)
- Ville de Dudelange : Portrait d'une ville

*Le collège des bourgmestre et échevin·es / De Buergermeeschter- a Schäff*innerot*
*Dan Biancalana, bourgmestre / Buergermeeschter*
*Loris Spina, Josiane Di Bartolomeo-Ries, René Manderscheid, Claudia Dall'Agnol, échevin·es / Schäff*innen*

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

BIBLIOTHÈQUE PUBLIQUE RÉGIONALE DE DUDELANGE

24 rue du Commerce,
L-3450 Dudelange
T 51 61 21-250
bibliotheque@dudelange.lu
www.bibliodudelange.lu